SÉANCE 13

MERCREDI,
16 DÉCEMBRE 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);
3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;
4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;
5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;
6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;
9) le Code de la sécurité sociale;
10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019

- *Discussion générale: M. Claude Wiseler (interventions de M. Eugène Berger et M. Gast Gibéryen), M. Eugène Berger, M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen (interventions de Mme Viviane Loschetter), M. David Wagner*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Pierre Gramegna, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op a mer fueren de Mëtteg weider mat eisen Aarbechten, mat den Diskussiounen iwwert de Budget, well ech jo dovun ausginn, dass d'Regierung zënter de Moie keng Matdeelung ze maachen huet.

Plusieurs voix.- Neen, Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Keng, déi mer net scho wëssen. Da géife mer weiderfuere mat de mandatéierte Spriecher zu dem Projet de loi iwwert de Budget 2016 an iwwert déi pluriannuel Finanzplanung. Als éischten ageschriwwene Riedner fir de Mëtteg huet d'Wuert de Fraktiounschef vun der CSV, den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

2. 6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);

3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;

6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;

9) le Code de la sécurité sociale;

10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015 - 2019

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, just den Här Wiseler huet d'Wuert!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, mir komme lues a lues aus der Kris eraus, européesch, d'weltwäit Ekonomie gëtt besser. Mä trotzdeem, wann ee genau hikuckt, da gesäit een, datt nach ëmmer eng extrem grouss Fragilitéit se charakteriséiert an datt eng grouss Virsiicht gebueden ass.

Mir hunn eendräivéirel Prozent Croissance an der Eurozon fir 2016 virgesinn. Mä mir haten awer och scho vun där Croissance eng Révision à la baisse, déi de leschte Mount gemaach ginn ass. Eis Nopeschlänner, an haaptsächlech Däitschland, si momentan de Motor vun der EU, an de PIB, dee wiisst tëschent 2015 an 2016 an Däitschland ëm 2%.

Eng besser Situatioun, mä eng ganz Rei Risquen. Risquen, déi och ze determinéiere sinn an déi kloer sinn. Mir hu momentan Pëtrolspräisser, déi extrem déif sinn: 40 Dollar de Barrel. Wann een dat vergläicht mat 2011, 2012, wou mer bei 120 Dollar de Barrel waren, an et weess een, wat am Moyen-Orient lass ass, da weess een och, datt dat ka vun engem Dag op deen aneren anescht ginn.

Mir hu méi e klenge Wuesstum a China, wéi dat a sech virgesi war. D'Boursse ginn doméinst erof. Och do e grousse Risque. Mir hunn eng Kris mat Russland. Mir hunn also och Froen an Europa iwwert d'Energieversuergung an domat eng ganz Rei innereuropäesch Tensiounen. Mir hunn a mir haten, a mir hunn nach ëmmer deelweis, eng Griichenlandkris, iwwert déi zwar momentan net méi geschwat gëtt, mä wou een nach ëmmer de Suivi muss maachen, wéi wäit ee Land aus der Eurozon aus där Kris erauskënnt.

Mir hunn aner Länner an Europa, déi et och nach net definitiv gepackt hunn a wou ee muss kucken, wéi déi nei Politicken, déi an deem engen oder deem anere Land ëmgesat ginn, dann elo och schlussendlech gräifen a wat fir eng Konsequenze se hunn.

Mir hunn eng Situatioun am Mëttleren Osten, charakteriséiert vu ganz groussen Instabilitéiten, deelweis Terrorismus mat senge Konsequenzen. Zum Beispill och Konsequenzen, datt Grenzen zougemaach ginn, notamment och hei tëschent Frankräich a Lëtzebuerg, wat och ekonomesch Konsequenzen huet.

Mir hunn eng Refugiéskris mat finanzielle Konsequenzen, déi haut nach schwéier anzeschätze sinn. Mir haten och eng Kris bei „Volkswon", zum Beispill, wou mer och déi wirtschaftlech Konsequenzen nach net kënnen aschätzen.

Dës kuerz Exkursioun an d'Weltpolitik, fir am Fong ze soen, datt mer grouss exposéiert sinn...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...no baussen, an datt och eng grouss Instabilitéit momentan eis kennzeechent. Mir brauchen haut, an ech soen dat ganz kloer, mir brauchen haut eng Politik, déi bereet ass, op Krisen... déi e Stresstest och géif packen, wann dann ee géif gemaach ginn, an déi sech d'Moyene gëtt, fir reaktiv ze sinn, fir Reaktioune kënnen ze weisen.

Haut soen, et wier alles an der Rei; haut soen, et wier keng Zäit méi, fir sech Suergen ze maachen, wär, mengen ech, e grousse politesche Feeler! Mir sinn zäitweileg aus der Kris eraus. Mir liewen an engem äusserst riskanten Ëmfeld. Mir hunn eng Rei strukturell Erausfuerderungen, och hei zu Lëtzebuerg. An eis Marge de manœuvre, déi mer hunn, déi ass enk. A mir mussen déi laangfristeg Strukturreformen ugoen. Ech kommen duerno nach dorobber zréck.

Lëtzebuerg spiert kräfteg déi Verbesserunge vun der européescher Weltsituatioun. Mir hu momentan e PIB, dee fir 2014 op 4,1% positiv, fir dëst Joer 2015 an 2016 op 3,2 an 3,4% ageschat ass. Et muss een et vergläiche mat deene Croissance-Tauxen, déi mer an der leschter Legislaturperiod haten, wou mer et zum Beispill fir 2009 mat minus 5,3% ze dinn haten; fir 2012 mat minus 0,2%; fir 2013 mat plus 2%; dat heescht, e ganz anere wirtschaftleche Kontext ewéi virun dräi, véier Joer.

A wann ee Politicke matenee vergläicht, wéi deen een an deen aneren dat och amgaang ass ze maachen, da muss een déi Politicke vergläichen, andeem ee se an den ekonomesche Kontext zrécksetzt, deen deemools war, an deen, deen haut ass, an déi ganz anescht sinn!

Haut gesi mer, datt mer méi Recetten am Budget 2015 hunn. Nei, onerwaarte Recetten. Wann ee kuckt fir 2015, d'Taxe d'abonnement, déi eropgeet 2015 ëm 110 Milliounen; 2016 virgesinn ëm 150 Millioune supplementar. Mir hunn och nei Recetten, well mer eng ganz Rei, oder well d'Regierung eng Rei nei Steieren agefouert huet, zum Beispill den Impôt de rééquilibrage budgétaire temporaire, 2015 80 Milliounen; 2016 plus 100 Milliounen. Et gëtt mat supplementare Recetten an der Administration centrale vun 820 Milliounen Euro gerechent.

Dat bréngt de Finanzminister a senger initialer Ried an och haut de Moien dozou, ze soen, datt et e Budget ass, deen e presentéiert huet, e Budget vun der Kontinuitéit, vun der Zouverlässegkeet, vun der Solidaritéit.

Déi Zuelen, déi ech genannt hunn, doen hie bestätegen, datt en um richtege Wee ass. An e seet, datt déi Moossname vum Zukunftspak hir Friichten droen, an e seet och, datt mer eisem Zil géife méi no kommen, d'Statsfinanzen ze saméieren an datt mer mat grousse Schrëtt no vir ginn.

De Finanzminister huet och an deene leschte Wochen a Méint eng grouss Tournée duerch d'Land gemaach, mat owes ganz ville Versammlungen, déi um Radio all Kéiers grouss annoncéiert gi sinn, fir de Leit och ze erklären, datt mer stabill Statsfinanzen hätten, datt mer sécher Statsfinanzen hätten an datt am Fong bal alles an der Rei wär.

Ech wéilt e puer vun deenen Aussoen hannerfroen an ech wéilt eng aner Analys, en anert Liicht op déi Zuele werfen.

D'Regierung behaapt, datt mer e strukturell positivt Resultat vun 0,5% hätten. Mir sinn „on track", gëtt gesot. Mir hätten an deenen nächste Joren all Joers eis européesch Zilsetzunge gesat, déi 0,5% positiv sinn, als Objectif à moyen terme. De Solde structurel gëtt virgerechent 2015 0,7; 2016 0,6 a bis zu 2019 0,5%. An domat hätte mer alles erreecht a mir wäre jo, no der Bréisseler Zensur, déi mer ausgestallt kritt hunn, absolutt an total an der Rei.

An et huet sech awer développéiert eng grouss Fro ëm déi Rechemethod, mat där mer da behaapten, et wär alles an der Rei; eng grouss Diskussioun iwwert de Solde structurel. Ech weess, datt dat eng komplizéiert technesch Matière ass, mä trotzdeem!

Wat mech wierklech stéiert, dat ass, datt mer feststellen, datt fir dee Solde structurel ze rechnen, dee mer dann op Bréissel schécken, déi Method, mat där de Solde structurel gerechent gëtt, an deene leschte Joren e puermol changéiert huet. Am Projet de budget pluriannuel 2014 hate mer d'Kommissiounsmethod a fir de Plan de stabilité et de croissance avril 2014 war et eng Statecs-Method. An der Mise à jour vum Budget 2015 a vum Pluriannuel war et och eng Statecs-Method. Am PSC war et eng aner. An elo si mer erëm op d'Kommissiounsmethod zréckkomm.

Ech liese bei dem Conseil national des finances publiques am Fréijoer 2015, dat heescht, net dësen Avis, mä deen Avis scho virdrun, wou de CNFP seet: «Le CNFP tient à relever l'absence de continuité en ce qui concerne le calcul du solde structurel. Il demande aux autorités compétentes de choisir une approche unique, d'expliquer ce choix et de réserver par la suite une application cohérente.» (veuillez lire: «Le CNFP tient à relever l'absence de continuité en ce qui concerne le mode de calcul du solde structurel. Il demande aux autorités compétentes de choisir une approche unique et de l'appliquer de manière cohérente.»)

Iwwert dës Method huet de Statec ganz kloer gesot, datt déi Method, déi vun der Kommissioun développéiert gi wär, net sech géif uerdentlech a korrekt applizéieren op e Land mat der Gréisst wéi Lëtzebuerg. En explizéiert d'Schwieregkeeten, fir déi Method vun der Kommissioun op Lëtzebuerg ze applizéieren.

An am Pluriannuel vun 2015, wann een dee liest, da gesäit een, datt d'Regierung déi Explikatioune vum Statec suivéiert a seet: „Mir kënnen net déi Method vun der Kommissioun huelen, well se net sënnvoll ass fir Lëtzebuerg, a mir huelen déi vum Statec."

Et steet do: «Le recours à cette méthode a été retenu par le Statec comme étant celle qui correspond le mieux à la réalité de notre pays.» An d'Regierung explizéiert dat esou a mécht dat och esou. Dat ass dann och okay.

Elo gesi mer, datt mer 2016 awer ouni Explikatioun op eng aner Method zréckkommen. Mir soen awer net, firwat! Ee Joer virdru seet d'Regierung, d'Statecs-Method wier fir Lëtzebuerg déi richteg. Ee Joer duerno, ouni Explikatioun, hëlt se awer ganz einfach eng aner Method. An dat mécht natierlech all Vergläich onliesbar.

An trotzdeem gëtt et awer an den Tableaue matenee verglach. Firwat? Kee wëllt et am Fong richteg soen. Keen traut sech. Mä den Avis vun der CNFP, deen ass kloer: Well et soss,

wann een déi al Method geholl hätt, aner Resultater gi wären, a well dann och d'Regierung net d'Méiglechkeet gehat hätt, mat där aler Method déi Konklusiounen ze zéien, déi se elo momentan wëllt aus deem Budget zéien.

An et ass och ganz interessant ze wëssen, wat dann erauskomm wär. Wann déi Method vum leschte Joer, déi déi richteg war, vum Statec a vun der Regierung unerkannt déi richteg, wann déi op dëse Budget applizéiert gi wär, dann hätte mer näämlech net déi Resultater kritt, déi haut an d'Vitrinn gestallt ginn!

Am Solde structurel wär dann 2015 net 0,7, mä 0,2 erauskomm; 2016 net 0,6, mä 0,3; 2017 net 0,3, mä minus 0,1; 2018 net 0,5, mä 0,2 an 2019 net 0,5, mä 0,3. Dat heescht an anere Wierder: Mir wären all déi Joren - all déi Joren! - ënnert dem Objectif à moyen terme gewiescht, deen awer dee vu Lëtzebuerg ass. An dofir soen ech: Déi Method konnt d'Regierung net uwennen, well soss wären d'Resultater net déi gewiescht, soss wären d'Resultater net déi gewiescht, déi se gär gehat hätt!

An ech mengen, fir mech ass awer, ouni Explikatioun einfach e Methodewiessel, einfach soen: „Elo maache mer d'Rechnung emol ganz anescht, well d'Resultater mat der aler Rechnung eis net méi passen.", fannen ech total inakzeptabel. Et ass net transparent. Et ass net novollzéibar an et ass am Fong en Zuelegeschummels ouni Erklärung, wat inakzeptabel fir mech ass.

Ech hunn och an enger parlamentarescher Fro hei an der „question time" de Finanzminister gefrot, ob en da bereet wär, esou wéi de CNFP, de Conseil national des finances publiques et da suggeréiert, iwwert déi Method ze diskutéieren an eng Kéier ze kucken, ob mer dann net gemeinsam eng aner, eng uerdentlech Method géife fannen, wou jiddweree sech kéint accordéieren. An do ass mer gesot ginn, texto: „Dat wär net opportun." An et ass sech op d'Kommissioun beruff ginn, fir u sech déi Debatt definitiv ofzeschléissen, an et gouf ganz sec gesot, dat wär am Fong dat Richtegt. An all déi Avisen an déi Methoden an déi Propositioune vun dem Conseil national des finances publiques sinn einfach ënnert den Dësch gekiert ginn.

Ech wëll just drun erënneren, datt deen Avis vun dem CNFP net egal wat fir een Avis vun egal wat fir engem konsultative Gremium ass! Hei gëtt gesot: „D'Kommissioun, dat ass dat Wichtegt, déi gëtt eis eng Zensur, an de Rescht ass net wichteg."

Esou ass et awer net! Kuckt d'Gesetz vum 12. Juli 2014 iwwert d'Gouvernance financière! Do sinn op Basis vun europäeschen Décisiounen u sech zwee Typpe vu Kontrollen dragesat ginn. Dat eent ass deen europäesche Contrôle, op dee sech elo baséiert gëtt. An dat Zweet, dat ass en nationale Contrôle op Basis vum Artikel 3 vum Traité. An déi sinn equivalent considéréiert! Et kann een also net soen: „Deen een ass dee richtegen a fir deen aneren interessééieren ech mech net."

Souwuel d'europäesch Direktive wéi eist Gesetz gesinn dat als equivalent un. An et ass souguer an der europäescher Intentioun gewiescht, eng Kontroll méi no beim Terrain ze maachen, well et do méi sënnvoll ass, fir e Suivi vun de Politicken um Terrain kënnen ze maachen, wéi wann dat a Bréisseler Büroe gemaach gëtt.

Dofir ass et fir mech onverständlech, datt dat einfach esou ënnert den Dësch gekiert gëtt! Well de CNFP ass per Gesetz vum 12. Juli 2014 chargéiert, fir d'Surveillance vun dem Respekt vun de Regelen ze maachen a fir och eng Evaluatioun vun de Previsiounen ze maachen, déi de Budget a senger Programmatioun an deenen nächste Joren huet, fir all aner Evaluatioun ze maachen. Et ass eng gesetzlech Flicht, fir dat ze maachen!

Dëst offiziellt, gesetzlecht, independent Gremium gëtt also offiziell dëser Regierung en Avis op Basis vum Gesetz vun 2014. A wat seet deen Avis? Wat seet deen Avis? Deen Avis seet, datt u sech tëschent 2015 an 2019 e Risque de non-conformité an all deene Joren do ass, all Joer net konform sinn zu dem Objectif à moyen terme, no der Method, déi dann de CNFP als richteg empfënnt an de Statec och, an zweetens, an dat fannen ech gradesou grav, datt e Risque de déclenchement vun de Méchanismes de correction 2016, 2017, 2018 an 2019 géif bestoen, dat heescht, eng Obligation légale, fir Rectificatiounen am Budget ze maachen.

A wat seet en nach? E seet och nach, datt déi zwielef Regelen, déi am Gesetz festgeschriwwe sinn, déi muss e Pluriannuel beinhalten, fir datt e konform ass no den europäeschen, mä awer och no de Lëtzebuerger gesetzleche Kritären; datt vun deenen zwielef Kritäre just der fënnef konform sinn - fënnef konform! - a siwen entweder guer net oder nëmme partiellement conforme. Vun zwielef just fënnef! Siwen net konform!

Ass dat normal? Ass dat normal, datt d'Regierung sech net un dat hält, un déi Prescriptiounen, déi am Gesetz stinn an déi se am Fong muss anhalen, fir e Pluriannuel opzesetzen? Ass dat normal? An datt dann net reagéiert gëtt an näischt gemaach gëtt? An en Avis, deen de Finanzministère dann zréckschreift, wann en dem CNFP soll äntwerten - liest deen emol eng Kéier, fir déi, déi et nach net gemaach hätten! -, do steet awer nu wierklech guer näischt, guer näischt dran! An do kann ee strictement näischt erauszéien!

An dann, wat nach méi grav ass, seet de CNFP och, datt am Pluriannuel éischtens de Montant maximal des dépenses misst fixéiert ginn, fir all Joer - wat net gemaach gëtt! -, an zweetens freet en, datt och eng Explikatioun misst dra sinn - an dat ass eng vun deene Regelen, déi net konform sinn - iwwert d'Effekter vun den Zukunftspolitiken op laang Échéance, wat dat also fir de Budget bedeit. Do entsprécht also och d'Zesummestellung vum Budget absolutt net de Kritären, fir kënnen iergendeppes Seriöes aus deem Budget ze schléissen.

Ech hunn dann och déi Äntwert vum Här Finanzminister gelies. Hien hëlt Notiz vun deem, wat de CNFP seet. Hie kritiséiert de Conseil an e seet am Fong: „Et ass mer egal, well d'Realitéit ass dat, wat d'Kommissioun seet." Esou ass et awer net! Ech mengen, domadder ignoréiert en de Sënn vum Gesetz vum Juli 2014 iwwert d'Gouvernance financière. En ignoréiert de Sënn vun deem, wat europäesch als Kontrollsystem ofgemaach ass. An ech fannen dat net akzeptabel fir e Finanzminister, well just e politescht Spill gemaach gëtt. D'Realitéit ass egal. Et gëtt hei eng Kuliss ganz einfach opgebaut.

Elo kann ee soen: Dat do sinn alles theoretesch Kritären. Et interesséiert kee Mënsch an et muss een op aner Kritären zréckgräifen. Ech iwwerleeën: Firwat ass dann esou e Pluriannuel iwwerhaapt gutt? Firwat ass dëse Mechanismus iwwerhaapt gemaach ginn?

Dee Mechanismus ass europäesch gemaach ginn, an och zu Lëtzebuerg gemaach ginn, well mer jo ganz einfach gär eng Prévisibilitéit hätte vun deem, wat an deenen nächste Jore geschitt. Mir géife gär wëssen, andeem mer e Pluriannuel hunn, wéi déi Politicken, déi haut gemaach ginn, sech an deenen nächste Jore budgetär a finanziell ëmsetzen, fir méi Prévisibilitéit vun den Dépensen, datt een déi Dépensen och evaluéiere kann. Dat mécht och Sënn. An dat mécht och Logik.

Just hei, wéi et elo gemaach gëtt, am Pluriannuel weiderzeschreiwen dat, wat d'existent Situatioun ass, an dann déi eenzel Artikele ganz einfach op hir normal Progressioun an e Pluriannuel anzeschreiwen, an déi grouss, elo schonn annoncéiert a gewosste Politicken net dranzeschreiwen, dat mécht jo esou, datt dee ganze Pluriannuel iwwerhaapt kee Sënn mécht. Et kann ee strictement näischt domadder ufänken!

An de CNFP rectifiéiert och alles, wat net drasteet. Zum Beispill den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire ass dra beinhalt, mä e leeft bis 2018/2019. Et gëtt awer haut scho gesot, dee géif 2017 ofgeschaaft ginn. Dat ass mat den eenzelne Sozialpartner ofgemaach. Déi Recettë ginn awer monter weidergefouert bis 2019. Jo, wat fänken ech dann domadder un, mat esou engem Budget?!

D'Acquisitioun vun engem Militärfliger fir 200 Millioune fir 2019 ass einfach net dran. D'Steierreform ass net dran. D'Dépensë fir d'Gratuitéit vun de Crèchë sinn net dran. D'Dépensë fir bilingual nei Systemer an de Crèchë sinn net dran. Supplementar Dépensë fir de Congé parental sinn net dran. Eng komplett an zäitgerecht Ëmsetzung vum Spuerpak, an ech kommen duerno nach dorop zréck, ass hei och net dran. E Coût supplémentaire zum Beispill fir d'Flüchtlingen ass och net dran.

Ech hu gelies, de Finanzminister, deen an der „Welt" vum 26. November 2015 erkläert, datt: „Die nationalen Haushalte werden mehr gefordert sein.", fir déi Budgeten och esou ze maachen, datt kann op déi Flüchtlingskris geäntwert ginn. Ech stelle fest, datt 25,5 Millioune supplementar fir d'Strukturen dra sinn, an datt e Budget vun 20 Milliounen dran ass, fir a sech déi Leit och hei ënnerzebréngen, liewen ze loossen.

Ech liesen dann d'Estimatioune vun der Banque centrale, déi sech deem Problem do eng Kéier ugeholl huet an déi seet, datt no normalen Estimatiounen, esou wéi een elo déi Situatioun aschätzt, et net 20 Millioune sinn, mä mindestens tëschent 70 an 90 Milliounen, wann d'Situatioun esou weidergeet, wat dat Ganzt kascht.

Alles dat ass awer net am Budget beinhalt iwwert déi nächst Joren. A wann een dat zesummenzielt, da ginn dat awer extrem seriö Zommen, ëm déi et hei geet!

Elo hu mer an der Chamberskommissioun da gefrot: Jo, wat kënnt dann elo an de Pluriannuel stoen? Wat gëtt ageschriwwen a wat gëtt net ageschriwwen? An d'Äntwert war: Et gëtt nëmmen dat ageschriwwen, wou Gesetzestexter déposéiert sinn, an dat ass nach ëmmer esou gemaach ginn, och wéi bei där Regierung virdrun. Dat war déi Äntwert, déi mer kruten.

Elo wéilt ech Iech just soen, déi Regierung virdrun huet a sech an deem hei Sënn keng Pluriannuelle gemaach, well 2014 ass d'Obligatioun vun de Pluriannuellen eréischt entstanen. Dat kann een iwwerhaapt also net soen, datt et d'selwecht gemaach ginn ass, well et ass net gemaach ginn, weder zu Lëtzebuerg nach an anere Länner. Also déi Behaaptung ass schonn emol falsch!

An do, wou Pluriannuelle gemaach gi sinn - an där si jo awer gemaach ginn, well ech hunn der zéng Joer laang gemaach als Travaux-publics-Minister, an de Fongen, an de Bautefongen, Fonds des routes, Fonds du rail, Héichbautefongen; gitt se emol eng Kéier ukucken! -, all Kéiers - all Kéiers! - waren d'Previsiounen dran! All Kéiers hu mer drageschriwwen, wann e Projet an zwee, dräi Joer sollt kommen, a gekuckt, wat deen iwwert déi eenzel Jore géif kaschten, soss hätt dat jo kee Sënn gehat, fir et net dranzeschreiwen. Wat maacht Der da mat engem Pluriannuel, wou déi Dépensen an deenen nächste fënnef Joer einfach net drastinn? Wat heescht deen dann nach? Wat sollt Der dann domadder nach ufänken? Dat mécht jo strictement kee Sënn!

An ech hunn de Moien héieren de Finanzminister soen, dat misst jo dann alles, dee Pluriannuel, à politique constante gemaach ginn, esou wär dat eben - ech wéilt Iech just soen, ech hunn dat am Lëtzebuerger Gesetzestext gekuckt -, à politique constante gemaach ginn, déi Saachen net draschreiwen, dat wär normal. Ech soen Iech just, wat am Lëtzebuerger Gesetz steet: Do steet awer genau de Contraire!

Do steet genau de Contraire, do steet dran, datt am Artikel 3.5, drëtten a véierten Alinea: «la description des politiques» misst an dem Pluriannuel stoen, «la description des politiques ayant un impact sur les finances des administrations publiques, ventilées par postes de dépenses et de recettes importants, qui montre comment l'ajustement permet d'atteindre les objectifs budgétaires à moyen terme en comparaison des projections à politiques inchangées», dat heescht, dee Verglach muss dra sinn, «une évaluation de l'effet que les politiques envisagées sont susceptibles d'avoir sur la soutenabilité à long terme des finances publiques».

Wéi verstitt Der dat dann, déi Obligation légale, déi Der am Gesetz hutt, wann Der sot, dat muss à politique constante sinn an all déi Saache mussen net drakommen? Ech kann och Franséisch liesen. An dat do heescht fir mech eppes anescht wéi dat, wat Dir behaapt. An et heescht fir mech, datt Der musst déi Politicken draschreiwen. Dat heescht fir mech, datt d'Politiques inchangées net dat ass, wat an engem Pluriannuel muss stoen.

An dann och nach e Wuert zu de Politiques inchangées, well dat och relativ nervend dauernd ass, datt fir Iech d'Politiques inchangées dat ass, wat 2012, 2013 war, ouni datt iergendeng Regierung, wéi se dann och ëmmer gewiescht wär, iergendeppes gemaach hätt an dru geännert hätt. An da schlussendlech och elo nach, fir de Budget 2016, Är Politiques inchangées definéiert par rapport zur Politik vun 2013. Do sinn d'Politiques inchangées néierens richteg definéiert.

Mä fir mech heescht et awer ëmmer, datt ech meng Politiques inchangées vergläiche mat deem, wat dëst Joer war, par rapport zu deem, wat ech d'nächst Joer soll maachen, fir dann ze kucken, ob déi Aktioun, déi ech haut maachen, och par rapport zu deem, wat haut den Zoustand ass, an net, wat virun dräi Joer den Zoustand war, e Sënn huet, soss...

(Brouhaha)

...soss gëtt et jo iwwerhaapt kee Sënn!

Mä Dir wëllt just hei weisen, wéi Dir par rapport zur viregter Regierung agéiert hutt. A maacht dann dobäi, wann Der déi Politiques inchangées do beschreift, wéi wann eng aner Regierung strictement näischt méi, iwwerhaapt näischt méi gemaach hätt, sech dohinnergesat hätt, de Bic niddergeluecht hätt a gesot hätt, elo loosse mer alles weiderlafen. An esou féiert Der dann Är Bewäisféierung. Dat mécht weder op där enger Säit nach op där anerer Säit iergendwelche Sënn,...

M. Eugène Berger *(DP)*.- D'Zuele weisen dat, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...fir esou un déi Saachen erunzegoen!

(Brouhaha)

Hutt Der dee Budget dann esou zesummegestallt, da schéckt Der deen op Bréissel. An da schéckt Bréissel op déi Zuelen, déi a mengen Aen iwwerhaapt net stëmmen, Iech zréck, dat wär alles an der Rei. Mä wat solle se da soss soen? Schéckt hinnen déi richteg Zuelen dohinner an da kuckt Der, wat dann hir Äntwert ass!

Esou ass de pluriannuellen Exercice...

(Interruption)

...a mengen Aen net sënnvoll. An ech mengen, datt Der an deem do Fall, wann Der déi zukünfteg Politicken net drasetzt, iwwerhaapt e Pluriannuel net méi braucht ze maachen, well dee brëngt eis an der politescher Appréciatioun guer, guer näischt!

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Dir erkläert mer dat, Madamm Loschetter. Dat ass absolutt richteg, ech si gespaant dorobber.

De Finanzminister hat eng kopernikanesch Revolutioun an der Struktur vum Budget versprach. Bis elo hunn ech festgestallt, datt e puer Artikelen zesummegeworf gi sinn an datt e bësse Fräiheet méi un eenzel Ministere gaangen ass. Dat war et dann awer och bis elo!

Elo héieren ech an der Budgetsried vum Minister, datt d'Aarbechte gutt virukommen. Ech wéilt just drun erënneren, virun zwee Joer hutt Der eis gesot, bei där Revolutioun vun de Budgetsstrukturen, Dir géift d'Chamber mat abannen. Ech hu bis elo awer nach näischt vun esou engem Abannen héieren. Nach guer näischt! Dir sot zwar, d'Aarbechte géife gutt virukommen. Mä wéi ass et da mam Abanne vun der Chamber?

An ech fannen et absolutt normal, esou wéi dat a Frankräich an an anere Länner geschitt ass, datt eng Chamber, déi awer duerno mam Budget muss schaffen - et ass schlussendlech e Gesetz, wat an der Chamber ofgestëmmt gëtt -, datt d'Chamber mat implizéiert gëtt, wann d'Strukture geännert ginn. Dir kënnt dat net einfach esou maachen. Dir maacht... Ech weess net, ob Der eppes maacht, mä wann Der eppes maacht, maacht Der et op jidde Fall net mat der Chamber, esou wéi Der et misst a sollt maachen, fir datt mer uerdentlech weiderkommen, an datt d'Chamber en uerdentlecht Instrument huet, fir duerno déi budgetär Politicken ze fixéieren.

E Verspriechen hei an der Chamber gemaach, net gehalen: Dat steet och an dem Avis vun der Cour des Comptes.

Dir hutt gesot, Dir géift en Internetsite elo weiderentwéckelen, wou dann déi eenzel Budgeten drop wären. De Pluriannuel géif och ofgekoppelt gi vun dem Budget, datt mer kënnen am Fréijoer doriwwer schwätzen. Domat sinn ech och d'accord, ech fannen dat par ailleurs eng gutt Iddi. Mä d'Iddi ass awer och nëmme gutt, wa mer dann e Pluriannuel kréien, wou déi Zukunftspolitiken drastinn, datt mer eppes Seriöes hunn, fir driwwer ze schwätzen. Soss mécht dat jo kee Sënn, wa mer dat esou maachen, wéi Der haut de Pluriannuel virleet!

Mir verlaangen a sech keng kopernikanesch Revolutioun am Budget, mä mir verlaangen, datt de Minister sech un déi Lëtzebuerger Gesetzestexter hält a säi Budget esou opsetzt, datt en och deene konform gëtt.

Wat kann elo nach an där kopernikanescher Revolutioun kommen? Do hunn ech och déi 16. Aktualisatioun vum PSC gelies an do ass e ganz lëschtege Saz dran, just fir Iech dee virzeliesen: «Le Gouvernement envisage, à titre indicatif, de considérer», an da kommen eng Rei Punkten hannendrun. Esou seriö huelt Der a sech déi Budgetsëmstrukturéierung. D'Regierung envisagéiert, indikativ ze considéréieren. Mais c'est très bien! Ech mengen, do gesi mer, wat déi reell Intentioun ass a wéi wäit mer hei kënne kommen.

Den Här Gramegna seet, et misst ee sech da méi ëm de Solde nominal bekëmmeren, ëm d'Administration publique a vum Solde structurel ewechkommen, esou géif och d'Kommissioun dat maachen. Dat ass och an der Rei esou. An ech muss just soen, datt dann déi Date vun dem Solde nominal als positiv dohinnergestallt ginn, d'ailleurs och vun deenen eenzelne Fraktiounspresidenten, déi soen, säit dës Regierung do ass, ass jo elo de Solde nominal am Positiven, dann ass jo kee Problem do. Domat ass jo dann och gesot, datt, säit dës Regierung do ass, se am Positive sinn.

Ech soen Iech just, och déi Jore virdru war dat schonn esou! Kuckt emol de Solde nominal, dee war 2010, matzen an der Kris, op minus 0,6%. E war awer 2011 schonn op plus 0,3%; 2012 op plus 0,1% an 2013 op plus 0,6%. Dat heescht, äänlech Resultater wéi Dir elo grouss

dohinnerstellt, ware schonn 2013 d'Resultater vun dem Solde nominal vun der Administration publique.

A wann een elo verschidde Versioune kuckt vun deene Previsiounen, déi Der maacht fir 2018, da kann ech just feststellen, an dat stellt mer och eng ganz Rei Froen, datt dee Solde nominal, wann Der e fir 2018 kuckt, säit engem Joer an de Previsiounen drastesch erofgeet. Et ass esou, datt Der virgesinn hat am Pluriannuel 2014-2018 fir d'Joer 2018, datt e Solde positif vun 1,4% do wär. Am Pacte de stabilité fir datselwecht Joer, dat heescht dräi Méint duerno oder véier Méint duerno, ass d'Previsioun net méi 1,4%, mä 0,8%.

Duerno, am Pluriannuel vun 2015-2019, dat heescht, deen elo déposéiert ginn ass, war et net méi 1,4%, net méi 0,8%, war et 0,7%. An ëmgerechent vum CNFP elo op déi Method, déi hien dann huet, ass et 0,6%. Also eng ganz zolidd Détériorationn innerhalb vun engem Joer vun Ären eegene Previsioune vun 1,4% op 0,7 oder 0,6% erof. Innerhalb vun engem Joer! An dat nach, ouni datt déi zousätzlech Ausgaben, déi Der versprach hutt, ouni datt d'Steiereform do matberechent ass an ouni datt de Spuerpak... also mat engem Spuerpak dran, deen dann zäitgerecht a komplett géif ëmgesat ginn.

Mä wat am Fong wierklech wichteg ass fir eis heibannen, dat ass net de Solde nominal, mä dat ass d'Administration centrale. An do ass d'Situatioun ganz kloer: en Defizit fir 2016. Obwuel, wann dat d'Leit arrangéiert, de Solde nominal an de Solde structurel an de Solde vun der Administration centrale heiansdo duerjerneegehäit ginn.

Mä de Budget, dat, wat mir de Statsbudget nennen, an all deene Joren de Statsbudget genannt hunn, deen ass am Defizit: minus 1,2%, 630 Milliounen oder 450 Milliounen, dat hänkt dovunner of, wéi een et rechent. Mä den Defizit ass och méi héich wéi 2015 fir 2016 virgesinn. An iwwert d'ganz Period bis 2019 ass an der Administration centrale och nach ëmmer e Budget do. Dat heescht, fir all déi Leit, déi dobausse soen, mir hunn alles am Grëff, et ass keen Defizit méi do: Dat ass net richteg. Dat ass net richteg! Et ass och heibanne vun deenen engen a vun deenen anere genügend gesot ginn.

Et bleift en Defizit iwwert déi Joren, an de CNFP kommentéiert: «Le solde positif des administrations publiques continue cependant à cacher une situation bien plus différenciée au niveau des sous-secteurs. L'administration centrale devrait rester largement déficitaire sur toute la période sous revue sans afficher une véritable tendance en direction d'un compte équilibré à l'horizon 2019. Ce déficit devra dès lors être continuellement financé par l'émission de nouvelles dettes.»

Et ass kloer, d'Zuele weisen et, dat heescht, déi Verscholdung, wou versprach ginn ass, se géif erofgesat ginn, gëtt en valeur absolue net erofgesat. Den Defizit fiert bis 2019 einfach weider, an déi Verscholdung, och an enger Zäit, wou d'ekonomesch Situatioun tëschent 3% a 4% am PIB positiv ass, geet monter an deenen nächste Jore weider!

D'Recettë steige méi wéi d'Dépensë fir 2016, gëtt gesot. Mir sinn also gutt drun. D'Recettë steige méi wéi d'Dépensen. Dat ass och richteg. Just, dat ass awer fir 2016 richteg, well 2017 ass et awer schonn erëm ëmgedréit. Do ass et awer schonn erëm ëmgedréit!

An et geet an deene Joren duerno an deemselwechte Rhythmus weider, wou d'Dépensen an d'Recetten d'selwecht steigen. An déi Schéier, wéi dann heiansdo behaapt gëtt, geet iwwerhaapt net zesummen. Si geet 2017 auserneen! An déi Joren duerno, zumindest an de Previsiounen, bleift se genau d'selwecht. Den Defizit geet also net erof.

An d'Previsioune fir 2018, och erëm hei, wann een déi kuckt, wéi se an deene leschte Jore gemaach gi sinn: Fir 2018 hutt Der 2014 behaapt, den Defizit wär nëmmen 0,2%. Am Abrëll 2015 war den Defizit schonn op 0,6%. An elo gesitt Der en Defizit vun 0,8% vir. Dat heescht, innerhalb vun engem Joer och do an den Defizit-Previsioune gitt Der vun 0,2% Defizit op 0,8% erop. An alles dat gëtt als ganz normal dohinnergestallt. Dat ass Business as usual.

Mir hunn eng Scholdespiral gestoppt, hunn ech deen een oder deen aneren an de leschte Joren, an deene leschten Deeg héiere soen. Jo, déi viregt Regierung huet Scholde gemaach. Dat ass richteg. Si huet misse Banke retten, si huet e gemeinsame Konjunkturprogramm décidéiert, si huet deen och ëmgesat, well mer an enger schwiereger Zäit waren, well mer a Krisenzäite waren. Mir hunn d'ailleurs dee Konjunkturprogramm och gemeinsam hei décidéiert. A mir hunn en dunn ëmgesat, fir d'Lëtzebuerger Ekonomie net an d'Labränten ze kréien, a fir eis prett ze maachen, fir erëm duerchzestarten, wann et dann esou wäit wär. An dat deet mer och net leed - ech war an där Regierung, déi dat gemaach huet -, well ech et absolutt als noutwendeg empfonnt hunn.

Wann ech dann awer de Moien déi Aussoe vun dem Finanzminister iwwert d'Emprunten héieren hunn, wou en dann eis virgerechent huet, 6 Milliarden tëschent 2010 an 2013 hätt déi eng Regierung geléint an Dir géift pro Joer elo nëmmen 1,5 Milliarde léinen, plus déi 200 Milliounen aus dem Sukuk, an dat wären da pro Joer zwou Milliarde fir déi eng Regierung oder 450 Millioune fir déi aner. E Bewäis, datt Der also vill besser sidd.

Elo soen ech lech, ech fannen dat awer de Combel als Rechnung! Ech fannen dat do wierklech de Combel als Rechnung! Ech hunn nogekuckt, wat déi Empruntë sinn, wat déi Empruntë waren. Dat Éischt, wat een dozou ze soen huet - wann Der korrekt gewiescht wäert, hätt Der dat gesot -, dat heescht, datt vun deem Emprunt, deen 2013 gemaach ginn ass, an dat waren dräi Milliarden, waren zwou Milliarde fir d'Refinanzéierung vun der Dette vun 2008, wou Banke gerett gi waren. Da musst Der awer och soen, firwat déi Sue geléint gi sinn an déi net einfach an de Koup doranner mat erarechnen!

A mengt Der da wierklech, wann 2013 Sue geléint gi sinn, déi wären 2013 och alleguer ausgi ginn? Firwat mengt Der, datt déi Defiziter, déi 2014 a 2015 waren, wéi mengt Der, datt déi da gedeckt gi wären? Déi si jo awer duerch déi Empruntë gedeckt ginn, déi gemaach gi sinn 2013. An et ass, well ebe vläicht ze vill geléint ginn ass 2013, wou Der net hutt brauchen 2014 an 2015 en Emprunt ze maachen, wou Der eréischt 2016 musst en Emprunt maachen. Et ass genau dowéinst!

Also dat dann einfach alles op ee Koup ze rechnen an déi Mëllechmeederchersrechnung do ze maachen, fir ze weisen, wéi gutt Der sidd - déi net hannen an net vir opgeet -, dat fannen ech nu wierklech egal wat. Dat ass net digne vun engem Finanzminister! Esou geet een net un déi seriö Dossieren hei erun,...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...déi mer hei hunn.

Plusieurs voix.- Ooh! Aah!

(Brouhaha)

Une voix.- Milliarde Scholden, Nondikass!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir hunn haut eng aner Situatioun.

Une voix.- Bréng d'Géisskan eraus!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et kritt jiddwereen d'Geleeënheet, fir ze äntwerten.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Frieden ass net...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift, dat gëllt och fir lech, Här Gibéryen. Elo huet just...

(Hilarité)

An elo huet just den Här Wiseler d'Wuert!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Haut si mer an enger anerer Situatioun wéi viru véier, fënnef Joer.

(Brouhaha)

Déi wirtschaftlech, ekonomesch Situatioun ass besser ginn. Mä esou, wéi de Pluriannuel elo ausgesäit, wäerten trotzdeem eis Scholden tëschent 2014 an 2019 vu 7,5 op 10,3 Milliarden eropgoen. Dat heescht, an deene Jore vun dëser Regierung, wou d'ekonomesch Situatioun gutt dréit, plus 37% méi Verscholdung!

Elo kann ee soen, dat hieft sech alles vum PIB op. Mä an den Zuelen, reell an deem, wat mer da léine mussen, an deem, wat mer zréckbezuele mussen, ass et 37% méi an enger Zäit, wou d'ekonomesch Situatioun uerdentlech a richteg dréit.

An d'Cour des Comptes, déi dat analyséiert huet, déi en interessant Kapitel iwwert d'Neiverschëldung geschriwwen huet, déi ass ganz kloer dodran. Ech zitéieren déi och: «La Cour des Comptes constate que la dette de l'État central continue à augmenter de quelque 37% au cours de la période 2014-2019 malgré l'objectif du Gouvernement de renverser la tendance à la hausse de la dette publique.» Et sinn net ech, deen dat seet, et ass d'Cour des Comptes, déi et seet. Dat ass däitlech a kloer. Och hei ass d'Zil verfeelt ginn, wat sech initialement gesat ginn ass!

D'Regierung huet d'lescht Joer e Spuerpak erabruecht. Si seet elo, et wär alles am Grëff. E Spuerpak, deen zu zwee Drëttel aus Steieraugmentatiounen an zu engem Drëttel aus effektive Spuermoossname bestanen huet. De Finanzminister seet, fir datt déi Previsiounen hei stëmmen, misst dee ganze Spuerpak, misst alles an zäitgerecht och ëmgesat ginn. An esou ass et och op Bréissel geschéckt ginn.

Just déi Zuelen, déi hei genannt ginn, weisen natierlech och eppes anescht. Är eegen Zuelen, déi vun der Inspection générale des finances, déi weisen, an déi nogeliwwert gi sinn - déi par ailleurs, wéilt ech lech soen, zu engem Deel och inkomplett sinn, a mir hunn och nach gefrot a verschiddene Kommissiounen, fir se complétéiert ze kréien; déi Zuele sinn awer nach ëmmer net ukomm, déi Prezisiounen, déi mer do brauchen, mä et ass net schlëmm, et geet awer duer mat deenen Zuelen, déi mer hei hunn -, an déi Zuele schwätzen am Fong fir sech.

Wann ee kuckt, wat virgesi war iwwert d'Period 2015-2018 am Spuerpak ze spueren, da gesäit een, datt dat initial 3,5 Milliarde waren. Duerno, no de Verhandlunge mat de Gewerkschaften, waren et nach 3,2 Milliarden. An Är eegen Zuelen, déi soen, datt et der elo nach just 2,5 Milliarde sinn.

Dat heescht, vun engem Aspuere vun 3,5 Milliarden ugefaang, si mer op 2,5 Milliarden erofgaangen: eng Milliard manner, wéi initialement virgesi war, oder 700 Millioune manner, no de Gewerkschaften an de Moossnamen!

Eleng op deenen 258 Moossnamen, déi Der presentéiert hutt, do war et u sech virgesinn, datt initialement 1,5 Millioune géife gespuert ginn. Dat waren no de Gewerkschaften nach 1,37. An dat sinn der elo nach 1,26. Dat heescht, wat d'Joren ugeet, tëschent 24 an 33% manner wéi initialement gesot gëtt. Liest d'ailleurs och do d'Kapitel vun der Cour des Comptes driwwer! Dat ass extrem opschlossräich.

De Finanzminister ass de Moien op déi Thematik agaangen an huet do d'Säit 60 vun der Banque centrale zitéiert, wou dann d'Banque centrale géif soen, et wär alles an der Rei mam Zukunftspak, wou déi Zuele confirméiert wären. Et wären 11 Millioune respektiv 30 Millioune pro Joer manner.

Ech wëll lech just soen: Wann Der deen Tableau awer op der Säit 60 ganz liest, an Dir kuckt dee ganze Konsolidatiounspak, deen d'Banque centrale do analyséiert, da gesäit een, datt och d'Banque centrale seet, datt manner…, also datt 200 Milliounen d'Joer u sech manner erakommen, wéi initialement virgesinn. Net 11, net 30, mä 200 Millioune manner!

An ech liesen och hei vun der Banque centrale vir, op därselwechter Säit, just ënnen op der Säit an op der Säit 61, wat Der net virgelies hutt, mä wat awer interessant ass virzeliesen: «Le Gouvernement ne fournit cependant pas d'explications sur les raisons qui l'ont poussé à revoir à la baisse ses estimations relatives à l'impact des mesures de consolidation (…) Ces révisions expliquent aussi en partie le constat que le déficit de l'administration centrale, qui devait être ramené à -0,2% du PIB à l'horizon 2018 lors du vote du budget 2015,» - dat heescht dat, wat Dir 2015 gesot hutt - «serait selon le projet de budget 2016 égal à -0,8% du PIB tant en 2018 qu'en 2019.»

Et muss een och, wann een d'Banque centrale zitéiert, de Schluss vun der Säit liesen an d'ganz Situatioun liesen, well en fin de compte seet d'Banque centrale genau de Contraire vun deem, wat Der elo gesot hutt. Si seet, datt also wesentlech manner gespuert gëtt, wéi initialement virgesinn, an datt Der genau aus deem Grond hutt missen eng Revisioun maache vun Ären eegenen Zuelen, well se net hannen an net vir opginn. Liest, wann ech gelift d'Säit ganz a maacht d'Situatioun ganz, an da kritt Der och e besseren Iwwerbléck iwwert dat, wat deen een oder deen aneren a sengem Avis schreift!

Iwwert den Zukunftspak: Ronn 50 Moossname si momentan nach net determinéiert. Entweder steet „n.d.?" oder null hannendrun. Iwwer 15 Stéck si momentan einfach suppriméiert a wäit iwwer 20 vun deene Moossname sinn extrem sensibel reduzéiert scho ginn, dëse Moment. Ech mengen, ech ginn elo net op déi eenzel Moossnamen an, déi nach net realiséiert ginn oder déi nëmmen hallef realiséiert ginn; dat hu mer schonn op anere Plazen en long et en large gesot.

Ech kucken och nach eng Kéier gär zréck iwwert déi Spuermoossnamen, déi 2014 awer hei als grouss Spuermoossnamen annoncéiert gi sinn. Do ass gesot ginn: „Mir spueren op den Investissementer 120 Milliounen, fir eben de Budget ze konsolidéieren." Déi Politik, déi 2014 am Ufank richteg war, ass elo bei deenen nächste Budgeten ëmgedréit ginn. Elo gëtt wesentlech méi investéiert: 300 Milliounen Euro, dont 200 Millioune fir den Tram a fir den Zuch.

Am Personal ass gesot ginn 2014: „Mir spuere ganz substanziell, mir stellen nëmmen 150 Leit an, fir am Budget ze spueren." Haut gëtt gesot: „Mir stellen der 750 an engem Joer an." Ech wëll just froen: Wou ass dann d'Konsequenz vun der Politik? Wou ass u sech déi Zilstriewegkeet vun der Politik, déi an eng Richtung geet? Mir soen 2014 dat eent, an 2015 an 2016 gëtt genau de Contraire an dat anert an de Spuermoossname gesot.

Elo hunn ech de Minister héieren a senger Budgetsried soen, datt keng Spuermoossnamen ausser deenen 258 wäerte gemaach ginn, datt 750 Leit wäerten agestallt ginn. An déi nei Aussoen zur Steierreform, déi deen een oder deen anere Regierungsmember an der leschter Zäit gemaach huet, déi loosse mech drop schléissen, datt an der Regierung och an Zukunft eng Steierreform gemaach gëtt, déi d'Regierung - wéi Ären Noper, Här Gramegna, dat sot -, déi d'Regierung sech eppes kaschte léisst.

Ech stelle fest, datt dee Kurs vun der Regierung, deen am Ufank annoncéiert gi war, fir eng Konsolidatioun vun de Statsfinanzen ze maachen, momentan net méi agehale gëtt, an datt se momentan just amgaange sinn, nach eng Politik ze maachen, wou Cadeaue verdeelt ginn.

Wat misst ee maachen? Ech mengen, et sollt een emol ufänken, et misst een en éierlechen an e korrekten Ëmgang mat den Zuelen hunn. Säit zwee Joer, mengen ech, hätt een och missen eng aner Politik maachen, wou eng éischt Prioritéit gewiescht wär, datt ee vun den ekonomeschen Améliorationne profitéiert hätt, éischtens, fir de Budget richteg ze konsolidéieren, an am Zentralstat, fir den Defizit lues a lues ofzebauen a fir och déi Spuermoossnamen duerchzezéien.

Ech mengen zwar aner Spuermoossname wéi déi, déi Dir gemaach hutt. Ech mengen, datt dat, wat Der an der Familljepolitik zum Beispill als Spuermoossname maacht, a mengen Aen eng richteg Katastroph ass, dat, wat do ëmgesat gëtt.

An da stellen ech fest, datt dat, wat gesot a versprach gëtt, och nach net agehale gëtt! Elo gëtt emol am Joer 2015 eng Steier vun 0,5% agefouert. Déi gëtt et säit dem leschte Joer. Déi gëtt opgehuewe bei jiddwerengem. Jiddweree muss dofir bezuelen. Do war awer am Ufank versprach ginn, et géifen eng ganz Rei Sachleeschtungen amplaz gesat ginn. Vun deenen hu mer awer momentan nach strictement näischt héieren!

Mir hunn eng Allocation d'éducation ofgeschaaft. Säit dem 1. Juli gëtt et se net méi. All déi Leit, déi elo Kanner kréien, all déi Koppelen, déi elo Kanner kréien, kënnen net méi dovunner benefisséieren. Déi kruten awer versprach - déi krute versprach! -, datt e verbesserte Congé parental géif kommen an datt all déi gratis Kannerbetreiung an datt all déi Strukturen, déi nei misste gemaach ginn, datt déi en place wären, fir dat ze ersetzen.

D'Madamm Cahen seet dauernd: „Mir mussen an engem globale Konzept kucken." Ech verstinn, datt een dat muss an engem globale Konzept kucken. Mä dann hätt ech awer net gär, datt emol a Prioritéit déi Saachen ofgeschaaft ginn, déi do sinn, datt emol d'Suen opgehuewe gi bei de Steieren op där anerer Säit, an datt sech dann emol gutt Zäit gelooss gëtt, fir all de Rescht nach ze maachen, dann, wa mer eng Kéier Zäit hunn, dann, wa mer eng Kéier dru kommen. Wéini dat ass, dat wësse mer net!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A wa mer dann och esou eng Allocation d'éducation ofschafen, da froen ech mech: Wat gëtt awer amplaz gesat am Congé parental? An do gëtt et awer niewent dem Fait, datt mer mengen, datt et eng total falsch Politik wär, fir de Leit de libre Choix ewechzehuelen, mä dat hu mer schonn zéngmol gesot, ech kommen net nach eng Kéier drop zréck, mä nach eng Kéier wëll ech just soen: Et ass eng total falsch Politik. Mat eis wär esou eng Politik net gemaach ginn.

(Interruption)

Mä och deen anere Volet vun der Allocation d'éducation, dee soziale Volet vun der Allocation d'éducation, wou een deenen, déi e klengt Gehalt hunn an déi eng Allocation d'éducation kritt hunn, och wa se zu zwee schaffe gaange sinn, well hiert Gehalt net iwwer e gewëssene Seuil gaangen ass, och déi sinn op der Streck gelooss ginn!

Dir schwätzt esou vill an esou laang vum Triple-A. Wou ass dann do de sozialen Triple-A, fir deene Leit d'Suen ewechzehuelen?

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général et interruptions)

Une voix.- Huelt d'Géisskan erëm eraus!

Une autre voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Also, ech héieren dat do vun der DP mat Pleséier: „Huelt d'Géisskan erëm eraus!"

Fannt Dir, vun der DP, datt déi Moossnamen oder d'Allocation d'éducation, wou déi Leit, déi ënner gewëssene Seuile waren an déi duerno gehollef kruten, fir hir Kanner ze erzéien, datt dat eng Géisskanepolitik war?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- D'DP jo!

(Brouhaha général)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Also seriö! Seriö!

Une voix.- D'DP schéckt se all an d'Crèchen an d'Mammen…!

(Interruptions diverses)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech si frou, datt ech vun de Sozialisten näischt esou héieren hunn. Mä Iech trauen ech et zou!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Frot den Här Roth, wéi dat geet!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Si huele muer d'Strenz eraus, d'DP. Steierlech!

Une voix.- Schwätzt mat de Leit dobaussen!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir schwätze mat de Leit dobaussen! Mir schwätze mat de Leit dobaussen! An do héiere mer genau dat do!

(Interruption)

De Premierminister an d'Madamm Cahen soen, et géif kengem eppes ewechgeholl ginn. Beim éischte Kand kritt een effektiv 30 Euro d'Joer méi. Mä „kengem eppes ewechgeholl"? Dee Projet, deen an der Chamber läit, wann een awer rechent, dann hunn awer déi Famillje mat zwee Kanner 768, déi mat dräi iwwer 2.800, déi mat véier iwwer 4.900 an déi mat fënnef iwwer 7.000 Euro d'Joer manner wéi eng Famill, déi haut an deem Fall ass!

„Et kritt keen eppes ewechgeholl!" Dat ass alles Triple-A, dat do. Et ass alles kee Problem, esou wéi et hei gemaach gëtt. Famillje mat dräi oder véier Kanner, wou ee Kand op d'Welt komm ass, déi dann och nach elo keng Allocation d'éducation méi kréien, well d'Fra oder de Mann net schaffe gaange sinn - wéi soll een dat dann och heiansdo mat dräi oder véier Kanner maachen? -, déi verléiere bis zu 8.600 oder 10.000 Euro d'Joer mat där heiter Reform!

Wou ass dann do de sozialen Triple-A? Sinn déi Famillje mat ville Kanner dann net och Leit, déi vun Hëllef benefisséieren? A musse mer net genau deenen och ënnert d'Äerm gräifen, fir weiderzekommen?

Ech mengen, hei ass nu wierklech eng Politik gemaach ginn, déi fir eis total inakzeptabel ass. A wann een elo och an deem Land vum Triple-A kuckt, wat da gespuert gëtt op deem Spuerpak, da gesäit een, datt 2018 an 2019 90 Milliounen Euro just op de Familljen agespuert ginn, just op deenen dote Familljen, déi am meeschte Schwieregkeeten hunn.

An da behaapt de Statsminister, dës Majoritéit géif keng Sozialleeschtungen ewechhuelen! Ech kann nëmme laachen, wann ech esou eppes héieren! An da seet de Statsminister op där anerer Säit, dës Majoritéit, déi géif Sachleeschtunge bäisetzen, notamment Crèchen, gratis Kannerbetreiung. Mä da solle se kommen, da solle se et maachen! Et gëtt hei gesot, et gëtt annoncéiert, et gëtt ewechgeholl an et gëtt näischt gemaach.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- An da seet en hannendrun, dat fannen ech just ganz witzeg, et misste Sachleeschtunge gemaach ginn, an dee Saz hannendrun - lauschtert dat no um 100,7 leschte Samschdeg! -: „Mir maachen nëmme Sachleeschtungen." An deem Saz duerno seet en: „Wat maache mer da mam Wunnengsgeld a wat maache mer da mam Congé parental, dee mer an d'Luucht setzen?" Wéi wann dat Sachleeschtunge wären! Also, do bravo fir d'Logik vum Statsminister!

(Interruption)

Assurance dépendance am Land vun dem Triple-A. Bei all Servicer hutt Der gesinn, datt se an deene leschte Méint a Schwieregkeete waren. Firwat ware se a Schwieregkeeten? Well déi Spuermoossnamen, déi proposéiert gi sinn, esou ëmgesat gi sinn, datt mat kengem geschwat ginn ass an datt u sech déi eenzel Servicer, déi den eelere Leit hëllefen - an den Här Gramegna huet iwwer Tëlefon vun den eelere Leit och a senger Ried geschwat -, mä datt déi Hëllefen un d'eeler Leit massiv erofgaange sinn, ouni mat iergendengem Service ze preparéieren, wéi déi Baissen da solle geschéien.

An elo gëtt gesot: Et ass alles am Grëff. Wann een awer kuckt, wat am Spuerpak nach doriwwer steet, da stellen ech fest, datt 2015 6,7 Milliounen, 2016 8,7; 2017 12,6; 2018 15 Milliounen - an an der Sécurité sociale komme mer vu 16 op 22, op 31, op 40 Milliounen zousätzlech - sollen an deenen nächste Jore genau op der Assurance dépendance gespuert ginn.

Da froen ech Iech: Wéi wëllt Der dat da maachen? Also, ech fannen, datt jo muss gespuert ginn. Mä ech fannen awer och, datt Der musst, wann Der reell Saachen ëmsetzt, esou wéi dat doten, déi um Terrain duerno ukommen, déi de Leit Problemer stellen, net nëmmen den eelere Leit, mä och deenen, déi an deene Servicë schaffen, wann Der dat maacht, da musst Der awer mat hinnen diskutéieren, da musst Der awer kucken, wéi een dat ëmsetzt, wat een do ëmsetzt.

An da muss déi laang versprache Reform vun der Assurance dépendance endlech an Ugrëff geholl ginn, datt mer awer do Kloerheet kréien. Esou, einfach ewechhuelen, mat kengem schwätzen, näischt maachen an da kucken, de Leit ze soen: „Kuckt, wéi Der eens gitt!", dat ass awer net d'Aart a Weis, wéi esou eng Politik soll, dat ass net d'Aart a Weis, wéi esou eng Politik däerf gemaach ginn.

Mir hätten, an ech soen dat och ganz kloer, déi Moossnamen, déi hei virgesi sinn, d'Gratuitéit vun de Crèchen, de Bilingualismus, de Congé parental an deem Ausmooss, esou wéi en hei virgesinn ass, sécher net esou gemaach, sécher net esou, hätten do déi Suen agespuert a wiere sécher aner Saachen, strukturell Reformen domat ugaangen.

Ech sinn zwar och der Meenung, datt de Congé parental wesentlech méi Flexibilitéit soll kréien. D'Leit brauchen haaptsächlech Zäit an deenen dote Punkten. Mä ech mengen, datt mer awer och misste strukturell Reformen, wéi an der Éducatioun, an der Santé, an der Agrikultur, an der Assurance dépendance, an der Krankeversécherung, ugoen an och eis déi Froen iwwert d'Pensioun, d'Reform an hir Nohaltegkeet stellen.

De Rapporteur, deen huet gesot, datt ee misst antizipativ un esou Reformen erugoen. An ech fannen, datt de Rapporteur absolutt recht huet, wann en dat seet. Et muss ee fréizäiteg reagéieren, well soss kritt een déi Noutwendegkeeten an deenen Dossieren net méi uerdentlech hin. Dat ass logesch, dat ass konsequent an dat ass richteg.

Wann ech och awer elo de Budget kucken an ech gesinn, wat am Budget steet u Projektiounen, dat ass och awer fir mech ganz besonnesch. Kucken ech de Budget 2015, wat d'Projektioune si fir déi eeler Leit, déi op Basis vun enger Etüd gemaach gi sinn, déi AWG 2012 heescht, do seet d'Regierung, datt am Projet de budget 2015, wa mer esou weiderfueren, u sech d'Part vun eise Pensiounen um PIB vun 9,4 op 19,7% géif eropgoen, dat heescht eng Hausse vun 10,3%, net soutenabel, do misst eppes gemaach ginn. Ausso am Budget 2015, dat gëtt och en long et en large am Budget 2015 erkläert.

Schloe mer de Budget 2016 op, da steet do, datt 2060 net méi 19,7% vum PIB, mä just nach 13,4% vum PIB doranner géife fléissen. Da stellt ee sech d'Fro: Wéisou a firwat ass dat da vun engem Joer esou vill anescht ginn? Probéiert een d'Äntwert ze sichen, da stellt ee fest, datt do och erëm d'Method changéiert ginn ass, datt een AWG 2015 gemaach ginn ass, deen da seet, wat de Rapporteur och gesot huet: „Mä et geet alles op. Wa mer 2060 zu 1,2 Millioune Leit hei an dësem Land sinn, dann hu mer kee Problem."

Mir hunn d'Method geännert, mir hunn d'Zuele geännert a mir hunn d'Problemer ewechgeschoben. Einfach esou! Einfach esou! An da gëtt gesot doranner, datt dat alles normal wär. Ech gesinn och, datt de grénge Rapporteur dann och momentan normal fënnt, datt mer op 1,2 Millioune Leit zu Lëtzebuerg einfach ouni Diskussioun esou eropginn.

Wann ech mech nach erënneren, wat dat fir eng Diskussioun war, wéi den Här Wolter an den Här Juncker sengerzäit vum 700.000-Awunner-Stat geschwat hunn, wat do e Gebläers hei an der Chamber lassgaangen ass! Elo schwätzen déi gréng vun 1,1 Milliounen a fannen dat alles absolutt normal, säit se an der Regierung sinn! Säit se an der Regierung sinn!

(Brouhaha et interruption)

Elo sot Der: Mir hunn elo eng méi modern Method geholl, fir dat ze maachen. Liest awer emol, wat d'Banque centrale iwwer Äre Changement vun der Method schreift! An déi hunn dat Ganzt jo nogerechent! Se hunn dat Ganzt jo nogerechent! A se hunn am Fong deen Zeenario, deen Der d'lescht Joer hat, deen, wou mer 19,4% hätte misse bezuelen, fir eis Pensiounen ze bezuelen, am Fong bestätegt. A se soen, dat wier am Fong déi richteg Method. An déi Method, déi haut ugewannt gëtt, déi stëmmt net.

Ech liesen Iech et vir vun der Banque centrale: «Il est regrettable de constater que les documents du Gouvernement, que ce soit le PSC d'avril 2015 ou le projet de budget 2016, omettent de mentionner une révision aussi importante des projections de la population et qu'ils n'expliquent pas pourquoi ces projections démographiques ont été révisées de manière aussi significative.»

An ech fannen et regrettable, datt mat esou Zifferen hei gespillt gëtt! D'Banque centrale beweist ganz kloer, datt déi éischt Ziffere vun der Regierung, déi vum leschte Joer, déi richteg waren. Mä hätt een déi als Hypothees oprechterhalen, dann hätt ee misse wahrscheinlech 2016 oder 2017, wann d'Analys vum Pensiounssystem gemaach gëtt, aner Konklusiounen draus zéien. Dat ass eng Diskussioun, déi mer dann nach kréien.

Ech wëll och dem Här Kox, deen a senge Konklusiounen eng Rei Iddie bréngt, notamment iwwert den Indice du bien-être, Merci soe fir déi Aarbecht, déi hie sech gemaach huet. Ech weess, wat dat ass als Budgetsrapporteur. Ech weess, wéi vill Weekender an Owender een dorobber verbréngt, fir och seng Iddien an eng Form ze kréien. An ech fannen, datt en dat gutt gemaach huet.

En huet och eng Rei Konklusiounen, iwwert déi ech gär schwätzen. Well et jo ëmmer frustrant ass, wann an de Budgetsdiskussiounen dann net iwwert de Rapport geschwat gëtt, wollt ech awer dovunner profitéieren, fir zwou, dräi Saachen…, ech weess, wéi frustrant et ass, dofir wollt ech zwou, dräi Saache soen.

Éischtens seet den Här Kox, datt et noutwendeg wär, „de perfectionner l'aspect transparent quant au choix méthodologiques". Dat ass absolutt richteg. Ech stelle just fest, datt hei an dësem Budget d'Methodologien duerjerneegehäit ginn a changéiert ginn, esou wéi se da passen.

Den Här Kox seet, datt et systematesch richteg wär, fir pluriannuel Scénarios de croissance alternatifs ze bréngen, en optimisteschen Zeenario, e pessimisteschen Zeenario. Hei gëtt awer just de Contraire gemaach. Hei gi just déi Zeenarioe gewiesselt an déi geholl, déi engem am beschte passen.

Den Här Kox seet, datt ee sollt „adapter anticipativement les politiques de dépenses liées au vieillissement". Genau dat, fannen ech, muss gemaach ginn. Dann ass et awer net, fir virdrun d'Method ze changéieren, fir domat ze beweisen, datt et...

Et ass wierklech kee Reproche un Iech. Ech fannen, datt Der déi richteg Constatatioune gemaach hutt. Ech adresséiere mech am Fong un d'Regierung, wann ech dat soen. Dann ass et net, fir d'Method ze changéieren, fir da mat där Method kënnen ze soen, datt een am Fong antizipativ näischt brauch ze maachen, wann dat dann d'nächst Joer sollt d'Konklusioun vun der Regierung sinn. Mä fir näischt wäerte se jo net d'Method changéiert hunn.

Et sinn elo eng ganz Rei Dépensen an der nächster Zukunft programméiert. A meng Fro ass am Fong eng ganz einfach: Wéi bett sech déi Steierreform an déi gesamt Politik an? Wéi ass bei der Steierreform an Zukunft den Équiliber tëschent de Betriber op där enger Säit an de Privatpersounen op där anerer Säit, wëssend, datt elo schonn eng Rei Cadeauen ausgedeelt ginn? Mä do loossen ech dem Kolleeg David Wagner d'Méiglechkeet, fir méi laang dorobber anzegoen.

Wat ass d'Marge de manœuvre, déi d'Regierung nach huet? Wat sinn déi ekologesch Elementer, déi an dëser Steierreform kommen? Wéi ass et da mam Tanktourismus, wou ech mech kann erënneren, datt déi gréng, den Här Goerens an den Här Berger mer déi Zäit, wou ech Transport- an Travaux-publics-Minister war, dauernd reklaméiert hunn, datt eppes misst gemaach ginn, dauernd gesot hunn, elo misste mer mam Tanktourismus enorm erofgoen? Wou ass dann d'Etüd vum Här Ewringmann, déi mer bräichten, fir iwwert déi Dossieren hei ze schwätzen?

Ech erënnere mech un all déi Diskussiounen, déi mer haten, notamment och mam Här Gira, dee gesot huet, datt mer déi Recettë vum Tanktourismus net néideg hätten, well mer se jo alleguer géifen ausginn am Stroossebau. Ech stellen awer elo fest, net nëmmen, datt mer den Tanktourismus bäibehalen, tel quel wéi en ass, mä datt e grénge Minister och amgaang ass, all déi Käschten, déi am Stroossebau sinn, och an d'Luucht ze setzen, vun 170 Milliounen Dépensen 2013 op 220 Milliounen Dépensen am Fonds des routes dëst Joer!

Ech hu jo näischt dergéint, datt en dat mécht. Mä ech muss just soen, wann ech awer nach lauschteren, wat dann déi gréng Fraktioun viru véier, fënnef Joer gesot hätt, wa mer 50 Milliounen an d'Luucht gaange wären an dem Fonds des routes, wann ech dann drun denken, wat mer do gesot kritt hätten! An haut ass dat alles normal.

An da soen ech, elo gi gréng Stroossen hei gebaut. Elo ginn déi Stroossen alleguer méi ekologesch, elo ginn déi Stroossen alleguer besser. Da stellen ech fest, datt et awer genau deeselwechte Programm ass, wéi dat viru véier, fënnef Joer de Fall war, datt et den Ausbau vun den Autobunnen ass, datt et och Contournemente sinn, genau datselwecht. Mä elo ass et e grénge Minister, elo si se gutt, elo kënnen d'Sue gebraucht ginn derfir, elo ass absolutt kee Problem méi!

An de Mouvement écologique héiert een och net méi dozou, dee soss all Woch sech gemellt huet, fir doriwwer ze reklaméieren.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Da schwätzt och vum Fonds du rail. Véiermol méi wéi fir d'Stroossen. Dat hutt Dir ni gemaach!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat hu mir ni gemaach? Da kuckt emol déi Budgeten, déi... Wien huet den Tram hei op d'Schinne bruecht a wien huet gekuckt, datt e géif weiderkommen? Do wéilt ech Iech just drun erënneren. Do wéilt ech Iech just drun erënneren, wien deen Dossier jorelaang hei gedréckt huet, datt e soll kommen.

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat do war e schlecht Beispill, Här Wiseler. Dat war e schlecht Beispill!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et war kee Beispill, wat ech un Iech adresséiert hunn, Här Gibéryen. Ech hunn dat Beispill un déi gréng adresséiert. An déi soe mer, et war e gutt Beispill. An ech fannen, datt et och e gutt Beispill war.

(Brouhaha)

Iwwert d'Steierreform wësse mer nach ëmmer net, wou d'Rees higeet. Ass et e Rééquilibrage vum Budget oder ass et, esou wéi et am Ufank u sech geplangt war, wou am Fong gesot ginn ass: „Mir mussen eng Budgetsreform maachen, well mer en Defizit hunn a mir mussen dee rééquilibréieren."? Ass et just, esou wéi et virun engem Joer gesot ginn ass, méi Gerechtegkeet? Oder ass et, wéi et elo alt vun deem engen oder deem anere gesot gëtt, datt jiddweree soll dovunner profitéieren a mer dann däerfen eng Steierreform maachen, déi och kann eppes kaschten?

Ech lauschteren an deene leschten Deeg no, wat déi eng an déi aner soen. De Statsminister seet just, se kënnt den 1. Januar 2017. Do zweifelen ech och esou lues drun, well d'Zäit fänkt un, fortzelafen. Mä dat ass awer déi eenzeg Ausso, déi de Statsminister mécht.

An ech soen awer, Dir wësst jo awer elo d'Budgetszuelen, déi hu mer jo elo hei virleien, Dir wësst d'Marge de manœuvre, et gëtt jo keng aner. Et ass op deenen Zuelen, déi mer elo hei virleien hunn, wou muss geschafft ginn. An ech géif einfach gär wëssen, wou déi Rees do higeet. Bis elo huet nach keen eppes doriwwer gesot.

Et huet nach keen eppes driwwer gesot, mä et ass awer net, datt näischt gemaach gi wär a Saache Steieren. Mir hunn awer schonn eng Steiererhéijung an der TVA gehat. Mir hu schonn e Spuerpak gemaach, deen aus zwee Drëttel Steiere besteet, net aus Spuermoossnamen, mä aus zwee Drëttel méi Recetten!

A mir hunn och elo e Gesetzestext iwwert d'Betribsbesteierung, wou mer muer wäerten driwwer streiden, wat och schonn an der Betribsbesteierung an enger ganzer Rei Betriber wäert d'Steieren erofsetzen, an enger Rei anerer se wäert eropsetzen.

Hei ginn also eng ganz Rei Elementer scho vun der Besteierung gemaach, ouni datt mer wëssen, wat dann d'Gesamtkonzept ass, ouni datt mer wëssen, wou den Zuch higeet, an ouni datt mer am Fong richteg kënnen drop jugéieren, wat dat do dann elo alles heescht a wou mer schlussendlech wäerte landen. Firwat läit nach net méi um Dësch a firwat maacht Der elo schonn Elementer doraus, déi am Fong an de ganze Pak géife passen?

Datselwecht ass u sech mat deene grénge Elementer vun der Steierreform. Wou sinn dann

déi gréng Elementer, wou sinn dann déi ekologesch Elementer vun der Steierreform? Bis elo waarde mer wierklech nach ëmmer drop. A wa just d'gréngt Element soll sinn, datt den Tanktourismus lues a lues erofgeet, da wéilt ech lech just soen: Firwat geet en da lues a lues erof? Dat ass awer net, well dës Regierung eng Aktioun geholl hätt, fir den Tanktourismus erofzesetzen. Dat ass awer haaptsächlech, well déi belsch Autoritéiten décidéiert hunn, Reduktiounen de Camionneuren ze ginn, fir datt se sollen an der Belsch tanken.

Wann een dann higeet, mir sinn ekologesch „on track", mir spueren CO_2, wann een dat dann einfach seet, dann ass dat natierlech eng grouss politesch Heldentat, wann een dat erreecht, well déi Belsch hir Steieren erofsetzen op dem Gasoil. Also ech muss soen, dat ass politesch gutt geschafft. Domat kann ee sech bretzen. Dat ass eng grouss Politik, déi gemaach gëtt! Ech fannen, datt d'COP21 gutt Konklusioune gezunn huet. Ech sinn awer ganz gespaant drop ze waarden, wéi dann elo déi Emsetzung zu Lëtzebuerg soll gemaach ginn, wat dat fir Lëtzebuerg heescht an där nächster Zäit.

Une voix.- Mir bauen nei Tanklageren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wat de Spillraum ugeet: Ech hu gesot, den Här Bettel huet just gesot, datt bis den 1. Januar 2017 eng Steierreform géif kommen. Den Här Kox huet ganz éierlech gesot, an ech appréciéieren dat, datt de Spillraum geréng wär fir eng Steierreform. Dat ass och esou!

Wann ee liest, wat dann aner Gremien soen: D'Banque centrale rechent jo och vir, déi seet, de maximale Spillraum ass 300 Milliounen Euro. Wann een dann och nach ofrechent déi 0,5%, déi jo am Fong scho versprach ginn, datt se géifen abandonnéiert ginn, da geet och do de Spillraum nach eng Kéier ëm 130 Milliounen erof, an dat awer nëmmen, wann all d'Ziffere stëmmen!

Or, mir wëssen awer elo schonn, datt eng Rei Dépensen iwwerhaapt net an deem Pluriannuel dra sinn. Da froen ech mech, an ech froen d'Regierung: Wat ass dann de Spillraum, deen dës Regierung sech wëllt ginn?

An d'Cour des Comptes seet genau datselwecht a se erënnert drun, datt am Fong zwee Drëttel vum Spuerpak nei Steiere sinn, datt d'Steieren also do schonn an d'Luucht gesat ginn. An elo soll eng Reduktioun gemaach ginn. An ech zitéieren do d'Cour des Comptes: «Une neutralisation sur le plan budgétaire de ces mesures par des allègements fiscaux ne ferait pas de sens.» Just als kleng Remarque do niewendrun.

Da wéilt ech nach eng Saach soen, éier ech ophalen, dat ass iwwert de Fonds souverain. Dat ass ganz grouss d'lescht Joer ugekënnegt ginn. Dat ass déi Moossnam gewiescht, wou ënner anerem d'Regierung d'Zukunft virbereet huet, wou se Suen ewechsetzt fir d'Zukunft. Dëst Joer ass kaum driwwer geschwat ginn. De Moien huet den Här Gramegna ganz kuerz dee Sujet ugeschwat. An ech hätt mer am Fong erwaart, datt vun där doter Moossnam profitéiert gi wär, fir dann exceptionnel Recetten iwwer Tanktourismus, Remboursementer vun der EU, Recettë vun „eTVA" dann elo an dee Fong do gesat ginn. Dat wär logesch gewiescht. Dat wär de Sënn gewiescht.

Mä wat gesinn ech an deene Budgete vun deenen nächste Joren? Ech gesinn, datt just 50 Milliarden, 50 Milliounen d'Joer doranner gesat ginn, just also de Minimum, deen Dir selwer legal festgesat hutt. An d'Ironie vun der ganzer Saach, dat ass och nach déi - d'Ironie vun der ganzer Saach ass nach déi -, datt am Gesetz steet, se missten indexéiert ginn, an datt Der iwwert déi nächst véier, fënnef Joer och d'Indexatioun vun Ärer Eegenalimentatioun vun dem Fonds souverain net virgesitt!

An da liesen ech, vu datt Der de Kapp rëselt, och do d'Banque centrale nach eng Kéier vir, wat déi dann driwwer seet, iwwert dee Fonds souverain, deen Der op d'Bee gesat hutt. D'Banque centrale seet: «Il apparaît que le portefeuille disponible du Fonds, même à cet horizon éloigné, 2035, semble limité, tant en valeur qu'en pourcentage du PIB.»

D'BCL, déi seet et fein an diplomatesch, ech soen et anescht. Ech mengen, datt dat, wat Der do op d'Plaz gesat hutt, just e Showeffekt war, just eng Gadgetspolitik war, wou Der selwer dëst Joer net méi vill wot, doriwwer ze schwätzen. An hannendru soen ech, datt ech nach ëmmer net de Sënn agesinn hunn, firwat Der 50 Milliounen an e Fonds souverain setzt, déi Der op där anerer Säit da léine gitt, fir se duerno op e Fonds souverain ze setzen. Ech verstinn net de Sënn dovunner. Et ass just Gadgetspolitik, méi ass et net a méi hutt Der net gemaach!

Ech halen elo op, Här President. Ech weess net, wat ech als Konklusioun soll soen. Vläicht zwou Saachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech kann lech hëllefen.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et ass net, well ee mat den Zuele spillt, datt een d'Realitéit an de Grëff kritt. A schlussendlech: Esou eng Politik bréngt eis zu Lëtzebuerg kee Millimeter weider! An dofir stëmmt d'CSV-Fraktioun dëse Budget net.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wiseler. Nächsten...

(Brouhaha)

Nächsten ageschriwwene Riedner, Dir Hären, ass Äre Spriecher, den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, mir liewe jo an enger Zäit, wou ëmmer méi mat den Informationstechnologië geschafft gëtt, „getweet" gëtt, wéi een esou schéi seet. Wann ech elo misst en Tweet maachen, fir meng Ried schonn ze resüméieren, da géif ech dat maachen „# Budget 2016 Verantwortung, sozial Kohäsioun an Investissementer an d'Zukunft".

(Brouhaha)

Wann ech elo grad dem Här Wiseler, dem Fraktiounsspriecher vun der CSV, nogelauschtert hunn an ech géif him seng Ried tweeten, da géif ech déi tweeten „# 45 Minutte Kritik un der Rechnungsmethod vu Bréissel, 20 Minutte Kritik un enger moderner Familljepolitik an un der Koalitioun, null Minutten null konkret Propose fir e Budgetséquiliber oder fir eng Steierreform".

Une voix.- Besser, Dir tweet net!

(Hilarité)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, fir op mäin Tweet dann zréckzekommen, mir hunn hei an der Chamber méi wéi 140 Zeechen, duerfir kann ech dat dann awer hei och développéieren: sozialen Zesummenhalt garantéieren, Investitiounen an d'Zukunft tätegen, déi politesch Verantwortung iwwerhuelen. Ech mengen, mat dësem Mix huet dës Koalitioun e Budget opgestallt, dee fir Stabilitéit suergt an op deen een d'Zukunft vu Lëtzebuerg kann nohalteg opbauen.

Mäin éischte Punkt, dat ass deen: Dëse Budget steet ënnert dem Zeeche vun der Verantwortung! Mir hunn e Budget preparéiert, mir maachen eng Politik net nëmme fir dëst Joer oder fir d'nächst Joer, mä och an deene leschten zwee Joer hu mer dat scho gemaach beim Budget, déi kuckt op haut, op muer an op iwwermuer. Oder, fir mat de Wierder vum Budgetsrapporteur ze schwätzen, de Budget 2016...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...ass een, wou een en bon père oder mère de famille gehandelt huet.

An dat ënnerscheet eis och, Här President, oder dat ënnerscheet eis Politik vun där, déi virun 2014 gemaach ginn ass, wou Budgetspolitik eben esou gemaach ginn ass, wéi wann et kee Muer géif ginn. Duerfir sinn d'Finanzen aus dem Rudder gelaf an all déi Jore gouf och net géigegesteiert, well een ëmmer nëmmen den Haut gekuckt huet.

Ech wéilt awer nach eng Kéier drun erënneren, och wann d'Oppositioun et net gären héiert - et ass vill elo vun Zuelen hei geschwat ginn -, drun erënneren, wou mer 2013 stoungen, wat mer do virfonnt hunn als Trajectoire. Den Defizit ass a Richtung 1,1 Milliarde fir 2018 gelaf. D'Schold war, muss ee soen, explodéiert! Säit 2008 ass se a Richtung 16 Milliarde gelaf. Dat hätt also geheescht, datt mer all Joers, nëmmen eleng Scholdzënsen, iwwer 330 Millioune bezuelt hätten!

Et kéint ee sech da froen: Wéi vill Lycéeën, wéi vill Crèchë wier dat manner ginn, hätt een déi Suen net gehat? Dat hätt also geheescht, wa mer esou weidergefuer wiere wéi virdrun, datt mer dann och déi nächst, an ech mengen net nëmmen déi nächst, mä och déi iwwernächst Generatioun extrem belaascht hätten, hinnen eng finanziell Kniechtschaft operluecht hätten, aus där se nëmme ganz schwéier erauskomm wieren. An d'lescht Joer hat och de Premier vum Risiko vun enger „génération payante" geschwat.

Ech erënneren och un zousätzlech Problemer, déi mer haten. D'Ewechfale vun der TVA vum E-Commerce war deemools schonn eminent. Iwwer eng Milliard wäerte mer verléieren an déi Recetten hu mer also och elo net méi säit 2015. Mat deene Sue sinn an der Vergaangenheet vum fréiere Finanzminister lafend Käschte gedeckt ginn. Dat waren eigentlech ongedeckte Schecken, well mer do natierlech woussten, datt déi géifen eng Kéier ewechfalen. 650 Millioune Recettë sinn eis eleng dëst Joer duerch d'Ewechbrieche vun deene Recetten entgaangen!

Wa mer esou weidergefuer wieren, dann hätte mer och net eis Stabilitéitskritäre fir 2018 respektiv och schonn déi vum leschte Joer, dësem Joer an dem nächste Joer erreecht, hätte mer déi net erfëllt. Eise Solde structurel, wa mer näischt gemaach hätten, wier a Richtung minus 1,2% fir 2018 gelaf.

Wat hätt dat da geheescht? Et ass net nëmmen, datt da Bréissel eis e béise Fanger gemaach hätt, mä mer hätten eisen Triple-A verluer. A virun allem hätte mer och riskéiert, datt mer zu Lëtzebuerg hei net méi Här a Meeschter iwwer eisen eegene Budget, iwwer eis eege Sue bliwwe wieren. Dann hätt Bréissel ugefaang eis ze soen, wat mer dierfe maachen oder wat mer net dierfe maache mat eise Suen hei zu Lëtzebuerg. Dat wollte mir net. Ech mengen, dat wollt sécherlech keen hei am Land!

Et huet missen eppes geschéie bei de Statsfinanzen. An duerfir huet eben och d'Majoritéit hir Verantwortung iwwerholl. An duerfir hu mir dat gemaach, wat mer an deene leschten zwee Joer gemaach hunn.

An ech wéilt och soen, e Budgetséquiliber, eng bonne Note vu Bréissel, déi falen engem jo net einfach esou an de Schouss. Mir hu missen Décisiounen, politesch Décisiounen huelen, déi net ëmmer einfach waren. Mä ech mengen, d'Resultat ass do!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

No zwee Joer kënne mer soen, mir hunn eis Statsfinanzen am Grëff. Mir hunn eng gesond Budgetssituatioun, op déi mer dann och kënnen opbauen, op déi mer kënnen nohalteg opbauen. Mir hunn eis Verantwortung iwwerholl, andeem mer en Zukunftspak presentéiert hu mat enger ganzer Rëtsch vu Mesuren, déi och elo schonn ufänken, hir Friichten ze droen.

Déi Mesurë si vun deenen engen oder aneren - ech ka mech dat ganz gutt erënneren, Dir alleguerten hei - ganz schaarf kritiséiert ginn. Déi gréisst Oppositiounspartei huet eigentlech praktesch kee gutt Hoer dru gelooss. Mä wat wier geschitt, wa mer net déi Décisioune geholl hätten? Wou wiere mer dann haut drun, wa mer net de Courage gehat hätten an dat décidéiert hätten?

Wann ech d'lescht Joer de Spriecher vun der Oppositioun nogelauschtert hunn - déi haten e puer Amendementer erabruecht -, mä virun allem hat d'Oppositioun d'lescht Joer proposéiert, datt mer dat alles géife réckgängeg maachen, datt mer näischt sollte maachen. Mä wa mer dat gemaach hätten, also à politiques inchangées, kënnt Der all an den Tabellen nokucken, da wiere mer haut weider an der Scholdespiral, da wiere mer haut um Wee an e gréisseren Defizit. An da géif Bréissel eis haut scho soen: Passt op, well d'nächst Joer soe mir lech da schonn, wat Der musst mat Äre Sue maachen!

Mir hunn eis Verantwortung iwwerholl. Mir hunn och zwee Accorde mat de Sozialpartner ofgeschloss. An ech mengen, dat ass genau dat Richtegt, wat mer ze maachen haten.

An ech si verwonnert, d'lescht Joer huet d'Oppositioun massiv eisen Zukunftspak kritiséiert. An elo, wann ech dat och kucken, ass haut gesot ginn, mä awer och schonn de 14. Oktober, wéi de Finanzminister hei de Budget 2016 presentéiert huet, deeselwechten Dag nach op RTL - ech hunn elo d'Zitat net méi auswenneg am Kapp - huet op alle Fall de Fraktiounsspriecher vun der CSV eigentlech kritiséiert, datt mer géifen den Zukunftspak do net anhalen, datt mer net gradesou vill géifen do Suen erakréien, wéi mer dat virgesinn hätten. Ech verstinn dat net!

D'lescht Joer seet en, mir géifen ze wäit goen, an dëst Joer seet en, mir géifen net wäit genuch goen. Da sot Dir eis: Wëllt Dir weider de Leit an d'Täsch gräifen oder wéi wëllt Dir dat da maachen, wann et net wäit genuch geet? Dir musst lech décidéieren, wat Der dann elo wëllt! Ass den Zukunftspak dat Richtegt gewiescht fir de Budgetséquiliber oder net? A wann lech dat net duergeet, dann hätt ech wierklech gär gehat, datt Der virdrun och schonn, amplaz null konkret Proposen ze maachen, eis da gesot hätt, wou Dir gäre wëllt de Leit an d'Täsch gräifen.

Här President, et sinn eng Rei...

(Interruption)

Verschidde Mesurë sinn effektiv net zum Droe komm an deem Zukunftspak, et si verschidden Ofweichungen do, effektiv, par rapport zu de Projektiounen, déi mer 2014 gemaach hunn. Dat ass och normal. Dat war, ier mer mat de Sozialpartner nach eng Kéier den Zukunftspak diskutéiert haten. An et ass och normal, datt een net zum Beispill bei de Recettë bis op de leschten Dibbelchen dat ka virgesinn, wat do herno zum Beispill erakënnt.

Et sinn och verschidde Mesuren, déi si fale gelooss ginn, awer och, well et eng Ursaach gouf. Zum Beispill Hëllefen un d'Entreprisë bei der Formation professionnelle continue, do ware 5,8 Millioune virgesinn, déi ee wéilt aneschters benotzen. Mir sinn awer am Endeffekt zur Konklusioun komm, datt dat awer gutt investéiert Sue wieren, wa mer déi géifen doloossen. Duerfir hu mer déi Mesure also net duerchgezunn.

Mä op alle Fall hu mer d'Zil erreecht, wat den Zukunftspak sollt bréngen, nääml ech datt mer mat deene Mesuren de Kurs geholl hunn, fir eise Budget an de Grëff ze kréien. Eng Kéier kuerz de Rappell: Mir si bei den Dépensen + 4,3%, Recetten + 5,6%. Virun allem, onofhängeg vun de plakegen Zuelen, hei geet d'Schéier ëmmer méi zesummen, dat heescht, mir reduzéieren och eisen Defizit. Elo fir 2016 wäerte mer, no den europäesche Rechnungen, ëm 183 Milliounen den Defizit reduzéieren. Bref, mir si voll an der Trajectoire fir de Budgetséquiliber 2018.

A virdrun huet jo de Fraktiounsspriecher vill kritiséiert d'Zuelen. Hien huet sech vill mat den Zuelen ausenanergesat a mat de Methoden an och respektiv, wéi mir de Pluriannuel virgesinn, datt dat net richteg wier, datt dat alles a Fro gestallt ginn ass. Beim Pluriannuel ass natierlech ëmmer d'Schwieregkeet, datt een do eng Trajectoire huet à politiques inchangées, datt een do e puer Invariabelen huet.

Mä da soen ech einfach: Da kommt, mir kucken emol, wéi mer et déi lescht zwee Joer gemaach hunn! Wéi hu mer dann do eise Budget verwalt, wéi ass et dann do mat den Zuelen, déi mer lech hei presentéiert haten, déi mer hei gestëmmt hunn, wat ass dann do dobäi erauskomm?

Mä 2014 hu mer praktesch eng minimal Ofweichung vun nëmmen 1% par rapport zu deem, wat mer hei an der Chamber gestëmmt hate fir 2014. Ech ka mech erënneren, ech war Budgetsrapporteur, och deemools ware schonn déi Kriticken. Do hu mer also gewisen 2014, datt mer dat esou gemaach hunn, wéi mer et hei presentéiert hunn.

An 2015 gëtt d'selwecht. Mir haten dee leschte Bilan an der Commission jointe, wou mer no dräi Véierels vun de Konte gesinn hunn, datt mer praktesch eng Punktlandung maachen och mam Budget 2015, datt mer also uerdentlech schaffen an datt mer awer och kënnen dovunner ausgoen, datt mer dat an deenen nächste Jore mam Pluriannuel a mat deem, wat mer hei fir 2016 plangen, datt mer do richteg leien.

Ech mengen, duerch déi verantwortungsvoll Gestioun vun der Statskeess schafe mer eis jo och d'Moyenen, fir Politik ze maache vun der sozialer Kohäsioun, fir kënne fir déi Jonk Politik ze maachen, fir kënne fir d'Famillje Politik ze maachen, fir Logementspolitik ze maachen, fir an de Klimaschutz, fir an d'Fuerschung ze investéieren an esou weider. Ech wäert herno nach eng Kéier dorobber zréckkommen.

Mä dat ass dat, wat ech ëmmer erëm muss soen: De Budgetséquiliber, dat ass kee Selbstzweck! Mir si keng Zuelefetischisten, mä mir wëssen awer: Nëmme mat engem Triple-A an de Finanze kann am Interessi vun all de Bierger geschafft ginn, kann een en Triple-A social ëmsetzen!

A mir hunn deen och, och wann dat virdrun ofgeleent ginn ass oder an d'Lächerlecht gezu ginn ass. Mir hunn och en Triple-A social, Madamm Presidentin. Wat jo och ëmmer de Chamberspresident erfreet, wa mer dat kënne soen. An eigentlech ass eis Suerg, oder dat ass och da vläicht an der Linn vum Budgetsrapporteur: Eis Suerg soll och eigentlech sinn, datt mer mat deem Triple-A an de Finanzen och en Triple-A écologique iergendwéi eng Kéier erreechen. Mir schaffen dorunner.

Mä op alle Fall, mir hunn also mat politeschem Courage erreecht, datt mer eis Moyene geschaaft hunn, och fir kënnen eng Steierreform fir 2017 unzegoen, wou mer kënnen d'Bierger entlaaschten. An et ass jo interessant, och festzestellen, datt déi Partei, déi am heftegsten d'lescht Joer géint eis Mesuren am Zukunftspak war, awer elo déi éischt ass, déi gär de Benefiss dovunner géif verdeelen.

De 15. August, mëtten am Summer, wann ech mech richteg erënneren, huet den Här Roth en Interview ginn an dem „Lëtzebuerger Wort", wou den Här Roth eigentlech dat, wat mir elo vläicht erschafft hunn, scho grousszügeg wéilt mat der Strenz iwwert d'Land verdeelen. En huet vun 800 Millioune geschwat, déi ee kéint

ënnert d'Leit brëngen an esou virun an esou fort. Ech mengen, dat si Proposen... Wann dat déi eenzeg Propose vun der CSV si fir eng Steierreform, da muss ech soen: Dat ass komplett irresponsabel. Et kann een net mat enger Strenz iwwert d'Land fueren!

Mir wäerten och eng Steierreform ugoen, mä mir wäerten dat, am Géigesaz zu de Propose vum Här Roth, mat Verantwortung maachen. Ech ginn elo keng Detailer.

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, loosst den Här Berger schwätzen!

M. Eugène Berger *(DP).*- Ech ginn elo keng Detailer, Madamm Presidentin. D'Aarbechten an d'Rechnunge sinn amgaangen. Se sinn intensiv amgaangen. Mir bedaueren och, datt den Här Roth aus der Course geholl ginn ass aus engem Aarbechtsgrupp. Do hätt e vläicht méi konstruktiv Propose kënnen abréngen am Aarbechtsgrupp vun der Grondsteier. Bon, et weist awer och vläicht, datt d'Oppositioun net wëllt konstruktiv matschaffen.

Op alle Fall, Aarbechtsgruppe sinn amgaangen. An eppes, onofhängeg vun den Detailer, si mer eis awer all eens: D'Mëttelschicht, déi muss entlaascht ginn, well mer einfach feststellen: De Spëtzesteiersaz, et kënnt ee vill ze schnell op deen. Mir mussen deene Jonken, déi an d'Beruffsliewe starten, entgéintkommen, zum Beispill beim Logement. Virun allem mussen och d'Monoparentauxen entlaascht ginn. Ech hunn dat schonn e puermol gesot: Et ass net normal fir mech, datt eigentlech eng Mamm, elengerzéiend mat dräi Kanner, méi steierlech belaascht gëtt, wéi eng Koppel, déi bestuet ass, déi keng Kanner huet a wou een net schaffe geet.

Op alle Fall, dat sinn e puer Akzenter. Et muss een awer och wëssen, datt d'Beem net an den Himmel wäerte wuessen. Et ass och elo onnëtz, iwwer e Montant ze spekuléieren. Mir schaffen drun, fir eng kohärent Steierreform ze maachen, wou mer eben déi Ziler erreechen, déi ech elo grad opgezielt hunn.

Mir sinn eis och bewosst, datt mer eis an enger Zäit bewegen, wou d'Wirtschaftsdate positiv sinn. Ech huelen elo d'Zuele vum Statec. 2015: 4,1%, et war e bëssen erof revidéiert ginn. Fir 2016 gëtt 3,4% annoncéiert. Mir wëssen och, de Chômage geet lues erof. Mesurë wéi zum Beispill den Job-Pakt, wou zesumme mat den Entreprisë solle 5.000 nei Aarbechtsplaze kreéiert ginn, mam Akzent natierlech op deene Jugendlechen, déi fänke lues a lues un ze gräifen, wéi insgesamt d'Initiativen, muss ech soen, vun der Regierung am Beräich vun der Bekämpfung vum Chômage ganz positiv sinn. Haut de Moien ass jo och nach gesot gi vum Finanzminister, datt mer zwar nach bei 7% sinn. Mir kéinten eis nach eppes Besseres virstellen, mä et gëtt awer ganz gutt dru geschafft.

Mir hunn elo also positiv Wirtschaftsdaten. An da gesäit ee jo direkt, datt dann eng Rei Fuerderungen op een zoukommen, wann ech esou liesen, wat ech an der Press liesen, ënner anerem vu verschidde Gewerkschaften, déi dann elo direkt d'Demande un de Finanzminister maachen, fir aus dem Vollen ze schäffelen. Den Här Wiseler géif vläicht soen, fir Kaddoen ze maachen.

Ech wëll awer drun erënneren: Mir liewen awer an Zäiten, wou vill Evenementer an der Welt, och hei an Europa, och bei eis, fir Opreegung an Onstabilitéit suergen: d'Schwächt vun der chineesescher Ekonomie; Krisen; d'Ukrain hu mer vläicht schonn e bësse vergiess, et ass awer nach net vum Dësch; am Noen Osten; wat fir eng Auswierkungen huet déi ganz Problematik vum Flüchtlingsstroum an Europa, och hei zu Lëtzebuerg? Ech mengen, Experte si gedeelter Meenung. Ech hu gelies, an Däitschland sinn Experten, déi soen, dat kéint e positiven Effet hunn op d'Wirtschaftsentwécklung. Anerer soen de Géigendeel.

Bon, de Pëtrolspräis. Mir sinn do um Déifststand, mä et weess een net an zwee, dräi Joer, wou mer da mam Präis si beim Barrel Uelech. Bei den nationalen Evolutioune wësse mer och net... Bon, mir gesinn, d'Recetten aus dem Tanktourismus gi lues a lues erof. D'Recettë vum E-Commerce, souwisou wësse mer, datt déi praktesch verschwonne sinn.

All déi Saachen do, déi muss een am Hannerkapp hunn, also datt mer keng Garantie hunn, wéi laang positiv Entwécklungen an der Welt Bestand hunn. Wat haut anscheinend nach sécher ass, ka muer schonns Geschicht sinn. Wann Der lech erënnert, virun engem Joer stounge mer all hei: Wien hei aus dem Sall hätt virum leschte Joer gewosst, datt mer ee Joer méi spéit géifen iwwer Flüchtlingen an Europa an och esou ee grousse Stroum hei zu Lëtzebuerg schwätzen? Et ass ganz schwéier, fir Prognosen do ze maachen.

An duerfir dierf ee jo och net där grousser Tentatioun verfalen, fir all Plus-value dann direkt weiderzereechen. Dat ass effektiv vläicht politesch den einfache Wee. Dat ass, wann ee just op den Haut kuckt, mä net op de Muer an den Iwwermuer. An och an der Finanzpolitik muss een eben dee berüümtenen Apel fir den Duuscht halen.

Well, ech mengen, dat ass jo och de Punkt. Meng Partei an och dës Koalitioun, déi wëllen eng Politik maachen, wou mer och eis Responsabilitéit iwwerhuele vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. Mir mussen also och deene Chancen erhalen a mir dierfen elo net alles verspillen. An och - Klammer op - de Fonds souverain gehéiert do derzou. A mir stinn och zu deem. Mir sinn nach wie vor der Meenung, datt dat eng gutt Aart a Weis ass, fir och deenen zukünftege Generatiounen op déi Aart a Weis eng kleng Mouk ze hannerloossen.

Ech mengen, wa mer esou eng Politik maachen, dat ass dat, wat mir ënner nohalteger Finanzpolitik verstinn. An ech mengen, do si mer eis wierklech eens, do si mer op därselwechter Wellelängt mam Budgetsrapporteur, datt mir och also an där Logik, an där Philosophie säi Budgetsrapport an och iwwerhaapt eis Finanzpolitik voll deelen.

A well et jo och esou schwéier ass, fir all Evolutioun genau ofzegesinn op Joren an op Méint heiansdo, ass et immens wichteg, datt mer hei zu Lëtzebuerg e puer Valeur-sûren hunn, op déi een awer als wichtege Pilier kann eis national Ekonomie ofsécheren. An ech mengen, dozou gehéiert ouni Diskussioun eis Banken- a Finanzplaz, déi ronn een Drëttel vun eisem Budget assuréiert.

An ech muss soen, trotz LuxLeaks-Affär, nom Ofschafe vum Bankgeheimnis hu mer et fäerdegbruecht, eis net nëmmen ze halen, mä ech géif souguer soen, eis op besser Féiss erëm ze stellen. An ech wëll och hei wierklech ausdrécklech de Finanzminister, de Pierre Gramegna, luewe fir säin Asaz an deene leschten zwee Joer, an net nëmmen am Dossier LuxLeaks, wou en on tour war an en exzellente Match gemaach huet, mä wou en och an der Présidence an iwwerall an der Welt ronderëm getourt ass, fir et emol esou ze soen, fir d'Finanzan d'Bankeplaz Lëtzebuerg nees erëm an dat Liicht ze stellen, fir ze soen, wat mer alles am Sënn vun der Transparenz maachen.

An duerfir hu mer do och erreecht, datt mer nees vun de schwaarzen an de groe Lëschten erofkomm sinn, datt mer erëm elo propper dostinn. An dat hëlleft eiser Bankeplaz. Do sti mer dann uerdentlech do. An den Know-how hu mer souwisou hei op eiser Plaz.

Ech mengen, et ass och an deem Sënn, wou mer de FinTech wäerte weider développéieren. Dat wäert och nach dee Pilier weider stäerken. An dat ass eigentlech och den Joint bei een anere Pilier, deen och, mengen ech, immens wichteg ass hei zu Lëtzebuerg. Dat ass dee ganze Secteur ICT, wou Lëtzebuerg also och ganz vill Stäerkten huet. Mir hu grouss, ganz performant Datazentren an och déi musse mer ausnotzen.

Jo, dat ass jo déi Fro, eng vun de kruziale Froen, och vum Budgetsrapporteur: Brauche mer Wuesstum? Wat fir ee Wuesstum? Kënne mer eis de Wuesstum leeschten? Jo, ech mengen op alle Fall, datt, wa mer op esou Secteure setzen - d'Banken, den ICT-Secteur, d'Datazentren -, awer och op de Klimaschutz - mir investéiere ganz vill an de Klimaschutz an an all déi Beräicher -, da mengen ech wierklech, datt dat e Wuesstum ass, dee mer kënnen all mat Responsabilitéit assuméieren.

Här President... Pardon, Madamm Presidentin, mat deene Mesuren, déi mer also geholl hunn, erfëlle mer d'Kritären, déi de Stabilitéitspakt eis operleet. Mir sinn op Kurs, fir de Solde structurel vun 0,5% 2018 ze erreechen. 2016 leie mer eigentlech scho besser, wéi dat vu Bréissel verlaangt ginn ass respektiv wéi mer eis selwer virgeholl haten. Mir schaffen eigentlech besser, wéi mer eis dat an eisem Koalitiounsaccord selwer virgeholl hunn. Ech mengen, dat brauch eis dann awer wierklech kee virzewerfen.

Ee Wuert dann zu dem Avis vum Conseil national des finances publiques. De Fraktiounschef vun der CSV, deen huet jo ganz laang Minutten a Véirelstonnen doriwwer hei gerechent, fir ze soen oder derfir ze plädéieren, wat fir eng Method een da sollt huelen, wat fir eng déi richteg wier. Jo, de CNFP huet a senge Konklusioune gesot, mir wieren 2016 nëmme bei 0,3% an 2017 souguer bei minus 0,1% beim Solde structurel.

Ech soen lech awer, Madamm Presidentin, wat fir mech wichteg, wat fir mech ausschlaggebend ass, well do gëtt dann diskutéiert: Wien huet wat fir eng oder déi richteg Rechnungsmethod? Dat ass eng Spillerei, déi kann ee stonnelaang weiderféieren. Do kënnen d'Experte sech, d'Mathematiker sech streiden. Wat fir mech wichteg ass, Madamm Presidentin, dat ass, datt mir déi Kritären erfëllen, déi Bréissel vun eis freet.

An eng Woch drop, eng Woch no dem Avis vun dem CNFP sinn d'Konklusioune vum ieweschten Arbitter komm. Déi waren: Lëtzebuerg ass bei deene véier Länner - ech wollt elo bal soen, bei deene véier Musterschüler -, op alle Fall bei deene véier Länner, mat Däitschland, Holland, Estland an der Slowakei, déi déi Kritäre genau anhalen, déi wierklech op Kurs sinn. Bréissel seet souguer, datt mer och 2015 schonn iwwer eisem Sold wieren an 2016 nach méi iwwer eisem Sold wieren. Egal, mir mussen eis op d'EU-Kritäre baséieren. Do liwwere mer eis Examenskopie of an do hu mer brillant mat enger grande distinction réusséiert.

Wann ech bei de Stabilitéitskritären, wann ech bei Bréissel sinn, wëll ech och hei ervirsträichen, datt mer nei Weeër wäerte goen, wéi mer mam Semestre européen an der Chamber ëmginn. De Rapporteur huet dat jo och a sengem Rapport schonn ugedeit oder scho preziséiert. Mir kennen all d'Prozedur. Am Fréijoer ass dat dann, wann de Pacte de stabilité an de PNR sollen traitéiert ginn, ëmmer immens kuerz, ech géif souguer bal soen, ze kuerz, wéi mer dat maachen. An „kuerz" ass och nach vläicht ënnerdriwwen. Et ass scho bal moies um néng Auer am Regierungsrot, um zéng oder um eelef an der Commission jointe an dann um hallwer zwielef den Timber drop a fort.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, fir deem Débat méi eng grouss Wichtegkeet ze ginn, fir och d'Chamber als éischte Pouvoir méi anzebannen an déi Diskussiounen, datt mer eigentlech aus deem Semestre européen wëllen eng Semaine luxembourgeoise maachen, datt mer eis also déi néideg Zäit huelen, fir déi laangfristeg Ausriichtung vun eisem Budget ze diskutéieren, andeem mer dann de Pluriannuel och vläicht méi sektoriell, déi sektoriell Politicke kënnen hei am Plenum zur Debatt brëngen.

Ech mengen, dat gëtt am Endeffekt och dann eigentlech esou eng Aart mini Zukunftsdebatt op déi nächst puer Joer. Dat ass a mengen Aen u sech eng Opwäertung vun der Aarbecht vum Parlament. An et ass awer och eng resolutt nei Aart a Weis, wéi mer un de Budget wäerten erugoen, wa mer vu Revolutioune schwätzen. Bis elo huet sech de Pluriannuel ëmmer ronderëm den Annuel gedréit. A mir wäerten dat elo ëmdréien. An Zukunft, da wäert eigentlech den Annuel ronderëm de Pluriannuel dréien. Et ass eigentlech awer an deem Sënn scho wierklech eng komplett nei Approche, wéi een un de Budget erugeet.

An deem Kontext, wann ee seet, nei un de Budget erugoen, gëtt och d'Chamber, wa mer dat esou maachen, nach méi intensiv an de Pluriannuel mat agebonnen. Mä ech wëll awer einfach soen, an der Aart a Weis, wéi och dobaussen de Budget duergestallt gëtt, wéi mer dat de Leit vermëttelen, huet och de Finanzminister nei Akzenter gesat, fir de Leit de Budget méi no a méi transparent ze brëngen.

Ech recommandéiere wierklech jiddwerengem hei, fir emol eng Kéier op de Site vun de Finances publiques ze goen. Do ass ee spezielle Volet „Budget 2016", wou ee ganz flott Informatioune fënnt, wou een och an Zukunft wäert de Stand praktesch all Mount fannen, wéi et mat de Sue vum Stat ass. Ech fannen, dat ass awer och am Endeffekt eng Opwäertung vun der Aart a Weis, wéi ee mam Budget vis-à-vis vun de Bierger ëmgeet.

Madamm Presidentin, ech hat och gesot a mengem Tweet, datt de Budget 2016 e Budget vum sozialen Zesummenhalt ass. D'Sozialleeschtungen an eisem Budget maache ronn d'Halschent - an Zuelen iwwer 6 Milliarden - aus, déi mer an eisem Budget stoen hunn. Ech mengen, dat ass jo och... Wann ech dovunner schwätzen, da schwätzen ech vun RMG, Indemnitéite fir de Chômage, Subventions loyer, Familljeleeschtungen an esou weider. Also, bal d'Halschent geet an esou Sozialleeschtungen, wou mer eng Ëmverdeelung maachen un déi, déi manner hunn, déi eventuell méi schwaach an der Gesellschaft sinn. Dat ass gutt esou. Mir loosse kee lénks leien.

Madamm Presidentin, Lëtzebuerg huet en Triple-A social. Jo, a mir kënnen houfreg dorobber sinn. An deen ass eben nëmme méiglech, hunn ech schonn eng Kéier gesot, well mer eis déi Moyene gi mat engem Triple-A an de Finanzen, well mer eise Budget am Grëff hunn, well mer eng stabill Finanzplaz hunn. An och de Statsrot ass jo därselwechter Meenung. Ech hunn d'Säit elo net méi genau am Kapp, mä Dir fannt dat genau erëm. Dat ass, wou och de Statsrot preziséiert: Et ass kee Budget vun Austeritéit, et ass e Budget, wou ganz vill an d'Sozialleeschtungen investéiert gëtt, wou ganz vill investéiert gëtt.

An ech mengen, wann ech Sozialbudget soen, da wëll ech elo kuerz, ech ginn net an den Detail an, awer un all déi Voleten och erënneren, déi och mat Sozialpolitik ze doen hunn, wou mer och Akzenter setzen: bei deene Jéngsten, an der Schoul, fir datt de soziale Lift ka fonctionnéieren. Mir maachen eppes fir déi Jonk, virun allem déi, déi an hiert Liewe starten, an der Schoul, awer och herno, wa se hiert eegent Liewe wëllen op d'Bee setzen, am Logement an esou weider.

Nëmme fir de Logement ze huelen. D'Regierung setzt nach wie vor d'Prioritéit op de Logement. A mir hunn 2015 nach eng Kéier e gudden Huef gemaach am Budget, nach eng Kéier eng Steigerung vun iwwer engem Drëttel vum Budget par rapport zum leschte Joer, well dat eben eng Prioritéit fir dës Koalitioun ass, well se décidéiert ass, do Neel mat Käpp ze maachen.

Mir hunn d'Subvention loyer gestëmmt: 28 Milliounen. 75% kréien d'Agences immobilières sociales méi. Mir setzen den Akzent op de Logement locatif. Mir sinn amgaangen, mat de Gemenge ganz vill Projeten ze initiéieren, Wunnraum ze schafen. Ech wëll och nëmmen erënneren, datt de Stat och d'Virbildfunktioun iwwerhëlt do, wou en et an der Hand huet. D'Beispill um Kierchbierg mam Fonds du Kirchberg, wou de Stat eigentlech d'Hand iwwert d'Terrainen hat a wou en nei Weeër gaangen ass, wou eigentlech déi viregt Regierung d'Terraine wollt un de Meistbietende verhökeren.

Dës Regierung huet gesot: „Esou maache mer et net." Si hunn een Deel gehal an hu gesot: „Mir hätten hei gäre Wunnraum, dee 40% ënnert der Moyenne an där Géigend ass, mat deene Konditiounen." En aneren Deel mécht den SNHBM op deem Areal, wou de Präis souguer wäert 50% ënnert dem Marchéspräis leien, wou d'Regierung d'Heft an der Hand hält a wou mir eigentlech virginn, wéi ee kann d'Präisser gestalten. Ech mengen, dat ass déi Aart a Weis, wéi mir och Logementspolitik maachen, wou mir net nëmmen dervu schwätzen, mä mir maachen et och.

De Logement huet och mat der Energiefro ze dinn. Ganz kuerz d'Stéchwuert Klimabank. Dat ass effektiv wou een den Joint mécht tëschent dem Klimaschutz oder all den Efforten, déi ee wëllt maache fir d'Ëmwelt, an op där anerer Säit wéi ee mat de Finanzen ëmgeet. A wa meng Informatioune richteg sinn, sinn d'Aarbechte ganz intensiv amgaang, fir och an deenen nächste Méint e Projet op den Dësch ze leeën, fir datt mer dann déi Klimabank kënne fonctionnéieren doen. Dat ass och am Endeffekt an der Logik vu Sozialpolitik, well mer hei och bei de Leit évitéieren, datt se an eng Energieaarmut kënnen erafalen.

Dës Regierung setzt och Akzenter an der Sozialpolitik, wa se Akzenter an der Famillje politik setzt. An et ass schued, datt den Här Wiseler elo de Moment net do ass, well e jo virdru vehement dat a Fro gestallt huet. Mir mengen, keen hei an der Chamber ass dergéint, datt mer e verbesserte Congé parental hei op d'Schinne wäerte setzen. Kee kann dergéint sinn, wa mer soen, mir wëllen d'Monoparentauxe besser ënnerstëtzen. Kee kann dergéint sinn, wa mer soen, mir wëllen eng Neiausriichtung vum Kannergeld, wou jiddwereen d'selwecht behandelt gëtt.

An et soll een eng fir alle Kéier ophale mat där Saga, et géif een eppes ewechgeholl kréien. Dat stëmmt net! Alleguerten déi Kanner, déi elo do sinn, kréien näischt ewechgeholl. Déi behalen all dat, wat se bis elo haten. A Punkt a Schluss. Kommt, mir hale mat där Diskussioun op!

Dës Regierung setzt och Akzenter an der Sozialpolitik, well se derfir suergt, datt all Kand déiselwecht Startchancë soll kréien. D'gratis Kannerbetreiung wäert kommen, mä mir briechen dat net iwwert de Knéi. Ech ka mech erënneren, et war eng Regierung, déi huet eng Kéier méindesmoies annoncéiert, et géife Chèqueservicë kommen, an dënschdesmoies hätten eigentlech missen all d'Gemenge prett sinn, fir dat ëmzesetzen. Esou maache mir et net, mä mir maachen hei en uerdentlecht Konzept, fir datt dat dann och, wa mer et ufänken, wierklech wäert gutt fonctionnéieren.

D'selwecht bei där bilingualer Férderung vun de Kanner an de Schoulen, wou mer den Akzent op d'Sproochekompetenz setzen, bei deenen engen a bei deenen aneren. Jiddweree, deen och e Minimum mat Kanner oder mat Enseignanten ze dinn huet, weess, datt ee besonnesch am klengen Alter kann do férderen. Wat ass hei d'Zil? Dat ass, fir datt mer wierklech de Kanner déi bescht Startchancen och fir d'Schoul ginn, andeems mer hir Sproochekompetenze wäerten entwéckelen.

Mäi leschten Deel vum Tweet, Madamm Presidentin: De Budget 2016 ass e Budget vun den Investitiounen. D'Investitoune ginn ëm 293 Milliounen an d'Luucht a mir erreechen e Rekordniveau hei am Land, wat d'Investitioun ubelaangt. Nach ni ass hei zu Lëtzebuerg esou vill investéiert ginn. An investéieren heescht jo och, op d'Zukunft setzen, d'Zukunft preparéieren. Ech wäert net an den Detail agoen, muer wäert nach meng Fraktiounskolleegin, d'Joëlle Elvinger, dorobber agoen, mä e puer Wierder awer trotzdeem.

Ech mengen, 2016 läit e besonneschen Akzent op der Mobilitéit. Dat ass noutwendeg, well mer d'Offer am Beräich vum ëffentlechen Transport musse verbesseren. Mir gesinn dat all Dag moies, wa mer d'Trafic-Kameraen umaachen. An dann och den Tram natierlech. A mam Tram fuere mer eigentlech am Geescht, mam Tram fuere mer an der Logik vun der COP21 zu Paräis, well jo och den Tram am Endeffekt en indirekten Invest an de Klimaschutz ass.

Infrastrukturen, wéi gesot, och am Beräich Kannerbetreiung. Schoule stinn um Programm; Déifferdenger Lycée. Mir investéieren an d'Matière grise an d'Fuerschungsuni Belval.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir investéieren an den Ëmweltschutz, d'Kläranlagen, wou och ganz vill Nohuelbedarf ass, wou mer dat wäerten opschaffen. Mir bezuelen am internationale Klimafong och ganz generéis an. Einfach nëmmen, fir ze soen, datt mer also och bei den Investitiounen Akzenter setzen. A schlussendlech och mat där klenger Mouk, déi mer op d'Säit setze mam Fonds souverain, gi mer eppes fir déi zukünfteg Generatiounen op de Wee.

Här President, ech komme lues a lues zu menge Konklusiounen. Ech hat dem Budgetsrapporteur nach net esou richteg Merci gesot. Ech hat en e puermol elo erwäänt. Ech wollt mer dat eigentlech fir de Schluss ophiewen. De Budgetsrapporteur, den Henri Kox, huet e Rapport geschriwwen, dee weist - ech mengen, dat ass och d'Natur vun der Saach, vu sengem Dokument -, datt de Statsbudget eigentlech d'Politik vun enger Regierung definéiert, andeems e seet, wou d'Suen hierkommen, wou se higinn.

Mat deenen Zuele gi kuerzfristeg finanziell materiell Akzenter gesat, mä awer net nëmmen. Duerfir huet jo och de Rapporteur op eng prägnant Aart a Weis ënnerstrach, datt et net nëmme plakeg Zuele sinn, déi doriwwer décidéieren, ob et engem Land gutt geet oder manner gutt geet. Instrumenter wéi de PIB du bien-être erlabe méi eng breet a méi eng komplett Approche.

D'Liewensqualitéit vun all eenzelnem Bierger hänkt och vu gudden Infrastrukturen, dem Zougang zum Wunnengsmarché, der Disponibilitéit vun Aarbechtsplazen, enger gudder sozialer Ofsécherung, awer och enger gesonder Ëmwelt, Gréngflächen, Erhuelungsraum, der Gestioun vun der Mobilitéit of. Dat sinn effektiv och wichteg Facteure fir d'Wuelbefanne vun all eenzelnem Bierger.

An ech mengen, et ass jo och genau grad duerfir. Duerfir investéiert d'Regierung net nëmme massiv an de sozialen Zesummenhalt, an déi Jonk, mä eben och an d'Infrastrukturen, an d'Klimapolitik, an d'Mobilitéit. An duerfir sinn ech mat dem Budgetsrapporteur ganz eens: De Budget 2016 ass net nëmmen ee vu plakegen Zuelen, mä virun allem et ass e Budget vun der Zukunftsgestaltung an all senge Facetten, de finanziellen, den ekonomeschen, de sozialen a schlussendlech och den ekologeschen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Berger. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass de Fraktiounschef vun der LSAP, den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzminister, de Pierre Gramegna, huet dëse Budgetsprojet ënnert de Motto vum Sozialstat an dem Ofséchere vun Aarbechtsplaze gestallt. An effektiv ass et esou, dass an dësem Budgetsprojet fir 2016 Rekordkreditter fir Soziales an och Rekordkreditter fir Investissementer virgesi sinn. Dat beweist, dass dës Regierung et seriö hëlt mam Triple-A an der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Dat beweist och, dass dës Regierung welles ass, eis Infrastrukturen an alle Beräicher esou auszebauen, dass mer nohalteg a laangfristeg kënnen dovunner Profitt zéien.

No der Kris steet d'Lëtzebuerger Wirtschaft op zolitte Féiss. D'Aarbechtslosegkeet geet fir d'Éischt zënter gutt zwee, dräi Joer erëm zréck, an d'Kafkraaft wäert sech 2016 erëm positiv entwéckelen. D'sozialistesch Fraktioun steet hannert deem Bekenntnis vun der Regierung zu enger sozialer Budgetspolitik, déi mat engem Ausgabeplus vu gutt 4,5% alles anescht wéi eng Austeritéitspolitik dokumentéiert, mä déi d'Wirtschaft an de Konsum stäipt, ouni awer eng Politik um Bockel vun der nächster Generatioun ze maachen doduerjer, dass mer géifen un der Scholdespiral weider dréien.

Par rapport zum 2015er Budget sinn et och déi sozial Posten, déi ënner anerem am meeschten an d'Luucht ginn: d'Assurance pension ëm 63 Milliounen; d'Assurance maladie ëm 42 Milliounen Euro; d'Chèque-servicen ëm méi wéi 34 Milliounen Euro; d'Subvention loyer, en neie Pilier vun eisem Sozialsystem, 29 Milliounen Euro; an de soziale Wunnengsbau ëm ronn 26 Milliounen Euro plus par rapport zum vottéierte Budget 2015. Dat si konkret Zuelen. Dat sinn net Absichtserklärungen. Dat ass dat, wat wichteg ass.

Den Henri Kox huet a sengem Rapport, zu deem ech hie wëll ausdrécklech begléckwënschen, well ech gehéieren och zu senge Leidensgenossen, ech hu schonn emol zweemol a menger Carrière deen doten Exercice gemaach, dee mat vill Opwand verbonnen ass a wou net ëmmer politesch dat hannen eigentlech eraussprengt, wat ee sech vläicht als Rapporteur erwaart. Mä et ass awer, mengen ech, wichteg, och en anere Bléck emol eng Kéier op de Statsbudget ze werfen, aner Aspekter an de Vierdergrond ze stelle wéi déi, déi üüblecherweis an de Vierdergrond gestallt ginn.

Dat Ganzt an eng Nohaltegkeetsstrategie eranzeinterpretéieren, ech mengen, dat ass eng ganz nëtzlech Aufgab gewiescht an dat bréngt eis sécherlech och an eisen Diskussioune weider virun. Also vun eiser Säit aus en décke Merci och fir déi Aarbecht, déi hie sech gemaach huet!

D'Nohaltegkeet vun eisem Wirtschafts- a Sozialmodell, dat ass och eppes, wat eis als LSAP besonnesch um Häerz läit. Eise Sozialstat, an notamment eis Sozialversécherunge sinn opgebaut op engem Dräi-Parteien-Finanzéierungssystem: Salariat, Patronat a Stat. Si sinn opgebaut um Ëmlageverfahren, wat d'Assurance pension ugeet, an och opgebaut op eng héich staatlech Participatioun iwwert de Statsbudget, déi also aus dem allgemenge Steieropkommes finanzéiert gëtt.

Par conséquent ass eise Sozialmodell also ofhängeg a) vun engem héije Wirtschaftswuesstum, ëm 3%, ouni dat gëtt et schwiereg; besonnesch awer enger kontinuéierlecher och Croissance vum Emploi, mindestens 1,5%. Do leie mer glécklecherweis haut däitlech driwwer; stabillen a wuessende Steiereinname selbstverständlech, awer och der Solidaritéit an dem Prinzip vu vertikaler an horizontaler Ëmverdeelung.

Fir de Moment ginn déi dote Bedéngunge voll respektéiert. Eis aktiv Bevëlkerung ass déi lescht Joren ëm 2,5% an d'Luucht gaangen. Am Schnëtt international en absolutte Spëtzewäert. D'Aarbechtslosegkeet geet erstmaleg erëm eng Kéier ënnert déi Barrière vun de 7% erof. An och de Statec huet emol eng Kéier seng Projektioun, déi ëmmer méi pessimistesch war, no ënnen - am positive Sënn dann hei - korrigéiert.

D'Scholdelaascht ass bei ronn 24% vum PIB stabiliséiert, dank enger Halbéierung praktesch, wéi de Finanzminister de Moie gesot huet, vun eisem Budgetsdefizit. Dat ass sécherlech d'Resultat vun enger allgemeng favorabeler Entwécklung vun eiser Wirtschaft hei zu Lëtzebuerg an deelweis och ronderëm eis, mä dat ass awer och d'Resultat vun enger voluntaristescher Politik, déi dës Regierung definéiert huet an déi dës Regierung och iwwert de Budget 2015 an och iwwert déi nächst Budgete versicht ëmzesetzen. Béides ass hei zesummekomm.

Mir hätten dat net ronnkritt, wann et wirtschaftlech biergof gaange wär. An ëmgekéiert hätte mer déi positiv Resultater an eisem Budget awer net erreecht, wann net de politesche Wëllen do gewiescht wär, iwwert den Zukunftspak haaptsächlech, fir mat Hand unzeleeën, d'Saachen net dreiwen ze loossen, mä zousätzlech Moossnamen ze huelen, fir eis Statsfinanzen ze konsolidéieren.

D'LSAP war bei der viregter Regierung dobäi, an ech gehéieren net zu deenen, déi soen, déi viregt Regierung hätt an deem dote Punkt näischt gemaach. Mä ech soen awer och: Dës Regierung mécht do weider, wou déi al opgehalen huet, a muss, dat muss een awer och agestoen, eng Rei vun onerleedegten Aufgabe vun der viregter Regierung iwwerhuelen.

An dat ass, an dat bleift, an dat ka keen ewechriede mat ville schéinen an haart virgedroene Rieden, dat ass a bleift, dass deen Ausfall vun den TVA-Einnamen aus dem E-Commerce sech fir 2015 mat ronn 550 Milliounen Euro wäert nidderschloen, fir 2016 mat 650 bis 700 Milliounen an, wann dat Ganzt bis um Enn ass - mir si jo nach an enger Iwwergangsphas -, kann dat praktesch zu enger Milliard Euro pro Joer - pro Joer! - Verloscht vun Einname féieren. Dat heescht, et kann net dozou féieren, et wäert dozou féieren! An dat alles muss dës Regierung, muss dës Chamber schlussendlech probéiere riichtzebéien.

Duerfir sinn déi Moossname geholl ginn. An dat huet, mengen ech, zu éischten Erfolleger gefouert. Dat si ganz einfach Fakten, déi een och als Oppositioun muss zur Kenntnis huelen, déi een net einfach kann ewechrieden, well se engem net an de Krom passen.

Ech verstinn, dass d'CSV e bëssen nervös gëtt.

(Interruption)

Jo, well se emol riskéiert, elo mat hiren Aschätzungen esou konfrontéiert ze ginn, déi se virun engem Joer gemaach huet. Dat wéilt ech dann hei gäre maachen. Deemools ass och de mandatéierte Spriecher vun der CSV mat breeder Broscht hei opgetratt an huet ganz…

(Brouhaha et hilarité)

…markeg Wierder hei vu sech ginn,...

(Interruption)

…markeg Wierder hei vu sech ginn, déi ech wëll hei ganz sachlech virdroen. En huet de 17. Dezember hei vun dëser Tribün behaapt, zu den Zuelen, déi d'Regierung deemools presentéiert huet fir d'Joer 2015, an deem mer elo dra sinn a wou mer elo kënne ganz genau kontrolléieren, wien dann elo recht hat mat senger Aschätzung, den Här Wiseler an d'CSV oder dës Regierung an dës Koalitioun mat hirer Aschätzung, en huet deemools gemengt, an dat erënnert mech e bëssen un dat, wat en haut erëm hei behaapt huet, wéi wann net e Joer eriwwergaange wär entre-temps: „Et ass an eisen Ae ganz kloer, dass déi Viraussetzungen, déi hei un der Basis vum Budget leien, vill ze vill optimistesch sinn. Iwwer 3% gëtt hei agesat vun 2015 bis 2018. Domadder soll et dann opgoen. (…) Mä ech soen lech, dass d'Basis net stëmmt!"

Abee, ech soen dem Här Wiseler an der CSV: D'Basis huet gestëmmt! Mir hunn…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir wësst, wat 2018 lass ass!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Mir hunn… Dir hutt hei Stellung bezunn och zum Budget 2015.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir hutt mäi Saz awer elo richteg zitéiert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Pardon?

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir hutt mäi Saz richteg zitéiert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Majo, dat ass och gutt.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Bis 2018, hutt Der gesot.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, neen, 2015 bis 2018. An Dir hutt deemools vum Budget geschwat an dat ass de Budget vun dësem Joer gewiescht. Dir sidd jo net midd ginn, an Ärer ganzer Ried virun engem Joer wéi an dësem Joer ze soen, d'Regierung hätt falsch Zuelen, d'Regierung wär ze optimistesch an et géif net esou kommen, wéi d'Regierung seet, an hir Rechnung géif net opgoen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech hunn dëst Joer och alt erëm iwwert de Pluriannuel geschwat.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An ech soen lech elo, opgrond vun deenen Zuelen, déi elo definitiv oder déi Zuele sinn opgrond vun deenen éischten eelef Méint vun dësem Joer, dass d'Rechnung wäert opgoen, dass Der onrecht kritt hutt vun der Realitéit, dass all déi Schwaarzmolerei, déi systematesch vun der Oppositioun, a besonnesch vun der CSV gemaach ginn ass, schonn d'lescht Joer an erëm eng Kéier dëst Joer vun der Realitéit iwwerholl ass, dass u sech d'Rechnung vun der Regierung opgeet. Den Defizit, dee prognostizéiert ginn ass fir 2015, wäert am Ofschloss vun 2015 net méi grouss si wéi dat, wat mer deemools gesot hunn, entgéint deem, wat d'CSV sengerzäit gemengt huet, an den Däiwel, deen deemools un d'Wand gemoolt ginn ass.

Duerfir géif ech lech bieden,…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Kuckt emol déi Previsiounen, déi Der gemaach hutt an an engem Joer realiséiert!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …opzehalen, alles hei, wat positiv ass, mordicus schlechtzerieden, nëmmen, well een net méi an der Regierung ass. Ech ka mech do un aner Zäiten erënneren, do ass sech un all Stréihalm geklammert ginn, fir eppes positiv duerzestellen. Dës Regierung brauch sech net un d'Stréihällem ze klammeren. Si kann d'Fakten huele vun der wirtschaftlecher an der sozialer Entwécklung vun dësem Joer.

(Brouhaha)

An ech wär frou, ech wär frou, wann een also géif do och zu méi Sachlechkeet zréckkommen. A wat mir eigentlech misste maachen, wier jo éischter, bei esou positiven Unzeechen, déi jo awer do sinn - ech verneinen net, dass nach eng Rëtsch vu Problemer ze léise sinn -, mä awer bei positiven Unzeechen, déi do sinn, eis doriwwer ze freeën, dass se do sinn…

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …an ze soen, an de Leit d'Vertrauen ze ginn. Dëst Land brauch Vertrauen. Et muss een och de Leit dobausse Vertraue vermëttelen. An ech si frou, dass Leit, déi dat méi genau gesinn, ech hunn de leschte Kompass gesinn, deen d'KPMG jo erstellt fir d'Wirtschaft hei zu Lëtzebuerg, dass eng Majoritéit och vun de Patronen der Meenung ass, dass et positiv geet an dass, souguer wat d'Kompetitivitéit ugeet, mer haut zumindest esou gutt, wann net besser dostinn, wéi virun zwee Joer. Dat ass, mengen ech, dat, wat zielt, dass d'Akteuren et richteg aschätzen. An et sinn d'Fakten, déi zielen, an net iergendwellech schwaarz Wënsch vun der Oppositioun.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Zur Ekonomie. De Statec geet aus fir 2015 vun engem Wuesstum vu plus 3,2%, 3,4% fir 2016 an dann 3% déi nächst Joren. Mir wëssen, dass do ëmmer Variatioune vu Joer zu Joer kënne kommen, souguer réckwierkend. Mä mir leien awer do an deene Paragen, wat eigentlech och schonn d'Previsioune ware virun een, zwee Joer.

Wichteg ass, dass mer domadder hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer eng bal duebel esou héich Croissance réelle hunn - hei geet et jo ëm eng reell Croissance -, wéi am Duerchschnëtt vun der Eurozon a souguer méi eng héich weider behale wéi déi grouss Lokomotiv Däitschland an Europa.

Dat huet vill Ursaachen, erkläert sech awer och doduerjer, dass d'Finanzplaz sech eigentlech als méi stabill gewisen huet, wéi munch Leit gemengt hunn, trotz all deene Reformen, déi hu missen duerchgefouert ginn. A mir si jo nach an engem Prozess mat dran, deen net ofgeschloss ass, vum Ëmbau vun eiser Finanzplaz an der Definitioun vun neie grousse gemeinsame Regelen, wat de Fonctionnement vun der Finanzplaz ugeet. Alles dat, mengen ech, ass eppes Positives. Dat soll een ervirsträichen.

Mir stinn haut 2015 sécherlech net méi schlecht do, wann net souguer besser, wéi virun zwee Joer, dee Moment, wou dës Regierung ugetratt ass. Dat muss ee kënnen hei an der Chamber soen. An et gëtt och schwéier, opgrond vun deenen Daten, déi virleien, do eigentlech de Contraire wëllen dranzeinterpretéieren.

D'Approche vum Rapporteur, fir sech ze froen, ob esou e Wuesstum laangfristeg iwwerhaapt wënschenswäert, sënnvoll, gérabel an nohalteg ass, ass absolutt berechtegt; och wann et eigentlech keng nei Fro ass. Mä de Fait, dass mer dat alles an direkten Zesummenhang brénge mat engem Budgetsprojet, ass fir eis och ganz richteg, well mer dann och de Bléckwénkel hunn: Wat sinn d'Auswierkungen op d'Mobilitéit, op d'Ëmwelt, op d'sozial Kohäsioun an aner Facteuren?

Et ass och, mengen ech, wichteg, dass ee sech mat der Qualitéit vun deem Wuesstum hei méi beschäftegt, wéi dat vläicht an der Vergaangenheet de Fall war, wou een eng Zäit esou och alles da geholl huet, wat ee konnt huelen. Soufern een dat iwwerhaapt ka steieren! Dat ass jo och net esou, dass mer elo an engem System wären, wou een déi dote Froe kann zu honnert Prozent steieren. Et kann ee verschidden Aktivitéite probéieren ze favoriséieren, anerer probéiere manner ze favoriséieren, mä et bleift nach, dass een awer ofhängeg ass u sech vun der Initiativ, déi och vum Privatsecteur insgesamt kënnt.

An eisen Ae gëtt also, an dat ass richteg, an där doter Fro op eng gewësse Kontinuitéit gesat vun deem, wat war, awer och mat neien Akzenter probéiert, déi ganz wirtschaftlech a sozial Entwécklung hei vum Land weider ze steieren.

Een Domän, dee fir Lëtzebuerg an Tëschenzäit liewensnoutwendeg ginn ass, wou mer vläicht souguer nach an eng méi grouss Ofhängegkeet erakomm sinn, wéi dat jee sengerzäit mat enger Stolindustrie hei zu Lëtzebuerg war, dat ass d'Finanzplaz, a wou een hei muss einfach feststellen, dass mam Regierungswiessel 2013 och

e klore Mentalitéits- a Politikwiessel komm ass, no enger Period vun zimlechem Hin an Hier an där doter Fro an net ëmmer ganz kloren Aussoen, wat d'Ausriichtung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg ugeet.

Dës Regierung muss net nëmmen, mä si wëllt och ganz bewosst fortkomme vun deem negativen Image vun enger Steieroas, déi op d'Käschte vun deenen anere Länner am Floribus lieft. An dës Regierung mécht och zënter hirem Untrëtt alles, fir Lëtzebuerg vun de schwaarzen a groe Lëschten aus der Vergaangenheet erofzekréien. A wat sech do effektiv 2013 ofgespillt huet, war net dat Glécklechst. Do huet manifestement déi viregt Regierung, an do mengen ech déi direkt Responsabel, verpasst, fir mat Zäiten anzewierken, fir ze verhënneren, dass mer op déi schwaarz Lëscht vum Global Forum komm sinn, wou dës Regierung elo zwee Joer amgaange war, do ze probéieren, gréissere Schued vun eis ofzewenden. Wann do méi proaktiv gehandelt gi wär vun aneren, da wär et vläicht net esou wäit komm. Dat soll een och hei mat aller Däittlechkeet emol eng Kéier däerfe soen.

D'Zukunft vu Lëtzebuerg läit net offshore, mä onshore, mat Transparenz, „compliancy" a Kompetenz, quitte dass mer och an Zukunft op steierlechem a regulatoreschem Plang mussen attraktiv bleiwen. Ech mengen, ech wëll net weider drop agoen, well mer grad eréischt viru kuerzer Zäit eng Debatt iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz haten.

Mä nieft der Finanzplaz, esou wichteg och wéi se fir eis ass, déi also amgaangen ass, sech nei ze erfannen an ze diversifizéieren, hu mer och nach eng „real economy" mat Land- a Forstwirtschaft, groussen a klengen Industrien, engem ganz dynameschen Handwierk, Commerce, Tourismus. An déi däerfe mer op kee Fall vernoléissegen an eisen Iwwerleeungen, wa mer vu wirtschaftlecher Stabilitéit an Opschwong schwätzen.

E Land, wat net méi produzéiert, ass en aarmt Land. Esou wäit däerfe mer net kommen. An hei stellt d'Regierung also d'Weichen och konsequent a Richtung Diversifikatioun vun eisen Aktivitéiten. All déi Beräicher si scho genannt ginn. Mä do si mer eigentlech och scho voll an der Ëmsetzung dran: de Logistikberäich, deen emol eng Zäitchen e bësse contestéiert war, op där anerer Säit dann den ICT-Beräich, d'Biotechnologien, d'Ëmwelttechnologien, de Qualitéitstourismus. Alles dat ass immens wichteg.

An ech si frou, dass och de Wirtschaftsminister viru Kuerzem ugekënnegt huet, dass a sengem Haus géifen Etüde gemaach ginn, fir och kloer an deenen eenzelne Secteuren ze kucken: Wat brëngen déi eenzel Secteuren eigentlech Lëtzebuerg? Fir dass mer eis net blann an eenzel Beräicher erabeginn, fir och emol e Bilan ze zéien no enger Zäitchen: Wat ass dann u sech eigentlech vun deem, wat mer ginn hunn, an deem, wat mer erauskréien, wat ass eigentlech dann d'reell Plus-value, déi gewësse Secteursaktivitéiten hei fir Lëtzebuerg brëngen? Also, do solle mer scho méi selektiv a méi kritesch un déi vergaange Politik erugoen.

Op jidde Fall stelle mer fest, dass de Budget vum Ekonomiesministère 2016 ëm bal 10% an d'Luucht geet. Mir soen also och Jo zu enger Nischepolitik, déi mer awer wëllen als Kompetenzpolitik verstane wëssen, well Lëtzebuerg net alles maache kann a sech also muss noutgedrongen op e puer Secteuren a Créneaue konzentréieren a spezialiséieren. Mä och do sti mer direkt a Konkurrenz mat allen anere Länner, well déi maache genau déiselwecht Analys, wat d'Secteure sinn, déi sech wäerten an deenen nächste Joren entwéckelen, a probéiere selbstverständlech och, hiren Deel vum Kuch do ze kréien. Also, et wäert an deem Sënn sécherlech net méi einfach ginn an deenen nächste Joren.

Ech wëll och un en anert Gebitt nach erënneren, et ass e bëssen en Dada vu mir, et kënnt vläicht, well een esou lues an den Alter kënnt: Ech hat a mengem leschte Rapport och e Kapitel geschriwwen iwwert déi sougenannten „silver economy",…

Plusieurs voix.- Aah!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …déi een elo lues a lues - et ass awer leider net mäi Méritt, mä et musse vläicht aner Leit et soen, dass drop reagéiert ginn ass - och awer an den offiziellen Dokumenter erëmfënnt.

„Silver economy": Japan weist dat vir, aner Länner sinn do scho wäit fort, weist ganz einfach, dass do an der Produktioun, am Déngschtleeschtungsberäich ronderëm den drëtten an de véierten Alter et immens Potenzialer vun Entwécklung gëtt. An et ass jo an deem Domän och, wou ech d'Lescht gewuer si ginn, dass an der Groussregioun en Aarbechtsgrupp elo agesat ginn ass, fir notamment deen dote Punkt méi genau ze analyséieren an ze kucken, wéi een am Beräich „silver economy" och kann en neit Standbeen, wirtschaftlecht Standbeen hei zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun opbauen. Ech kann dat nëmme begréissen.

D'Viraussetzung, fir weider wuessen ze kënnen, ass natierlech, dass mer wettbewerbsfäeg par rapport zu anere bleiwen, well mer eis musse virun Ae féieren, dass eise Bannemaart esou kleng ass, dass u sech eise Wuesstum net esou an éischter Hisiicht vun der Entwécklung vum Bannemaart ofhänkt, esou schéi wéi et och wär, mä dass mer haaptsächlech op den Export vun Déngschtleeschtungen a vu Gidder opgebaut bleiwen.

An a puncto Kompetitivitéit, entgéint deem, wat een och do heiansdo héiert, sti mer am internationale Verglach relativ gutt do. Bei de sougenannte makroekonomeschen Déséquilibren, wou jo och um Niveau vun der EU en Examen all Joers gemaach gëtt, hu mer déi Préiwung do gepackt a mir leien am Benchmarking op der sechster Positioun an der Europäescher Unioun. Am Klassement vum Weltwirtschaftsforum iwwert d'global Wettbewerbsfäegkeet läit Lëtzebuerg op Rang 20.

Méi spezifesch Etüden, déi weltwäit duerchgefouert ginn, bestätegen, dass Lëtzebuerg weider gutt opgestallt ass a souguer seng Positioun am internationale Verglach konnt a leschter Zäit verbesseren. Am ICT-Beräich beleet eist Land, no enger Etüd vun der Internationaler Telekommunikatiounsunioun, déi sechst Plaz - e remarkablen Exploit, dee mer do maachen - géintiwwer enger aachter Plaz am Joer 2010. Wuelverstanen, weltwäit gekuckt! Dat sinn elo net nëmmen europäesch Statistiken. Dat do si weltwäit Statistiken.

Am World Talent Report, wou analyséiert gëtt, wéi Länner et verstinn, Talenter fir d'Wirtschaft am Land ze hale respektiv an d'Land ze kréien, läit Lëtzebuerg op där exzellenter drëtter Plaz weltwäit, 16 Plaze besser wéi nach virun zéng Joer. Also, en décke Progrès, dee mer op deem dote Punkt, wichtege Punkt eigentlech, gemaach hu fir d'Weiderentwécklung vun eiser Wirtschaft.

A schliisslech gehéiert eist Land weiderhin, trotz der Kris an dem Opgi vum Bankgeheimnis, zu den 20 gréisste Finanzzentren op der Welt, nom Global Financial Centres Index, dee viru Kuerzem publizéiert ginn ass.

An ech hunn et scho gesot: Erfreelech ass och festzestellen, dass am Beräich vum Luxembourg Business Compass och iwwert d'Majoritéit vun de Betribscheffe mengt, dass, wat d'Kompetitivitéit ugeet, mer hei zu Lëtzebuerg mindestens esou gutt, wann net besser dostinn, wéi virun zwee Joer. Also, och dat grot oder schwaarzt Bild, wat versicht gëtt, hei vu Lëtzebuerg ze zeechnen, entsprécht eigentlech net deem, wat sech aus deenen dote wëssenschaftlechen Etüden ergëtt. Wat natierlech net heescht, dass dat ëmmer esou muss bleiwen! Mir mussen also weider kucken, ob mer net nach kënne souguer besser ginn op eenzelne Punkten.

Dat huet och dës Koalitioun, dës Regierung erkannt. An duerfir geet et weider a puncto Landesplanung, Réforme administrative, d'Prozedure vereinfachen, d'Omnibusgesetzer, déi mer deemnächst wäerten hei an der Chamber diskutéieren. Alles geet jo an déi dote Richtung eran, fir eigentlech do nei Avantagë fir Lëtzebuerg kënnen erauszeschloen.

Mir mussen och weider an eis Infrastrukturen investéieren. Ech war deslescht erstaunt, wéi ech op engem vun deene Bloggen do gelies hunn: „Wat?! Elo wëlle se och nach d'Investissementer eropsetzen!"

Ech hat eigentlech gemengt, et bräicht een dat net ze erklären, wéi wichteg dass et ass, dass mer besonnesch produktiv Investissementer férderen, wéi wichteg dass et ass a wéi geféierlech et wär, do ze spueren an a Retarden eranzekommen, déi mer herno net méi kënnen ophuelen.

Et ass wichteg, dass mer an deene Kärberäicher vu besonnesch den Infrastrukturen, déi och herno nei betriblech Aktivitéite kënnen nozéien, dass mer do virgräifen, net zréckschrauwen, mä eigentlech ambitiéis bleiwen an eisem Zil. Dat gëllt selbstverständlech fir dee ganze Beräich vu Mobilitéit a Kommunikatioun. Den Tram ass scho genannt ginn. Bis 2019 wäerte 533 Milliounen Euro investéiert ginn. Laang ass geplangt ginn. Elo ginn déi Pläng ëmgesat.

Mir mussen an eis Matière grise investéieren, an d'Éducatioun an d'Héichschoul. Dat sinn insgesamt bal 2,5 Milliarden an eisem Statsbudget. Dat sinn der iwwer 100 Millioune méi wéi 2015.

An ech wëll och hei, obwuel et net direkt zum Budget gehéiert, awer och eng Lanz brieche fir d'Méisproochegkeet an eisem Land, mat aller Diskussioun, déi mer hu ronderëm d'Sprooch, besonnesch d'Lëtzebuerger Sprooch, déi wichteg ass als Kommunikatiounssprooch, als Alldagssprooch, mä eis Kompetenzen am Däitschen, Franséischen an Engleschen, fir nëmmen déi ze nennen, dat ass e reellen Atout, dee mer hunn als Lëtzebuerg. Et ass ee vun eise raren, deen eis an eisem Schoulsystem bleift, an dee musse mer onbedéngt stäipen. Dee musse mer weider als Trompkaart an der Hand behalen, wa mer och wëlle weider Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg kréien an och derfir suergen, dass d'Leit, d'Lëtzebuerger och Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg fannen an deenen Aktivitéiten, déi heihinnerkommen, well net jiddweree ka bei de Stat a bei d'Gemenge schaffe goen.

De Budget vum Ministère, dee geet also ëm 100 Milliounen Euro an d'Luucht. An dovunner sinn dräi Véirel fir d'Schoul an ee Véirel ass fir de Beräich Enfance a Jeunesse. 79 Milliounen Euro si virgesi fir de Fonds d'investissements publics scolaires, Neibau a Renovatioun vun de Lycéeën.

Wichteg sinn natierlech och d'Recherche an d'Kultur. Do sinn et 430 Milliounen, déi sollen 2016 fléissen an den Enseignement supérieur an d'Recherche. A fir d'Kultur sinn et 118 Milliounen Euro.

En anert wichtegt Kapitel ass den Emploi - Aarbecht! -, an enger Gesellschaft eng Viraussetzung, dass et weidergeet an dass mer och e gewëssene sozialen Zesummenhalt behalen. Déi Croissance, déi mer hei zu Lëtzebuerg kannt hunn, déi ass bar vun allen Normen, déi een international kennt. Impressionnant, wéi eigentlech déi ugemellt Aarbechtsplazen an d'Luucht gaange sinn: Am Oktober 2015 waren et 410.000 Leit, déi zu Lëtzebuerg beschäftegt waren, ronn 10.000 méi wéi am Oktober d'lescht Joer. Virun zéng Joer, 2005, waren et der nach nëmmen 310.000 Beschäftegter, also genau 100.000 manner, 100.000 manner! A virun 20 Joer waren et der 218.000, dat waren der erëm gutt 90.000 manner wéi zéng Joer méi spéit.

Parallell dozou ass d'Zuel vun de Frontaliere gewuess, an 20 Joer huet sech déi Zuel verdräifacht. Dee Paradox, dee Lëtzebuerger Paradox ass, mengen ech, hilänglech bekannt, well de Chômage praktesch parallell zu deem immensen Uwuesse vun Aarbechtsplazen zyklesch an d'Luucht gaangen ass, no all Kris praktesch. A mir musse schonn e Wirtschaftswuesstum vu 3,5% praktesch opweisen, ier ee wierklech mierkt, dass déi Zuel stagnéiert an, wéi elo, amgaang ass, esouguer liicht zréckzegoen.

Och dat huet, mengen ech, net nëmmen ze di mat der Schafung vun neien Aarbechtsplazen, dat huet och ze di mat enger aktiver Aarbechtsmaartpolitik, déi vun dëser Regierung gemaach gëtt. D'Reform vun der ADEM fänkt un ze wierken, d'Garantie jeunesse kënnt un d'Rullen an den Job-Pakt mam Patronat weist och seng éischt Friichten.

5.000 ageschriwwe Chômeure solle jo zousätzlech an Aarbecht bruecht ginn an deenen nächste Joren. A mat engem Gesetz, wat mer nach, denken ech, muer wäerte stëmmen, gi jo och nei Moossname virgesinn, fir besonnesch och ze hëllefen, dass déi Leit, déi iwwer 45 Joer sinn, och solle méi liicht erëm eng Kéier an eng Aarbecht erakommen, well do och e seriöe Problem momentan hei zu Lëtzebuerg besteet. D'Gelder fir de Fonds pour l'Emploi leien d'nächst Joer bei 724 Milliounen Euro. Dat si 5 Millioune manner wéi 2015, mä et si 25 Millioune méi wéi 2014.

Wirtschafts- a Beschäftegungswuesstum bleiwen net ouni Konsequenzen op d'Awunnerzuel. Och dat muss ee ganz kloer gesinn. Dat sinn net nëmme Frontalieren, et sinn och ëmmer méi Leit, déi hei op Lëtzebuerg kommen. Awer och do sinn d'Zuele ganz kloer: Virun zéng Joer ware mer nach hei zu Lëtzebuerg zu 461.000, haut si mer zu 563.000, also och 100.000 méi wéi virun zéng Joer.

An dës Entwécklung huet natierlech hir direkt Répercussiounen erëm op all Infrastrukturen, déi mer hunn, an op all Déngschtleeschtungen, och ëffentlech Déngschtleeschtunge besonnesch, déi mussen opgebaut ginn, déi musse finanzéiert ginn. An dat bleift selbstverständlech net käschtenneutral, net fir d'Statsbudgeten, net fir d'Gemengebudgeten oder fir aner Budgeten, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn.

Dat bedeit also weiderhin zousätzlech Investissementer an Infrastrukturen. Mir sinn do an enger Spiral dran, wou ee weider muss Fouss bei Mol halen, mä wou een awer weess, dass u sech den Drock sech wäert verstäerken, och besonnesch am Wunnengsbau! Dee gëtt net méi kleng! An do hëlleft et sécherlech, dass de Budget vum Logementsministère, dass déi Mëttelen ëm een Drëttel an d'Luucht ginn, vun 150 Milliounen Euro 2015 op 200 Milliounen Euro am Joer 2016. Derbäi kënnt déi Mietsubventioun, déi ech schonn ervirgestrach hunn, déi ronn 29 Millioune soll kaschten. De Pacte Logement schléit mat 41 Milliounen Euro zu Buch.

Och an den Infrastrukture fir Soziales, Gesondheet an Drëtten Alter gëtt net gespuert, och wa mer, wéi gesot, déi Diskussiounen Departement fir Departement elo net méi féieren. Mir mussen dat erëm maachen, fir och ze weisen, wat eigentlech Konkretes an esou engem Budgetsdokument steet! Dat ass jo net nëmmen dee klengen Tableau zum Schluss, deen dokumentéiert, wéi mer sti par rapport zu enger Rei vun europäesche Kritären, mä dat si virun allem déi sëlleche Kreditter, déi virgesi sinn an deem dote Budget.

Fonds d'investissements sociaux-familiaux: Do sinn et 48 Milliounen an de Joren 2016 bis 2019. Fonds des investissements hospitaliers: ongeféier 50 Milliounen an deene Joren 2016 bis 2019. Fonds d'investissements sanitaires et sociaux: 25 bis 30 Millioune pro Joer mëttelfristeg. Sport: Ëmsetzung vun deene Fënnefjorespläng, all Kéiers och do ëm 35 Milliounen Euro pro Joer. Services de secours, kenne mer, Sécurité intérieure, do wësse mer, dass do besonnesch Efforte gemaach ginn och beim Rekrutement - wou ech mer net richteg eens gi sinn, ob d'CSV dat elo gutt fënnt oder ob se dat kritiséiert -, a Kläranlagen: plus 100 Milliounen an de Joren 2016 bis 2019.

An ee Punkt, mengen ech, wou d'Regierung ze virsiichteg war bei den Aschätzunge vum Käschtepunkt, dat sinn awer all déi Ausgaben, déi mat der Immigratioun a besonnesch mat der Flüchtlingsfro zesummenhänken. De Budget war jo schonn éischter opgestallt ginn, am September/Oktober. Duerno, mengen ech, huet sech déi ganz Diskussioun ronderëm d'Flüchtlinge konkretiséiert. D'Zuele si ganz anerer ginn an deene leschte Méint. An do muss een dovunner ausgoen, dass souwuel fir 2016 wéi och fir déi nächst Joren e gudden Deel Méikäschten, direkt zumindest, wäerte kommen, fir déi Leit kënnen hei opzehuelen, se och kënnen ze integréieren.

An et muss een hoffen, dass mer et fäerdegbréngen, déi Integratioun och ze packen. An dee Moment mengen ech, dass et am Endeffekt ka souguer gesamtwirtschaftlech gesinn e positiven Impakt ginn, dee mer doduerjer kréien. Mä et bleift awer, dass mer mëttel- a kuerzfristeg hei sécherlech zousätzlech Budgetsmëttele musse virgesinn, fir där doten Erausfuerderung gerecht ze ginn.

De Wuesstum vun der Populatioun ass also sécher och eng Erausfuerderung fir eis sozial Kohäsioun, den „vivre ensemble" hei zu Lëtzebuerg mat deem Solde migratoire, dee mer kennen, vun 10.000 bis 11.000 Leit pro Joer netto, déi hei bäistoussen, an natierlech och mat engem héijen Undeel vun Netlëtzebuerger an der Gesamtbevëlkerung, wou ee kann dovunner ausgoen, dass mer a fënnef Joer an der Situatioun sinn, wou mer e genauen Équiliber hätte vu Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, déi hei am Land wunnen.

Recetten: Och dat ass e wichtege Punkt, well mer einfach och mierken, dass mat all deenen Erausfuerderungen, déi op eis duerkommen, a wa mer eis Zukunft wierklech wëlle preparéieren an net nëmmen hannendrulafen, dass mer net manner Recettë brauchen an deenen nächste Joren, mä dass an där Dynamik vun der Entwécklung, wou mer drastiechen, eis Steiereinnamen insgesamt sech musse weider positiv entwéckelen an deenen nächste Joren. An do, wéi gesot, ass ganz kloer ze erkennen, dass mat alle Risiken a Geforen, déi ee kann hei ervirsträichen, wat d'Recetten ugeet, och wann et eng Ëmverdeelung gëtt an deenen eenzelne Steieren, déi erakomm sinn, mer insgesamt wäerte plus ou moins op deem ukommen 2015, wat am Budget als Gesamtrecetten eigentlech vun de Steiere virgesi war.

Mir wëssen, dass et do, wéi gesot, zu Ëmverschibunge komm ass, TVA ass manner erakomm, wéi gemengt ginn ass. Dat féiert jo och dozou, dass an deem Zukunftspak deen Deel TVA-Einnamen däitlech erofgeet, ëm méi wéi 100 Millioune praktesch pro Joer, wou manner erakënnt iwwert déi Erhéijung vun der TVA, wéi gemengt gi war.

Domat verschiibt sech jo och natierlech déi Gewiichtung an deem Pak vum Spueren a vun de Steieren och, soudass mer herno, wéi de Finanzminister et och gesot huet, praktesch op engem Équiliber sinn an deem Zukunftsplang: Op där enger Säit gëtt ronn d'Halschent erreecht duerch Aspuerungen a ronn d'Halschent gëtt erreecht duerch méi Steieren. Dat ass an eisen Ae ganz gesond bei eben enger weider positiver Entwécklung vun de Statsinvestissementer, deenen direkten an deenen indirekten, déi iwwert de Statsbudget finanzéiert ginn.

D'Steierrecetten hu sech 2015 insgesamt also weider positiv entwéckelt a sollen och 2016 nach eng Kéier ëm iwwer 5% an d'Luucht goen. Dat gëllt besonnesch weiderhi fir d'Akommessteier an d'Solidaritéitssteier. Dat gëllt och fir d'Kierperschaftssteier, déi allerdéngs liicht zréckgeet, well do eng Ëmschichtung gemaach ginn ass, wat d'Minimalbesteierung vun de Betriber ugeet, op den Impôt sur la fortune.

Mä insgesamt, dat wëll ech och soe fir déi Leit, déi vu Kaddoe fir d'Betriber schwätzen, ergëtt sech hei aus dem Statsbudget eraus, dass d'Betriber wäerten insgesamt 2016 méi Steiere bezuele wéi 2015, wéi och insgesamt d'Ménagë wäerte méi Steiere bezuelen 2016 wéi 2015. No menger Rechnung, wann een déi dräi Haaptbetribssteiere kuckt - an do hunn ech emol d'Gewerbesteier net matagerechent -, ginn déi ëm 160 Milliounen an d'Luucht am Statsbudget. Dat sinn also gutt 5% par rapport zu deem, wat se 2015 eraginn.

Et kann een also net soen, dass sech am Budget 2016 elo géif eng Ëmverdeelung maache vun de Betriber ewech hin op d'Ménagen, op d'Privatpersounen. Dat bleift an deemselwechte Verhältnis, wéi mer et elo schonn 2015 kennen. Dat och besonnesch, well eng Steier sech ganz dynamesch entwéckelt huet, dat ass d'Taxe d'abonnement, déi jo e bëssen un der Entwécklung vun de Boursen hänkt - e bëssen? -, e bësse vill un der Entwécklung vun de Boursen hänkt an déi praktesch op eng Milliard Euro ageschat gëtt fir d'Joer 2016, wärend, dat ass jo och scho gesot ginn, eis Einnamen, déi mam Verkaf vu Bensinn, Diesel an Tubak ze dinn hunn, tendenziell erofginn.

Et ass also selbstverständlech an eisen Aen, dass d'Steierreform 2017 also och, awer net nëmmen ënnert dem Gesiichtspunkt vun der horizontaler a vertikaler Steiergerechtegkeet ze kucken an ze diskutéieren ass, mä och ënnert dem Aspekt vun der Ofsécherung vun de Recettë vum Stat a vun de Gemengen, déi Aufgabe mëttel- a laangfristeg musse kënne finanzéieren. An déi Aufgaben do sinn éischter gewuess wéi dass se zréckgaange wären!

Den Här Wiseler huet vun „Zuelegeschummels" geschwat a kritiséiert hei, d'Regierung géif vu Joer zu Joer vun enger Berechnungsmethod op déi aner goen. Et mengt een, d'CSV wär ni an der Regierung gewiescht! An et mengt een, d'CSV hätt ni de Budgetsminister gestallt. Ech gehéieren zu deenen, déi säit laange Jore schonn de Privileg hunn, déi sukzessiv Budgeten hei däerfen ze kommentéieren, an ech ka soen, dass et üüblech ass, dass et üüblech war, an dës Regierung huet déi Attitüd net opginn. Mä déi huet se awer éischter geierft vun de Virgänger! An déi Zuele gi jo och ëmmer hei geliwwert vun der Finanzinspektioun, dat ass nach ëmmer déiselwecht wéi se och schonn an der Vergaangenheet do war.

Dass vu Joer zu Joer d'Regierung emol - dat huet mat der politescher Duerstellung ze dinn - Referenzen hëlt bal op déi europäesch Berechnungsmethoden, dass se déi méi an de Vierdergrond stellt, eng aner Kéier éischter déi klassesch national Kontabilitéitsmethoden an de Vierdergrond stellt, dat ass eigentlech, wat awer usuel ass hei zu Lëtzebuerg. An dann hei mat haarde Wierder dat ze brandmarken, dann ass dat awer, géif ech soen, e ganz schrecklecht Uerteel iwwert déi Attitüden, déi fréier d'CSV-Finanz- a Budgetsministeren hei wärend laange Joren an dësem Parlament haten. Dat do ass eigentlech, wat ganz üüblech ass.

Wat Der elo genau kritiséiert hutt, dat ass jo, hei geet et jo ëm d'Feststellung, ob mer eigentlech konform sinn zu den europäeschen Traitéen, ob mer konform sinn zum Stabilitéitspakt, ob mer déi Regelen anhalen, notamment wat eisen Objectif à moyen terme ugeet an de strukturellen Defizit ugeet, dee mer mussen upeilen. Abee, do fannen ech et awer ganz normal, dass d'Regierung hei net méi weidergefuer ass mat hirer Method, fir eigentlech eng eege Berechnungsmethod, eng Lëtzebuerger Berechnungsmethod hei anzeféieren, fir ze beuerteelen, ob mer konform sinn zum europäesche Recht, wou mer wëssen, dass déi Leit, déi eis jugéieren, déi kucken net déi Lëtzebuerger Berechnungsmethod, mä déi kucken hir eegen, déi europäesch Berechnungsmethod!

Duerfir fannen ech, deen eenzege logesche Wee ass, dat huet och de Budgetsrapporteur gesot, fir u sech mat där doter, mat där europäescher Method ze schaffen, quitte dass mer eis eng Lëtzebuerger Method nach vläicht ginn, fir déi Analys ze verfeineren an eenzelne Punkten. Et bleift awer, dass, wann et drëm geet festzestellen, ob mer konform sinn zu europäesche Regelen, wou jo och kënne Sanktioune geholl ginn, mer nëmme kënne mat der europäescher Method schaffen.

Duerfir fannen ech eigentlech dee Wiessel vun der Duerstellung, deen d'Regierung elo gewielt huet dëst Joer, richteg. Festhalen un deem anere wär eigentlech falsch gewiescht an hätt zu enger onheemlecher Konfusioun geféiert, eigentlech och an der ëffentlecher Duerstellung, wou een dann elo eigentlech steet, wat d'ëffentlech Finanzen ugeet. Do soll een also wa méiglech mat engem eenheetleche Parameter schaffen. A well jo net ze denken ass, dass d'Europäesch Kommissioun sech de Lëtzebuerger Berechnungsmethoden upasst, mä éischter de Contraire wäert geschéien, ass et also logesch, esou ze fueren, wéi dës Regierung dat mat der Presentatioun vun dësem Budget gemaach huet.

Ech wëll och nach soen, wann elo dës Budgetspolitik praktesch verdaamt gëtt vun der gréisster Oppositiounspartei, wann do zum Beispill gesot gëtt: „Majo, awer am renge Statsbudget, am Zentralstat, do hu mer dann emol Defizit!", do wëll ech nach eng Kéier dat widderhuelen, wat och de Rapporteur schonn hei gesot huet, dat schéngt op daf Ouere gestouss ze si bei eenzelnen Deputéierten hei, dass mer praktesch an de leschte 15 Joer nëmmen ee Joer haten - a 15 Joer ee Joer haten! -, dat war dat absolutt Boomjoer 2007, ier et da gekraacht huet, wou mer eigentlech eisen Zentralstatsbudget am Équiliber haten!

(Interruption)

All déi Jore virdru wéi och elo déi lescht Joren hate mer ëmmer en Defizit! An zum Deel a Joren, wou eise Wuesstum vill méi héich war wéi déi gutt 3%, déi mer elo kënnen hei verzeechnen.

Also do, mengen ech, soll een also och ganz nuancéiert sinn, wann een elo esou schaarf zu Geriicht geet mat dëser Regierung, a vläicht net vergiessen direkt, och wann een elo zwee Joer an der Oppositioun war, wat eigentlech awer och d'Finanzpolitik an der Vergaangenheet war!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, wéi deen Defizit gemaach ginn ass 2001/2002, dunn ass - gemeinsam mat der DP d'ailleurs - eng Steierreform gemaach ginn, wou d'Steiere vu 46% op 48% (veuillez lire: vun 48% op 46%) an zwee Joer erofgaange sinn. Do ass en Defizit gemaach ginn, dee sech lues a lues erëm résorbéiert huet déi Joren duerno. Ech géif och gär de Finanzkader ganz..., deen Der och kennt, Dir hutt dat d'ailleurs och alles matgedroe sengerzäit, dat war a sech sengerzäit gemaach ginn, fir déi ekonomesch Relance iwwer eng Steierreform ze maachen.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Also, déi Konsolidéierung, déi gemaach ginn ass - erlaabt mer, dass ech do eng aner Appréciatioun hu wéi déi vläicht vun der deemoleger Majoritéit -, déi ass zum Deel emol gemaach ginn, andeem déi sougenannten „Äppel fir den Duuscht" ageléist si ginn. Dat heescht, all déi okkult Steierreserven, déi nach an der Steierverwaltung ware vu Joren, déi net besteiert gi waren, déi sinn emol fluchs erageholl ginn.

Déi hunn eis gefeelt natierlech bei der zweeter Kris! Déi waren ewech bei där éischter vill, vill méi klenger Kris, der sougenannter „bulle informatique" (veuillez lire: „bulle Internet"); dat ass emol ewech gewiescht! Dat war natierlech einfach ze décidéieren, do huet ee kee Gesetz brauchen ze maachen, nëmmen der Steierverwaltung ze soen: „Ma dreift emol déi Suen do an!" Just, dat mécht een nëmmen eng Kéier, dat kann ee keng zweete Kéier maachen! Also déi deemoleg Regierung huet da gesot: „Hëpp, dat ass dat Einfachst politesch, da maache mer dat doten emol."

Da wëll ech awer och soen, an och dat huet de Budgetsrapporteur ervirgehuewen, dass dat Joer, wou bis elo dee gréisste Statsdefizit war, en Netkrisejoer war: 2004! Firwat war dat dat Joer, wou dee gréissten Defizit war? Ma well et e Wahljoer war a well eng ganz Rei vun Décisiounen, politeschen Décisioune geholl gi sinn, e Wahlbudget opzestellen, wou et zimlech egal war, wat hanne géif erauskommen, a wou eng ganz Rëtsch..., do ware richteg Kaddoen dran 2004! An do war séngerzäit d'Aarbecht net gemaach ginn.

Dat erkläert also - nach eng Kéier -, firwat een dës Regierung vläicht net soll esou haart beuerteelen an dat och soll nuancéiere par rapport zu där praktescher Erfahrung, déi iwwer 15 Joer eigentlech mat Finanz- a Budgetspolitik hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass.

Woubäi ech och net richteg verstinn, firwat dass sech grad iwwert dëse Budgetsprojet vusäite vun der CSV esou opgereegt gëtt. Ech mengen, dass sécherlech dëse Budgetsprojet vill méi no un deene Budgeten ass, déi ech vun CSV-Budgetsministere kannt hunn, wéi dee vum leschte Joer. Dee vum leschte Joer, deen huet Akzenter gesat, ganz kloer gemaach. Déi lafen hei weider, well dat jo och notamment am Zukunftspak Moossname waren, déi iwwer e puer Joer wäerte fortgeschriwwe ginn an déi och hir voll Effeten eréischt praktesch no zwee, dräi Joer kréien. Mä et bleift awer, dass, wat d'Gesamtoptik ugeet vun deem heite Budget, ech hei eng ganz Rëtsch vu Merkmaler erëmerkennen, déi ech emol aus fréiere Budgeten aus anere Koalitioune kannt hunn, wou CSV-Ministeren eng direkt Responsabilitéit haten.

Dat, wéi gesot, bestäerkt mech a mengem Onversteesdemech eigentlech vun där radikaler Oppositioun, déi d'CSV hei géint déi heiten Texter mécht. Ech kommen herno nach e bëssen dorobber zréck.

Et ass evident, dass, wann een déi heiten Zuele kuckt, de finanziellen Handlungsspillraum fir eng ëmfaassend Steierreform net riseg grouss ass. Dat muss ee ganz kloer esou gesinn. Dat ergëtt sech net aus deem heiten Zuelematerial, wat besonnesch am Pluriannuel momentan virläit, wou ech och net weess elo opgrond vun der Interventioun vum Här Wiseler - mä aner Leit wäerte jo och nach d'Wuert am Numm vun der CSV ergräifen -, wat dann elo hir Virstellungen zu deem Ganze sinn.

Do gëtt et eenzel Wuertmeldungen, wou een ni weess, ob déi Leit an hirem eegenen Numm schwätzen oder am Numm vun hirer Partei: den Här Mosar, dee sech hei staarkgemaach huet fir en Erofsetze vun der Steierlaascht fir d'Betriber, den Här Roth, dee sech staarkgemaach huet, fir dass u sech soll eng komplett Upassung komme vun de Steiertabellen, plus, plus, plus. Dat heescht also, Honnerte vu Milliounen eigentlech, wou de Stat géif op Einname verzichten.

Iwwert d'Géigefinanzéierung vun deem Ganzen hunn ech bis elo ganz wéineg héieren. Dat ass awer dat, déi Fro, déi mer eis mussen herno stellen! Et ka jo net sinn, dass mer eng Steierreform maachen an déi mat Emprunte géife géigefinanzéieren! Also mussen do, an dër Steierreform mussen also och Elementer vun Ëmverdeelung dra sinn, well soss mengen ech, dass déi Marge, déi mer hunn, fir hei eppes ze maachen, net duergeet.

Eng vun de Méiglechkeeten, eng Géigefinanzéierung ze maachen, dorobber insistéiere mir als LSAP-Fraktioun, dat ass natierlech de Kampf géint Steierbedruch. An do si mer d'accord mat dem Rapporteur, dass de Stat do seng Efforte muss redoubléieren. A vläicht ass et net schlecht, och nach eng Kéier op deen ale Rapport vum Jeannot Krecké zréckzegoen, deen elo erëm bekannt ginn ass, och international, mä deen awer net nëmmen zu deem enge Punkt eppes gesot huet, mä et si jo nach e bësse méi Säiten an deem Rapport gewiescht, a wou ech den Androck hunn, dass nach laang net alles ëmgesat ginn ass, wat do vun Iddie waren, an déi Iddien u sech awer nach wie vor vum Fong hier nach ëmmer richteg sinn.

Duerfir, d'Verbesserung also vum Informatiounsaustausch tëschent de Verwaltungen; d'Aféierung vun administrativen Amenden, dass och méi schnell ka reagéiert ginn, déi vun der Verwaltung selwer kann ausgeschwat ginn; eng besser Ausstattung vum Parquet, wat d'Affaires économiques et financières ugeet, fir ze verhënneren, dass Affäre vu Fraude an Escroquerie ouni Suitte klasséiert ginn.

Bei der TVA zum Beispill schätzt den Enregistrement, dass vu ronn 900 Milliounen Euro, déi nach ausstinn, der nach ongeféier 60%, dat heescht 540 Milliounen Euro, irrécouvrable sinn. Dat entsprécht ëmmerhin engem Prozent vum PIB.

Dëst Joer, iwwert dat Budgetsgesetz, gräift och Lëtzebuerg wéi vill anerer virdrun op de System vun enger Regulariséierung en matière fiscale zréck. Dat mécht Sënn, och wann ech net hei verstoppen, dass mir déi Majoratiounen, déi virgesi si bei de Steieren, léiwer e bësse méi héich gehat hätten. Mä gutt fanne mer, dass et do e progressive System gëtt, dass déi Leit also besser ewechkommen, déi sech direkt mellen, par rapport zu deenen, déi sech méi laang Zäit loossen. An duerno hale mer awer drop, dass mat der néideger Häert och all d'Gesetzer am Strofrecht, och wat d'Fiskalbestëmmungen ugeet, dann applizéiert ginn.

De Volet Solidaritéit, Ëmverdeelung duerch e staarke Sozialstat. De Claude Haagen geet a senger Ried do op den Detail an. Et ass scho gesot ginn, dass de Sozialbudget wäit iwwer 40% vun eisem Gesamtbudget vum Stat ausmécht, well och vill Dépensen an der Sécurité sociale budgétiséiert si bei eis hei zu Lëtzebuerg. Dat erkläert deen dote bal international eemolege Phenomeen.

D'Bekämpfung vun der Aarmut an der Prekaritéit ass fir d'LSAP-Fraktioun eng absolutt Prioritéit. Dozou gehéiert eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik, d'Schafung vun neien Aarbechtsplazen, den Investissement a Bildung an Ausbildung wéi awer och eng regelrecht national Offensiv am soziale Wunnengsbau. Also eng concertéiert Aktioun vun allen Akteuren: vum Stat, vu Gemengen, Wunnengsbaugesellschaften a firwat och net privaten Investisseuren. Nëmme wa mer esou eng grouss Offensiv starten, kann et eis geléngen, déi Situatioun iwwer laang Zäit ze verbesseren.

Et bleift och eng weider nobel Aufgab vun der Politik, derfir ze suergen, dass dee geschafene Räichtum gerecht verdeelt gëtt, dass den Ënnerscheed tëschent Aarm a Räich net méi grouss, mä méi kleng gëtt. An do muss een och feststellen, dass besonnesch och an deene leschte Jore mat deem Wuesstum, dee mer haten, éischter den Ënnerscheed erëm méi grouss ginn ass, wéi dass e méi kleng ginn ass.

Et ass also net gelongen, wéi a villen anere Länner och, dee Wirtschaftswuesstum, deen awer do war, gerecht ze verdeelen. Dat ass eng grouss Erausfuerderung. A mir wäerten eis net domadder zefridde ginn, dass déi Zuel vun deene Leit, déi engem Risque de pauvreté hei zu Lëtzebuerg ausgesat sinn, dass déi nëmme stagnéiert, wat elo déi lescht Zuele sinn. Mir mussen et, äänlech wéi beim Chômage, fäerdegbréngen, déi Kurv erëm eng Kéier no ënnen ze drécken!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat ass fir eis als LSAP eng absolutt Prioritéit.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Budgetsdebatte waren emol an der Vergaangenheet de Moment, wou Regierungskoalitioun an Oppositioun Projet géint Projet, Programm géint Programm, Zuele géint Zuele sech konfrontéiert hunn a wou d'Oppositiounsparteien en Alternativvirschlag zum Regierungsbudget preparéiert hunn.

Déi éischt Reaktiounen op d'Presentatioun vum Budget am Oktober ware flaach. Et ware Widderhuelunge vun alen Appréciatiounen, wéi wann ee keen neit Zuelematerial eigentlech virgestallt kritt hätt. Al bekannte Floskelen aus der Vergaangenheet si widderholl ginn: déi vun de falschen Zuelen, dem ze groussen Optimismus, op där enger Säit, déi vun engem Austeritéitsbudget, wou d'Leit hei zu Lëtzebuerg géife geknecht ginn, op där anerer Säit.

Ech mengen, dass dat net duergeet an dass dës Debatt och nëmme kann eppes bréngen, wann ee bei den Interventiounen hei net zu 98% nëmme Kritik mécht, mam Äifer vum Kontabel déi eenzel Zuele wëllt zerplécken, ouni awer ze erkennen, dass d'Rechnung opgeet, dass d'Ziler, déi politesch a finanziell, erreecht ginn, an dass een 2% vu senger Riedezäit, mä dat ka sech nach änneren, da vu sougenannte Virschléi schwätzt, déi sech dann awer op Aussoe beschränke wéi „Mir brauche Strukturreformen" an Äänleches.

Ech géif mer wënschen, notamment vun der gréisster Oppositiounspartei, dat gëllt awer och fir déi aner: All déi, déi hei mengen, dës Koalitioun hätt net genuch gemaach, fir de Statséquiliber ze erreechen, et misst also méi gespuert ginn, déi solle soen, wou a wéi se wëlle spueren. Wëlle se dat op de lafende Käschte maachen? Wëlle se et bei de Sozialausgabe maachen? Wëlle se et bei den Investitioune maachen? Wou wëlle se méi spueren?

A wa se mengen, et misst eppes méi geschéien op der Einnamesäit, da solle se soen, wat fir eng Steiere se wëllen eropsetzen. Dat mécht keen. Et gëtt kritiséiert. Déi eenzel Elementer, déi an deem Zukunftspak dra sinn, déi Erspuernisser bréngen, déi ginn a Fro gestallt: „Dat wëlle mer net." Et gëtt awer net gesot, wéi een dat wëllt kompenséieren, wat da misst zousätzlech gespuert gi respektiv wat een nach muss dropleeën, fir eigentlech zu sengen Ziler ze kommen.

An ech mengen, dass sech notamment d'CSV net kann derlaanschtdrécken, laanscht d'Stonn vun der Wourecht, déi wäert kommen, wou se eis muss soen, wa si der Meenung ass, dass Honnerte Milliounen Euro - an dat geet eigentlech aus hiren Ausféierungen ervir - musse méi gespuert ginn, da muss se soen, wou se dat da wëllt spueren. Net nëmmen 2016, mä och déi nächst Joren.

Dat ass déi Debatt, wou ech mech drop freeën, dass mer déi, wa mer se haut net schéngen ze kréien, dann zumindest awer muer wäerten hei am Parlament kréien, dass wierklech Alternativ géint Alternativ, Projet géint Projet diskutéiert gëtt, dass een also net am Flou bleift do, wou et ëm d'Saach geet, mä dass ee kloer Ross a Reiter nennt a seet, wat ee wëllt. Et gëtt héich Zäit, dass mer op deem doten Niveau déi Debatt iwwert d'Budgets- an d'Finanzpolitik hei zu Lëtzebuerg féieren. Dat ass dat, wat mir eis virstellen.

Et bleift, an ech kommen zum Schluss, Här President, dass... An do si mer an den offizielle Prozedure vum Semestre européen dran. Dat ass e bëssen hei och bis elo net gebürend ervir-

gestrach ginn, dass nom Dépôt vun engem Budget, Plan budgétaire, d'Europäesch Kommissioun Stellung bezitt zu deenen eenzelne Länner hire Budgetspropositiounen, déi se eraginn. An d'Kommissioun huet dat gemaach a si huet festgestallt, dass Lëtzebuerg zu deem klenge selekte Krees vu fënnef Länner gehéiert, déi konform sinn zu den europäesche Regelen. En fait wuessen eis Ausgaben e bësse méi schnell, wéi d'europäesch Normen et virgesinn. Mä doduerjer, dass mer awer am Plus sinn, dass mer eisen „mid-term objective" eigentlech richteg upeilen, doduerjer spillt dat an deem heite Fall net.

Däitschland, Holland, Estland, d'Slowakei, Lëtzebuerg: Dat sinn déi fënnef Länner, déi konform sinn. Och dat, mengen ech, sollt een hei zur Kenntnis huelen, bei aller Kritik, déi ee kann äusseren; och wann een net bereet ass, haut Alternativvirschléi op den Dësch ze leeën.

Ech kommen zum Fazit. An eisen Aen ass dat hei e Budget, deen op realistesche makroekonomeschen Hypotheese fousst. E Budget, deen de Virgabe vum Stabilitéitsplang entsprécht. E Budget, deen eng ganz héich, historesch héich Investitiounsquot virgesäit, fir dann d'Zukunft vun eisem Land ze preparéieren. E Budget, deen och den Ausdrock ass vun engem staarke Sozialstat, dee Solidaritéit a Chancëgläichheet groussschreift.

Mir wäerten also als LSAP-Fraktioun dëse Budgetsprojet 2016 stëmmen, wéi och de Pluriannuel, an der Hoffnung, dass mer awer schonn am Fréijoer kënne méi eng detailléiert sektoriell Analys féieren iwwert déi eenzel Politicke fir déi nächst Joren, wéi dat och am Rapport virgeschloen ass, well ech der Meenung sinn, dass dëse Budget och den Ausdrock ass vum Wëlle vun dëser Koalitioun, fir dëst Land wirtschaftlech, sozial an ökologesch virunzebréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An déi nächst Riednerin ass d'Fraktiounscheffin vun de Gréngen, d'Madamm Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et gesäit ee bei dësem Budget 2016, datt mer et hei zu Lëtzebuerg fäerdegbruecht hunn, ons vun där turbulenter Period no 2008 ze erkréien. Respektiv si mir zu Lëtzebuerg an enger Situatioun, dat soen zumindest d'Zuele vum Gesetzesprojet, 2016, ëm déi déi meescht europäesch Länner ons beneide kënnen.

Mir kënnen ons et erlaben, ons Dépensen ëm 4,3% vun engem Joer op dat anert wuessen ze loossen. Et sinn dëst geziilt agesaten Dépensen, déi ervirsträichen engersäits, wat de politesche Wëlle vun dëser Regierung ass a wou si och investéiere wëllt, anerersäits och, wou et e Besoin gëtt, fir ze reagéieren, an do, wou d'Regierung ka reagéieren, net zulescht duerch e virsiichtegen an iwwerluechten Ëmgang mat den ëffentleche Gelder.

Dës Augmentatioun vun den Ausgaben erkläert sech zum Deel duerch d'Ofkommes vun de Statsbeamten - dat ass ëmmerhin e Plus vu 87 Milliounen Euro - an den ëffentlechen Transport, virop den Tram, mat engem Plus vu 84 Milliounen Euro. Mä och eng ganz Rei vu sozialen Dépensen erklären dës Augmentatiounen: e Plus vun 63 Milliounen an de Pensiounsbäiträg; e Plus vun 10 Milliounen an der Assurance dépendance; e Plus vun 42 Milliounen an de Krankekeessbäiträg; 3 Millioune méi an der Bedeelegung vun de Chèque-servicen; wéi schonn e puermol hei ënnerstrach, e Plus vun 29 Milliounen an der Subvention de loyer; e Plus vu 26 Milliounen u Wunnengshëllefen; e Plus vun 8,5 Milliounen un d'Allocation de vie chère.

Wann een dat esou zesummerechent, da sinn dat plus ou moins eppes iwwer 200 Milliounen. Bal d'Halschent vun den Augmentatioune vun den Dépensë ginn a sozial Dépensen. D'Ursaache vun der Méiglechkeet vun deem Plus un Ausgabe sinn natierlech e Plus un Eingaben, e Plus vu 5,6% par rapport zu 2015. Et ass de Moien nach eng Kéier vum Minister ënnerstrach ginn.

E wichtege Facteur fir ons ass och, datt den Defizit fir 2016 erëm erof soll goen. Nieft der Schold ass et virun allem deen notoreschen Defizit - „de Foussklomp", hat de Rapporteur derfir gesot -, dee mer vu Joer zu Joer mat virundroen, deen dëst Joer erëm erofgoe soll, an dëst trotz der schwiereger Ierfschaft.

An zur Schold wollt ech just eng kleng Bemierkung maachen, wann Der erlaabt, Här President...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, selbstverständlech.

(Hilarité)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Et ass richteg,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Encaisséiert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- ...datt déi nominell, datt déi absolutt Zuel vun der Schold eropgeet, mä et ass awer och richteg - an dat muss ee considéréieren -, datt prozentual d'Schold stabiliséiert ginn ass. An dat entsprécht och engem Scholdestopp. Dat rechent ee prozentual an net an den absolutten Zuelen.

Dëst gesot, huet de Budgetsrapporteur gëschter d'Situatioun a virun allem d'Evolutioun souwuel vum Defizit wéi och vun der Schold säit 2000 gutt erläutert. An en huet ons notamment op verschidden Opportunitéiten higewisen, déi mer an de Joren 2000 bis 2009 gehat hätten an déi mer leider als verpasste Chance musse klasséieren. Verpasste Chancen, op ekonomesch, op ekologesch Nohaltegkeet ze setzen.

An do wollt ech eng kleng Klammer maachen. Natierlech hate mer an de Joren 2000 bis 2009 net e Budget pluriannuel, mä mir haten awer eppes Äänleches wéi e Pluriannuel, well selbstverständlech hu jo déi Regierunge virdrun awer net einfach vum 1. Januar bis den 31. Dezember gekuckt, mä si hunn awer trotzdeem eng Wäitsiicht an och e Programm gehat.

A wann ech vu verpasste Chancë schwätzen, da schwätzen ech virun allem vun der Steierreform 2001 a virun allem och vun der Pensiounsreform 2002 mat enger Augmentatioun vu 4%, wou ech Iech hei nach eng Kéier muss soen, datt déi gréng déi Eenzeg waren am Kader vun deem Zukunftsdësch, déi déi Pensiounsreform do net matgestëmmt hunn, eben och aus Virsiicht vun: Wat maache mer mat deene Suen, déi mer hunn oder déi mer vläicht net méi hunn, wann eng Kéier d'Croissance e bëssen anescht ausgesäit, wéi dat eben an deene Jore war? Wat och herno geschitt ass!

A wann ee sech dann dee leschte Slide ukuckt vum... neen, ee vun deene Sliden, mengen ech och, déi vum Budgetsrapporteur gewise gi sinn, da gesäit een eppes Äänleches wéi e Plan pluriannuel. Dat sinn natierlech d'Fonds-spécialen. D'Fonds-spécialen, wou mer säit 2000 eigentlech déi Fond-spéciauxe mat enger Schold gespeist hunn, well keng aner Sue méi do waren, a wou mer 2014 d'Fond-spéciauxe mat 2,1 Milliarde Scholde gespeist hunn.

Wann d'Fonds-spécialen awer elo net e Beispill oder, loosse mer soen, e Précurseur vun engem pluriannuelle Budget sinn, jo, da kann een natierlech soen: „Jo, virdru gouf et kee Pluriannuel, also hu mer dat net gemaach." An onsen Ae sinn d'Fonds a virun allem d'Fonds-spécialen derfir do gewiescht, fir effektiv ze investéieren, an d'Zäit eranzeinvestéieren.

Dës kleng Bemierkungen oder erëm Richtegstellunge gemaach, Här President, wollt ech am Fong geholl en anere Facteur, e wichtege Facteur fir ons, hei ernimmen. Dat ass dee vum Emploi. Dat ass scho gesot ginn. Dat ass och extrem Lëtzebuerg-spezifesch. Den Emploi geet an d'Luucht. Mir schafen nach ëmmer nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg an zum Deel och héich qualifizéiert a gutt bezuelten Aarbechtsplazen.

Nei Aarbechtsplaze schafen, ech schwätzen hei haaptsächlech vum Privatsecteur, heescht Relance vun der Ekonomie, heescht ekonomesche Wuesstum, heescht och Wuesstum vun der Populatioun; vläicht manner wéi an engem klasseschen Zeenario, well mir hei zu Lëtzebuerg esou vill Frontalieren hu wéi néierens soss an der Europäescher Unioun, an iwwregens och esou vill Netlëtzebuerger wéi soss néierens an der Europäescher Unioun, déi hei wunnen, mä, virun allem, déi hei schaffen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng ronn 275.000 net Lëtzebuerger Salariéen, Résidenten an Netrésidenten; 275.000 vun 380.000 ronn, déi fir de Räichtum vun onsem Land suergen, déi ons Ekonomie um Lafen hale respektiv déi se erëm ugekuerbelt hunn. Dat ass, niewebäi ënnerstrach, keen neie Phenomeen, well ab 2002 huet d'Zuel vun de Frontalieren an der Moyenne all Joers ëm 4% zougeholl. Dës Main-d'œuvre, déi all Dag iwwert d'Grenz kënnt, ass en général complémentaire zu der Main-d'œuvre résidente, ass gutt akzeptéiert an der ekonomescher Welt an och gutt integréiert, meeschtens och eng Plus-value, déi zu enger Masse critique féiert an onsem klenge Land.

Mir sinn e klengt Land, eent vun de räichste Länner vun der Welt, an dat mam héchste PIB vun der Welt. Dës Situatioun hu mer notamment duerch déi 170.000 Frontalieren.

Aus dem Privatsecteur ass et de Finanzsecteur, deen ons et erlaabt, déi Recetten anzehuelen, fir onst Land an onse Lëtzebuerger Modell ze gestalten. Praktesch een Drëttel vun de Steierrecettë kommen aus der Finanzplaz. Praktesch een Drëttel vum PIB ass der Finanzplaz ze verdanken. A praktesch ee Fënneftel vun den Aarbechtsplaze sinn am Finanzsecteur. An déi si mat 77% vun Netlëtzebuerger besat. Dat ënnersträicht souwuel de Comité économique et social wéi och d'Cour des Comptes. Onse Wuelstand zu Lëtzebuerg hänkt vill, wann net haaptsächlech, vun zwee Facteuren of: déi net Lëtzebuerger Main-d'œuvre - Résidenten a Frontalieren - engersäits, an d'Finanzplaz anersäits.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat beschreift och ausféierlech de Budgetsrapporteur Henri Kox a sengem Rapport am Kapitel „Quelques réflexions sur le modèle luxembourgeois". Erlaabt mir och dofir, manner op déi eenzel Budgetsartikelen anzegoen, mä villméi op déi politesch Bedeitung, jo op déi politesch Erausfuerderung vun dësem Budget annuel a virun allem vun deem Budget pluriannuel anzegoen.

Et ass effektiv wouer, hunn ech jo elo virdru gesot, datt de Budget pluriannuel, dee mir, mir Gréng, als grouss Aussoen, nach éischter als politesch Visioune gesinn, eng interessant Diskussioun, eng interessant Perspektiv presentéiert, well mer e bësse méi wäit kucke wéi d'Zuele vun den nächste Joren. Mir bekëmmeren ons ëm wat a virun allem ëm wéi déi nächst Jore sollen an dësem Land gestalt an investéiert ginn. An dofir freeë mir ons, datt mer ab dem nächste Joer op de Wee ginn, fir de Budget annuel vum Budget pluriannuel zäitlech ze trennen.

De Budgetsrapporteur huet et fäerdegbruecht, op eng ganz kloer Manéier aus dem Budget, aus den Tabellen, aus den Zuelen, awer virun allem aus der Evolutioun vun den Zuele säit 2000 drop hinzeweisen, wéi et onsem Land eigentlech wierklech geet, wéi gesond mir hei zu Lëtzebuerg liewen a wou de Schong eventuell dréckt, wou e kéint an Zukunft drécken. Gesond am Sënn vu längerfristeg gesond, vun nohalteg gesond. Wéi mir haut liewen, wat mir haut ausginn a wou mir haut Suen erakréien, ass dee Modell, no deem mir haut gestalten, fir muer och nach nohalteg oder, vläicht muss ee soen, nach nohalteg genuch...

De Budgetsrapporteur stellt d'Politik virun hir Verantwortungen, net nëmme fir 2016, mä kuckt iwwert den Zäitraumteller eraus. Dat ass eng couragéiert Approche, déi d'Finanzkommissioun an hirer Majoritéit jo och matdréit. D'Zuele si Fakt, mä - an dat hu mer hei de Mëtteg scho gesinn - hir Interpretatioun léisst sécherlech méi Fräiraum.

Ech wëll, Här President, Dir wäert dat sécherlech verstoen, mech éischter op dem Rapporteur seng Linn bewegen an d'Politique politicienne, déi eigentlech esou oft bei de Budgetsdebatte floréiert a wou een deem aneren de schwaarze Péiter gären zouschoustert, éischter vermeiden an op Wesentleches agoen, wat déi gréng bei der Lektür vum Budget pluriannuel a vum Budgetsrapport erausfilteren.

Dem Budgetsrapporteur säi roude Fuedem - oder soll ech soen, säi grénge Fuedem? - ass déi ekonomesch, ekologesch a sozial Nohaltegkeet vun der Féierung vun onsem Land. Hie verbënnt onzertrennlech dës dräi Komponenten an entwéckelt seng Analys vum Budget pluriannuel a vum Budget 2016 unhand vun dësen dräi liewensnoutwendegen Aspekter, déi een op deen aneren awierken.

De Budgetsrapporteur geet och da méi spezifesch op onse Lëtzebuerger Modell an, op seng Originnen, op seng Entwécklung a virun allem op seng längerfristeg Ofsécherung. Suerge mir wierklech haut derfir, datt mer muer an iwwermuer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer no dësem Modell weiderliewe kënnen? Vläicht net mir selwer, mä ons Kanner an ons Enkelkanner. Wat brauche mer dofir? A kënne mer dat, wat mer géifen dofir brauchen, iwwerhaapt opbréngen? Ass et iwwerhaapt ëmsetzbar oder musse mer eppes änneren, ëmgestalten, nei entwéckelen? A wa jo, wat a wéini?

Mir sinn der Meenung, Här President, mir mussen onbedéngt an haut derfir suergen, datt mer ons wirtschaftlech diversifiéieren. Sécherlech ass et wichteg an och richteg, fir an der Finanzpolitik nei Nischen ze erschléissen. Eng ganz Rei vun neien Dispositiounen an Direktiven hunn derzou gefouert, datt verschidde Praktiken op der Finanzplaz zu Lëtzebuerg, a soss iwwerall, net méi méiglech sinn oder net méi erwënscht sinn. Mir begréissen dat als Gréng ausdrécklech. A mir begréissen och all Effort, dee gemaach ginn ass, fir ons Finanzplaz méi transparent a méi propper ze gestalten. Dëst huet notamment och eppes mat Férderung vun der Steiergerechtegkeet ze dinn. Do war Sputt no uewen.

Dem Finanzminister säi Motto, no deem hie wëllt virgoen, „den éischten an de beschte Schüler ze sinn", oder seng Ausso „Lëtzebuerg ass net Deel vum Problem, mä Deel vun der Léisung" ënnerstëtze mir. Mä eleng d'Finanzplaz diversifiéieren a sech an Zukunft weiderhin haaptsächlech op d'Finanzplaz stäipen a verloossen, geet net méi duer a wier och ze vill riskant. D'Finanzplaz zu Lëtzebuerg ass vill ze vill den auslännesche Fluctuatiounen ausgesat, op déi mir iwwerhaapt keen oder wéineg Alfoss hunn. An et ass definitiv ze vill riskant, de gréissten Deel vun onsem Statsbudget vun auslännesche Fluctuatiounen ofhänken ze loossen.

Mir mussen zu enger evidenter Ëmverdeelung vum wirtschaftleche Standuert hi kommen, déi gläichzäiteg och eng Ëmverdeelung vun dem Räichtum vum Land kann duerstellen an eng Ëmverdeelung vun de Recettë vum Stat ka bedeiten. Mir kënnen net méi weiderhi wéi bis haut praktesch eleng a praktesch alles op d'Finanzplaz setzen. Dat huet dës Regierung verstanen a si ass amgaangen, nei Wirtschaftsnischen ze erschléissen. Déi Nischen, déi mer kënne mat deem, wat mer hunn, ausbauen, näämlech mat onser Matière grise, sprréch an d'Recherche an an d'Innovatioun investéieren.

Et ass fir ons Gréng wichteg, datt d'Innovatioun zu Lëtzebuerg an Zukunft weiderhi gefërdert gëtt; en Domän mat immens vill Potenzial. Déi prioritär ekonomesch Secteuren, wéi zum Beispill d'Logistik, ICT, Space Tech, Santéstechnologien oder Ekotechnologien, si fir ons de richtege Wee. Si maachen de Moment nach manner wéi 10% Valeur ajoutée brute générée oder Bruttowäertschëpfung aus zu Lëtzebuerg, mä stellen eng ronn 29.000 Aarbechtsplazen an 2.600 Firmen duer, déi all, bis op de Logistiksecteur, dee sech nach schwéierdeet, am Opschwong sinn.

Als Beispill e puer Zuelen a Fakten zu den „financial technologies", FinTech genannt. 2014 si weltwäit ongefëir 17 Milliarden Euro an de FinTech-Secteur investéiert ginn. 80% dovunner sinn an d'USA gefloss an nëmme 15% an Europa. An Europa ass FinTech dee Marché, dee momentan am meeschte wiisst. An déi Länner, déi haut am meeschten un dësem Secteur interesséiert sinn, sinn déi nordesch Länner, Däitschland a Lëtzebuerg. An do solle mer wäitsiichteg sinn an investéieren.

En zweet Beispill ass eng optimal Protektioun vun den Donnéeën am Informatikberäich, essenziell fir den E-Commerce. D'Uni Lëtzebuerg bitt mëttlerweil e Master a Management of IT-System security un. Mir sinn also schonn amgaangen, eng gewëssen akademesch Expertise an dësem Beräich opzebauen a sollen dës Form vu Recherche onbedéngt férderen. Dat ass fir ons nohalteg: an d'Zukunft investéieren. Mir kënnen als Land eng Virreiderroll ze spille kréien.

Fir 2016 sinn am Budget 420 Millioune fir Recherche an Innovatioun virgesinn, 150 Millioune fir d'Uni Lëtzebuerg an 49,9, dajee alt, 50 Millioune ronn fir de Fonds pour la promotion de la recherche am Privatsecteur. De PNR ënnersträicht och d'politesch Prioritéit a programméiert e Montant vun 2,3% bis 2,6% vum PIB fir d'Recherche.

De Wee, dee mir gréng als zukunftsfäeg an nohalteg gesinn, léisst sech resüméieren: Vun den Niches fiscales eriwwer zu den Niches de compétence, oder, wéi de Rapporteur et gären ëmmer beschreift, vun den Niches fiscales zu den Niches de substance.

A Recherche an Innovatioun ze investéieren, kënnt schlussendlech duerno och der Handwierksekonomie zegutt. Et ass en Deel vun der Wirtschaft, an dee mer sollten an Zukunft méi investéieren, méi drop kucken, méi férderen. D'Handwierk kann an Zukunft nach besser déi dräi nohalteg sozial, ekologesch, ekonomesch Komponenten am beschte virundreiwen. An d'Handwierk ass e wichtege Partner fir d'berufflech Ausbildung. Och dat solle mer net ënnerschätzen!

Här President, ech kann, oder ech géif gären, oder ech kommen net derlaanscht, e Wuert zum sougenannten Tanktourismus ze soen, deen de Bensinn an den Diesel a seng Niweneffekter, Zigaretten, Alkohol an Tubak, ausmécht, deen entpuppt sech spéitstens säit dësem Joer als dat, virun deem mir gréng net midd gi sinn, do virdrun ze warnen: ekologesch an ekonomesch längerfristeg net nohalteg!

déi gréng sinn net midd ginn, déi lescht Joren do virdrun ze warnen, datt mer d'Recettë vum Tanktourismus net sollen als fest Recettë mat an déi verschidde Budgets annuels a schonns guer net solle längerfristeg mat aplangen a verbuchen. Jo sécher, mir hunn ab den 90er Joren dovunner profitéiert an et ass e richtege Pak, vill Suen. De Phenomeen awer vum Tanktourismus gëtt eis e klenge Feeling vun Déjà-vu.

Den Ënnerscheed tëschent dem Ewechfale vum E-Commerce an dem Tanktourismus ass deen, datt mer beim E-Commerce eng Deadline ganz

kloer am Virfeld woussten an trotzdeem hu mer schéi weidergemaach, wéi wa keng Änderung géif kommen. Beim Tanktourismus huet dës Regierung anticipéiert, well se d'Gefor zumindest vun enger Deelvolatilitéit vun de Recetten erkannt huet. Mir wäerte mat enger ausféierlecher Etüd zum Tanktourismus a kierzester Zäit an der Chamber befaasst ginn a wäerten, grad wéi d'Regierung, ons mat Konklusioune beschäftege missen.

Duerch dat, wat mer op der Pompel verkafen zu Lëtzebuerg, si mir dat Land an der OECD, wat déi décksten Empreinte carbone par habitant huet! An dës Empreinte kascht ons pro Joer 68% vun onsen CO_2-Equivalenten net-ETC (veuillez lire: net-ETS). Dat si richteg vill Suen, ouni iwwerhaapt emol d'Ëmweltschied ze summéieren, déi doduerch entstinn!

Ëmwelt- a Klimaschied sinn oft net méi gutt ze maachen, dat heescht hannerloossen en Ëmfeld fir déi nächst Generatiounen, déi bäi Wäitem net méi déiselwecht Liewensqualitéit a Gesondheetssécherheet garantéiert kréien. Dat eleng huet scho kee Präis!

Eng Rei vun Direktiven oder international verflichtenden Accorden, dee leschten ass leschte Samschdeg ënnerschriwwe ginn zu Paräis, erënneren ons dorun, datt mer eng Verflichtung hu géigeniwwer der Ëmwelt an deenen nächste Generatiounen. Verflichtungen, déi deier, jo, déi souguer ganz deier kënne ginn, wann ee sech net oder net matzäiten drun hält.

Mir hunn nach haut ëmmer en Artikel am Budget, wou mer musse fir de Retard um Niveau vun enger Kläranlag an onsem Land all Dag Strof bezuelen. All Dag 2.800 Euro fir déi Kläranlag, déi nach net fäerdeg ass, nieft enger Geldstrof vun zwou Milliounen, déi mer scho bezuelt hunn!

Dofir ënnersträicht de Budgetsrapporteur och zu Recht a sengem Rapport, nom Motto «mieux vaut prévenir que guérir» oder «prévenir que réparer», huet e gesot, datt et manifeste ass, datt mer souwuel ekologesch wéi och ekonomesch e groussen Intérêt hunn, haut ze investéieren anstatt muer.

Ech erkläre mech. Wa mer muer mussen dat nohuelen, wat mer haut verpassen, musse mer muer a) investéieren an dat, wat muss gebaut ginn, b) mir hunn zousätzlech dobäi och nach Suen, déi mer mussen investéieren, fir déi entstane Schied opzehiewen, an da musse mer c) och nach ganz oft Sanktioune bezuelen.

Mir sti virun enger Rei vun Erausfuerderungen, jo, virun enger Rei vun Ierfschaften aus der Vergaangenheet, wou e groussen Nachholbedarf besteet. A meng Kolleegin, d'Josée Lorsché, wäert och muer ausféierlech op dee Retard an op déi Investissementer agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a 15 Joer huet onst Land seng Aarbechtsplaze méi wéi verduebelt. Wärend de Krisejoren tëschent 2008 an 2015 ass den Taux d'emploi an der Eurozon an der Moyenne ëm 2% zréckgaangen. A verschidde Länner wéi Spuenien, Griichenland oder souguer Frankräich nach vill méi. Zu Lëtzebuerg ass wärend dërselwechter Zäit den Taux ëm 16% eropgaangen!

Mir schafe weider méi Aarbechtsplazen eigentlech, wéi mir Résidenten der iwwerhaapt kënne verkraaften. Ech erkläre mech. Mir wunnen haut zu 563.000 hei a mir hunn 381.000 Aarbechtsplazen an dësem Land ze verzeechnen. Awer nëmmen 106.000 dovunner si vu Résidentë besat! Onse Chômage ass stabel bis liicht réckgängeg an en ass och nach ëmmer, oder erëm, haaptsächlech struktureller Natur.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi gutt Viraussetzungen, déi ech grad beschriwwen hunn, Viraussetzunge par rapport zu deenen anere Länner vun der Eurozon, dierfen ons awer net vun enger Diskussioun ronderëm den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg ofhalen. Datt mir eent vun de räichste Länner op der Welt sinn, dierf net ewechtäuschen, datt mir zu Lëtzebuerg mat engem besuergende (veuillez lire: besuergniserregende) Prozentsaz vu potenzieller Aarmut konfrontéiert sinn.

E Prozentsaz, deen, trotz allen Transferts sociaux, net ofhält, mä éischter zouhält! D'Ursaache vum Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg si multiple a si sinn och komplex. Mir musse feststellen, datt de Gap tëschent deenen 20%, déi am räichste sinn, an den 20%, déi am äermste sinn, iwwerméisseg prononcéiert ass zu Lëtzebuerg an dësen Ënnerscheed déi lescht Joren och nach zougeholl huet.

(Brouhaha)

Ech weess, datt de President ëmmer gär hätt, wann d'Regierung gutt nolauschtert.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- D'Madamm Loschetter...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Den Eurostat...

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. D'Madamm Loschetter huet eleng d'Wuert!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Den Eurostat constatéiert eng gewësse Stagnatioun bei deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun, wat den Aarmutsrisiko ubelaangt, a wat de Gap tëschent Aarm a Räich ubelaangt, fir mech nach eng Kéier ze resüméieren, bei Lëtzebuerg awer eng kloer Tendenz zur Progressioun vun dëser ongerechter Verdeelung vum Räichtum. Ech schwätzen hei vu Statistike vum Eurostat.

De Louis Chauvel, Professer vun de Sciences Po zu Paräis an op der Uni Lëtzebuerg, de Budgetsrapporteur huet e gëschter och ernimmt, bestätegt dës Tendenz a preziséiert, datt d'Ongläichheete méi präsent si bei den net Lëtzebuerger Résidenten, mä datt se säit 2010 bei de Lëtzebuerger Résidentë klammen. Och de Statec bestätegt déi Tendenz.

Den Indicateur vum Risque de pauvreté gëtt berechent ab 60% vun onsem Revenu médian, awer - awer! -, an dat ass besuergend (veuillez lire: besuergniserregend), mat den Transferts sociaux! Dëst ass effektiv méi besuergend (veuillez lire: besuergniserregend), well mir an engem Land wunnen, wat e substanziellen Deel vu sengen Ausgaben an d'Transferts sociaux investéiert.

Erlaabt mer hei an dësem Kontext e puer Zuele vu verschiddenen Transferts sociaux ze rappeléieren: d'Sécurité sociale, bal 3 Milliarden; d'Allocation de vie chère, 42 Milliounen; d'Allocation familiale, bal 300 Milliounen; de Kannerboni, 224 Milliounen; Aide au logement, 38,5 Milliounen; Subvention de loyer, 28,9 Milliounen an dann de Fonds pour l'emploi mat iwwer enger Milliard Euro.

Den Taux vum Risque de pauvreté läit haut bei 16,4%, dat heescht, eng Persoun vu sechs, déi hei am Land lieft! Trotzdeem, datt onse PIB weider klëmmt, musse mer also feststellen, datt d'Wirtschaftsaktivitéit net d'selwecht gutt bei deenen ënneschte Schichte vun onser Gesellschaft ukënnt. A méi prezis bei deenen zwou ënneschten Déciles, dat si Leit, déi verdéngen am Joer an der Moyenne tëschent 18.000 an 23.000 Euro. Am Joer!

Unhand vu qualitativen Indicateure kann de Statec an deenen zwou ënneschte Schichte vun onser Gesellschaft dräi Catégories à risque identifizéieren: éischtens, d'Familles monoparentales, zu 84% Frae mat Kanner; zweetens, net Lëtzebuerger Résidenten an drëttens, déi Mënsche mat wéineg schoulescher oder berufflecher Qualifikatioun.

Gëschter huet de Rapporteur et och schonn ënnerstrach: An den 80er Joren, esou de Professer Chauvel, war de Risque de pauvreté bei deenen eelere Leit héich a bei deene jonke Leit déif. An haut huet sech deen doten Déséquiliber total inverséiert.

An, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ons Iwwerleeung ass déi, datt mir ganz vill Suen ausginn, fir onsen „welfare state" zu Lëtzebuerg ze erhalen. Mä, wa mer de Moossungen an de Statistike wëlle Rechnung droen, musse mer ons Froe stellen, firwat déi Transferts sociaux net genuch gräifen. Huet d'Analyse des besoins sech verännert? Wat sinn déi nei sozial Erausfuerderungen hei zu Lëtzebuerg?

D'Sozialtransferte sollen dozou déngen, de Leit ze hëllefen, am beschten temporaire ze hëllefen, éierbar ze liewen an en integréierten Deel vun onser Gesellschaft ze sinn. Ons Gesellschaft ass esou stabill, si ass esou staark wéi hiert schwächste Glidd. An all investéierten Euro an d'Förderung vun der Sozialgerechtegkeet an der gerechter Ëmverdeelung vum Räichtum vum Land ass en nohaltegen Invest, ass en Invest an d'Zukunft!

Mir kënnen ons net erlaben, der steigender Tendenz vun der Aarmut a vum Aarmutsrisiko an onsem Land net mat alle Mëttelen entgéintzewierken, och wann et der prozentual net vill sinn. Mä an engem räiche Land ass d'Aarmut nach eemol méi hartnäckeg, an d'Chancen, aus där Situatioun erauszekommen, si paradoxalement nach méi schwéier!

D'Fro, déi mir Gréng ons stellen, ass déi, ob déi finanziell Ënnerstëtzung - déi an onsen Aen net soll manner ginn - net vläicht dach awer anescht misst ausgesinn. Nieft der finanzieller Ënnerstëtzung setzt d'Regierung, an onsen Aen, déi richteg Akzenter an der Gestaltung ronderëm alles, wat mat Kanner, Kannerbetreiung a Schoulen ze dinn huet.

An d'Kanner an d'Jugend investéieren, an hir Betreiung, an hir schoulesch a berufflech Qualifikatiounen investéieren, mécht sech bezuelbar fir d'Zukunft, mécht sech ëmmer bezuelbar. Et ass dee séchersten Invest iwwerhaapt! Do maachen ech gären de Lien mat deem, wat ech virdru gesot hunn zum Invest an d'Recherche an zur berufflecher Ausbildung.

An och d'Chambre des Métiers, an hirem Avis zum Budget an zum Budget pluriannuel, ënnersträicht d'Wichtegkeet vun enger gudder Planung a Wäitsiicht an der schoulescher a berufflecher Ausbildung a weist praktesch an deemselwechten Otemzuch op d'Potenzial vu berufflecher Perspektive ronderëm d'energetesch Transitioun hin.

Vu Kanner a Jugend, Här President, kommen ech ganz gären, logescherweis - pardon, Madamm Presidentin -, logescherweis op de Generatiounsvertrag. Mir verstinn de Generatiounsvertrag als déi nohalteg Planung par excellence! Mir Gréng schwätze vu Generatiounsvertrag mat sengen dräi Komponenten: déi ekologesch, déi ekonomesch an déi sozial.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Diversifiéierung vun der Wirtschaft schwätzen, wa mer iwwer nei Aarbechtsplazen an nei Betriber schwätzen, wa mer iwwer Ëmweltschied an hiren ekologeschen a finanzielle Präis schwätzen, schwätze mer automatesch och iwwert de Wuesstum.

Wéi gestalte mer de Wuesstum vu muer? Et ass sécherlech haut keng Plaz, fir am Detail op dëst Thema anzegoen, mä fir ons Gréng ass et dat Thema iwwerhaapt, mat deem mer ons musse beschäftegen.

An de leschte Slide, deen de Budgetsrapporteur gëschter gewisen huet, vun dem Conseil national des finances publiques, huet gewisen a weist, wéi vill mer misste wuessen, fir datt mer dee Liewensmodell vun haut zu Lëtzebuerg hale kéinte fir déi nächst Generatiounen. De Conseil national des finances publiques, dee jo vun ons eng Kontrollmissioun iwwert den Ëmgang mat den ëffentleche Gelder kritt huet, mécht ons och op déi Fro opmierksam. De Conseil national des finances publiques geet éischter virsiichteg bei de Wuesstumsprognose vir a weist op déi Méiglechkeet hin, datt mer an deenen nächste Joren net wäerten deeselwechte Wuesstum hale kënnen, wou mir eigentlech am Moment unhuelen, mir kéinten en halen.

Mir sinn als Gréng éischter der Meenung, datt et bal keng Diskussioun méi ass, ob mer wëllen oder ob mer wäerte weider wéi bis elo wuessen oder net, mä villméi, ob onst Land dat iwwerhaapt packt!

Wéi anticipéiere mer d'Ausbezuele vun onse Pensiounen iwwermuer, déi mer och wäerten zu engem groussen Deel, en neie Phenomeen, exportéieren? Wéi kënne mer fir d'Zukunft eng sozial Gerechtegkeet a sozial Ofsécherung assuréieren, fir datt mer de soziale Fridden an dësem Land weiderhi garantéiere kënnen? Wéi ee Wuesstum packt ons Ëmwelt? A wéi kënne mer mat enger ekonomescher Diversifiéierung derfir suergen, datt ons Liewensqualitéit erhale bleift? Wéi musse mer ons fir d'Zukunft opstellen, fir datt onse Budget, ons ëffentlech Recettë weiderhin nohalteg garantéiert bleiwen? Déi Recetten, déi mer brauchen, fir d'Wuel vun der Allgemengheet ze garantéieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir Gréng erwaarden ons eng Plus-value, wa mer an Zukunft net nëmme méi op d'Zuelen, mä och erëm, oder erëm méi op d'Politicken aginn am Kader vum Budget pluriannuel. Mir si keng Ekonomisten, mir si keng Kontabelen, mir si Politiker a Politikerinnen a gesinn ons als Verantwortlech fir dat, wat mer mat de Sue maachen, fir dat, wat mat de Sue gemaach gëtt respektiv wat mat de Suen net gemaach gëtt. An doriwwer sollte mer an Zukunft méi an och besser an dëser Chamber diskutéieren!

Zum Schluss, Madamm Presidentin, erlaabt mer a mengem Numm, awer och am Numm vun der ganzer Fraktioun, onsem Bugetsrapporteur Henri Kox ze félicitéiere fir déi Aarbecht, déi en déi lescht Wochen a Méint gemaach huet. Dat ass net nëmmen der grénger Fraktioun zeguttkomm, mä ech mengen, alle Memberen hei an der Chamber, an huet et och fäerdegbruecht, datt mer hei konnte flott a vläicht e bësse méi diversifiéiert Diskussioune féieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Loschetter. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus um Ufank ee Wuert vu Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Henri Kox. Et ass déi éischte Kéier, datt e Kolleeg vun der grénger Fraktioun Rapporteur vun engem Budget ass. An duerfir war ee selbstverständlech och gespaant, wat fir eng nei Aspekter vun der grénger Säit géifen an dee Rapport mat erafléissen.

Et ass sécherlech bei dësem Rapporteur wéi och bei deenen anere Rapporteure virdrun, wou ëmmer eng Fläissaarbecht gemaach gëtt bei deene Rapporten, wou all Rapporteur och versicht, eng perséinlech Nott an de Rapport mat eranzebréngen, wat ëmmerhi fir d'Zukunft och ëmmer gutt Noschlowierker sinn, well ganz vill och an de Rapporte mat Grafiken, mat Statistiken ënnermauert gëtt.

De Rapporteur huet a sengem Rapport dat Wuert „Nohaltegkeet" vir an d'Fënster gesat an de grénge Fuedem, deen an deem Rapport wier. Mir hunn eng Rei vun Tabellen, Slidë gesinn, an ech wëll och duerfir e bëssen an deem Zesummenhang de Budget kucken, wéi d'Realitéit vum Budget ass a wéi d'Visioune vum Rapporteur sinn oder wéi d'Aschätzung vum Rapporteur vis-à-vis vum Budget ass.

Eis gréng Kolleegen, dat hunn ech och scho viru 14 Deeg hei gesot am Kader vu menger Interpellatioun iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg, hunn ëmmer een Zukunftsdësch gefrot, a mir haten eis, wéi gesot - an ech well dat haut hei rappeléieren - erwaart, datt, wann déi gréng an der Regierung wieren, mer dann och deen Zukunftsdësch kriten, wou mer mat der Zivillgesellschaft, de Forces vives de la nation, awer virun allem och hei mam Parlament géifen zesummen diskutéieren, wéi mer eis déi Zukunft vum Land géife virstellen. Mir hu leider misse feststellen, datt, wéi déi gréng bis an der Regierung waren, net méi vum Zukunftsdësch geschwat ginn ass. An d'Fro (veuillez lire: An eng positiv Äntwert op d'Fro), ob dann d'Politik elo méi nohalteg ginn ass, wäerte mer bezweifelen.

Mir hu viru 14 Deeg hei déi Interpellatioun gehat iwwert d'Zukunft vum Land, an ech war och frou, datt an dëser Diskussioun haut esouwuel de Rapporteur gëschter wéi de Kolleeg Bodry haut an och d'Kolleegin Loschetter am Fong déi ganz Problematik vum Wuesstum opgeworf hunn an datt mer och méi oder wéineger déiselwecht Basis haten, déiselwecht Dokumenter haten, quitte datt mer verschidden Nuancen heiansdo an de Chifferen haten - dat kënnt vläicht dohier, datt deen ee méi op déi eng Tabellen zréckgegraff huet, deen anere méi op anerer -, mä an der Richtung hu mer am Fong alleguer op deemselwechten diskutéiert an eis déiselwecht Froe gestallt.

Mir waren och frou, datt och dat haut - de Kolleeg Bodry huet dat gesot - begréisst gouf, wat de Wirtschaftsminister viru 14 Deeg hei am Kader vun der Interpellatioun gesot huet, näämlech, datt d'Regierung wëllt eng Etüd maachen, well mer jo vun engem qualitative Wuesstum gären ausginn, fir ze kucken, wa mer nei Betriber an d'Land huelen - ech schwätzen elo net vu klenge Betriber, mä vu gréissere Betriber -, wat dat alles u Konsequenze bedeit, souwuel u positive wéi negativen, op d'Statsfinanzen, op den Transport, op d'Aarbechtsplazen, op de Landverbrauch an esou virun, fir dann, ier een e Betrib an d'Land hëlt, sech bewosst ze ginn, ob dat dem Land eppes bréngt oder net, ob een déi Betriber soll siche goen oder net soll siche goen.

Generell, géif ech soen, ass et positiv, datt mer praktesch parteiiwwergräifend am Fong ufänken, an esou eng Richtung ze denken. Mä d'Fro stellt sech trotzdeem, ob dat am Detail dann och esou praktizéiert gëtt.

Wa mer iwwert de Budget schwätzen, an och an deem doten Zesummenhang, ass eng vun de kruziale Froen de wirtschaftleche Wuesstum. Mir kruten, an déi Chiffere si genannt ginn, fir 2014 5,6% virausgesot; en ass herno op 4,1% reduzéiert ginn. 2015 gi mer am Ableck vun 3,2% aus, d'nächst Joer 3,4%, an tëschent 2017 an 2019 seet de Statec eis eng Moyenne vun 3% viraus.

Mir sinn also am Schnëtt ëmmer méi héich wéi eis Nopeschlänner an hu praktesch dat Duebelt vun deem, wat mer an der Eurozon als Wirtschaftswuesstum hunn. Mä mir musse wëssen, wa mer méi wäit zréckkucken, 40 Joer, da stelle mer fest, datt de Wuesstum, an dat huet de Rapporteur och gëschter gesot, an der Moyenne vu 5 op 3% zréckgaangen ass. Dat ass och a sengem Rapport festgehalen.

Mä wann ech awer dann hei Verschiddenes héieren hu vum Rapporteur, da kommen ech awer zur Konklusioun, datt d'Regierung e stramme Wuesstum als absolutt Resultat virgesäit. De Rapporteur huet dat och an engem Interview am „Lëtzebuerger Wort" den 10. Dezember, also virun e puer Deeg, gesot: „Wir müssen die Infrastrukturen für ein Wirtschaftsmodell mit 4% sicherstellen." A gëschter huet de Rapporteur och hei gesot, datt mer op 1,1 Milliounen Awunner géifen zousteieren an datt hien do virdru keng Angscht hätt an och a priori doranner kee Problem géif gesinn.

Wann ech awer haut d'Madamm Loschetter héieren hunn, dann huet déi dat versicht, schonn erëm e bëssen ze nuancéieren. An et ass och vergiess ginn ze soen, wa mer eng Kéier géife bei déi 1,1 Milliounen Awunner kommen, datt mer dann och erëm 700.000 Aarbechtsplaze missten hunn. Well dat ass jo de Corollaire dervun, wéi se eis virgerechent hunn, datt mer mat deenen da missten op 700.000 eropgoen. Dat wier also praktesch dat Duebelt och vun deem, wat mer haut hunn. Dann hätte mer de Problem jo nach net geléist, mir hätten e just méi grouss gemaach! An déi, déi dann do wieren, déi misste soen: Ma mir mussen an 20, 30 Joer op zwou Milliounen eropgoen, well soss kënne mer de Modell Lëtzebuerg an dem aktuelle System net weider finanzéieren.

A wa mer eis doranner eens sinn, da musse mer eis jo awer och eens sinn, datt mer dat net kënnen dohinner steiere loossen, well et natierlech Grenze gëtt u Land an et gëtt natierlech Grenzen u Mënschen. Wa mer op 1,1 Milliounen zouginn, wou de Rapporteur keng Angscht a kee Problem dermat huet, do huet de Mouvéco eis awer virgerechent, dann hätte mer e Landverbrauch, am Joer 2030, wou 26% vum Land zougebaut wieren. An am Joer 2050 - da wiere mer bei 1,1 Milliounen ukomm -, do seet de Mouvéco, da wiere mer bei 48% vum Landverbrauch ukomm. Dat heescht, mir hätten d'halleft Land zoubëtonnéiert.

Et muss een dann awer och de Leit soen, wou dat Ganzt histeiert. Wa mer d'Land zoubauen, dann ass et nun eben emol zougemauert. An duerfir wonnert et mech ëmmer, wa mer esou eppes maachen - eng Strooss bauen oder eng Industriezon -, datt mer da vu Kompensatiounsmesurë schwätzen. Een Hektar Land, deen zoubëtonnéiert ass, dee bleift zoubëtonnéiert. Dee kann een net kompenséieren. Kompenséiere wier, wann ech anzwousch anescht aus engem Hektar zoubëtonnéiertem Land erëm Grénge géif maachen. Dat wier kompenséieren! Awer dat, wat mir hei am Ableck ëmmer als Kompensatiounsmoossname maachen, dat ass relativ vag.

Wa mir an eng Wiss Beem setzen oder mer renaturéieren eng Baach a soen dann, dat wier eng Kompensatiounsmoossnam fir eng Autobunn oder eng Strooss oder Gott weess wat nach, dann ass dat e bësse mat den Hoer erbäigezunn. Dat kascht wuel vill Geld, mä et ass keng Kompensatiounsmoossnam! Eng Kompensatiounsmoossnam ass, wann ech soen: Ech bëtonnéieren zou an op enger anerer Säit ginn ech der Natur och erëm déiselwecht Fläch zréck!

A wann ech dann hei den Nohaltegkeetsminister, den Här Bausch, héieren hunn den 13. Mäerz (veuillez lire: de 17. Mäerz), wou deen am Fong gesot huet, wat alles géif u Kompensatiounsmoossnamen hei an deem Land geschéien, esou huet dee gesot - fir déi, déi et net matkritt hunn: „Ech stoung mam Etienne Schneider elo kierzlech an de Gummisstiwwelen am Bulli zu Beetebuerg, fir déi éischt Beem ze setzen." Et ass jo formidabel, datt ee Regierungsmember mat de Stiwwelen am Bulli stoung! Da verstinn ech, datt de Kolleeg Delles net an déi Regierung do wëllt,…

(Hilarité générale)

…wann dat d'Viraussetzunge sinn, datt ee muss an de Stiwwelen an de Bulli selwer Beem setze goen! Dat sinn da Kompensatiounsmoossname fir 35 Hektar, déi mer tëschent Beetebuerg an Diddeleng zoubëtonnéieren. Da musse mer de Leit och soen, wat dat u Konsequenzen huet, wa mer zoubëtonnéieren. Da solle mer net ëmmer higoen a soen: „Mir ersetzen dat duerch Kompensatiounsmoossnamen." Dat ass de Leit Sand an d'Ae gestreet!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Een Hektar, deen zoubëtonnéiert ass, ass zoubëtonnéiert!

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Et wonnert mech; déi gréng misste mer dach am Fong do zoustëmmen, datt, wann een en Hektar zoubëtonnéiert, een dann awer anzwousch anescht en Hektar bäikréie misst. Mä d'Land gëtt net méi grouss an duerfir bëtonnéiere mer virun zou. An, wéi gesot, de Mouvement écologique seet, datt mer 2050, wa mer esou weiderfueren, d'halleft Land zoubëtonnéiert hunn. Ech war just erstaunt, datt déi gréng domadder kee Problem däerften hunn.

Da musse mer och wëssen: Wou gi mer déi Leit sichen? Mir maache gradesou, wéi wann déi Leit géifen op der Grenz stoen ze waarden, fir heihinner schaffen ze kommen. Mir ginn haut scho 40, 50 a méi Kilometer an d'Grenzregioun Aarbechtskräften ofzéien, fir se heihinner ze kréien. Dat heescht, et gëtt net nëmmen eng Grenz un Terrain, mä et gëtt och eng Grenz u Mënschen, déi mer hunn. A wéi integréiere mer déi Leit? Wéi kann déi Gesellschaft zesummeliewen, wa mer esou e staarke Wuesstum derbäikréien?

Duerfir, wéi gesot, war ech enttäuscht dervun, datt déi gréng op e stramme Wuesstum vu 4% setzen a kee Problem hätten, wann elo d'Land an engem Zäitraum vun 30, 35 Joer géif op 1,1 Milliounen Awunner wuessen.

Dann ass hei virgeschriwwe ginn (veuillez lire: gesot ginn), datt mer als Land d'Maastricht-Kritäre géife respektéieren, wat och richteg ass, an datt mer eis am Plus géife befannen, wat och richteg ass. Mä mir mussen awer d'Realitéit kucken!

Wa mer am Plus leien, dann ass et net, well den Zentralstat am Plus läit - dat hu jo och eng Rei vu Virriedner gesot; mir si vun 2003 u bis haut kontinuéierlech an engem Defizit, mat enger Exceptioun: 2007 -, mä mer sinn am Plus, well am Privatsecteur a priori d'Pensiounskeesen e staarken Iwwerschoss maachen, dee bei iwwer 800 Millioune läit. A mer wëssen, datt doduerch, datt mer an deene leschte Jore quasi 10.000 Aarbechtsplaze pro Joer geschaf hunn, den Iwwerschoss an de Pensiounskeese vu Joer zu Joer nun eben emol héich gewiescht ass. An domadder konnte mer dat kompenséieren.

Mä mir wëssen awer och: Mir si soss dovun ausgaangen, wéi d'Pensiounsreform war virun e puer Joer, datt mer 2020, 2022 an deen Zäitraum géife kommen, wou mer annuell gekuckt keng Iwwerschëss méi géife maachen. Dat ass elo no hanne geréckelt ginn op 2025, wéi gesot, well mer ebe vill Aarbechtsplaze schafen. Mä mir wëssen awer, datt deen Iwwerschoss, deen all Joers erschafft gëtt, iergendwann - méi fréi oder méi spéit, genau ka keen et soen - ewechfält an datt dann dat am Kader vun eise Maastricht-Kritären net méi dee positiven, mä en negativen Effekt huet.

A mir wëssen och, datt net nëmmen dann am Privatsecteur keng Iwwerschëss méi sinn, mä mir wëssen awer och gläichzäiteg, datt an der Fonction publique iwwer all déi Jore méi Leit wäerten an d'Pensioun goen an doduerch dann och de Statsbudget weider méi staark belaascht wäert ginn.

Sinn d'Finanze gesond? À première vue kann ee soen: Jo, déi Finanze vum Lëtzebuerger Stat sinn net esou schlecht. Mä mir mussen awer wëssen: Mir hunn nach ëmmer en Defizit vu 630 Milliounen. Déi lescht Joren hu mer festgestallt, datt herno bei de Konten den Defizit esouguer e bëssen ënnert den Estimatioune vum Budget war. Mä mir hunn en nach ëmmer an, wéi gesot, mir kréien och an deenen nächste Joren nach weiderhin Defizit.

Mä mir musse kucken, wann déi Statsfinanzen elo e bësse besser sinn, wéi dat virun e puer Joer de Fall war, op wat dat zréckzeféieren ass. Et ass a priori op d'Steiererhéijungen zréckzeféieren! Eng vun den éischte Moossname vun dëser Regierung, dat war d'TVA ze erhéijen. De Plus am Budget vun…

Gelift?

(Interruption par M. Claude Haagen)

Ech hunn dat jo och net gesot. Ech hu gesot, eng vun den éischte Moossname war d'Steiererhéijung.

M. Claude Haagen *(LSAP).-* D'TVA!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Eng TVA-Erhéijung, dat ass och eng Steier! A se war maximal, Här Haagen, op der Zweetwunneng, wa gebaut gëtt; do ass se souguer vun 3 op 17% eropgaangen. Mä déi TVA brénght am Budget 2016 188 Milliounen eran. Dat sinn der vill, mä et ass praktesch awer nëmmen d'Halschent vun deem, wat virgesi war. Well wat d'Estimatioune betrëfft, wéi dat hei gestëmmt ginn ass virun zwee Joer, du war am Fong gesot ginn, et géifen 2016 368 Milliounen erakommen. Elo kréie mer gesot, datt praktesch nëmme 60% vun där Augmentatioun reell géifen erakommen, an et gëtt eis gesot, datt bis 2019 am Fong 484 Millioune manner TVA erakommen, wéi dat geplangt war, wéi déi Erhéijung gestëmmt ginn ass. Mä, wéi gesot, 2016 kommen 188 Millioune méi TVA duerch d'Erhéijung eran.

D'Krisesteier vun 0,5%, déi brénght am Budget 2016 80 Milliounen eran. An d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun iwwert déi dräi Joer cumuléiert elo bei dëser Regierung - och déi viregt Regierung huet se net ugepasst, mä ech bleiwen elo bei dëser Regierung -, dat mécht am Statsbudget 2016 e Plus u Recettë vu ronn 100 Milliounen, d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun elo wärend der drëtter Kéier hannereneen.

Wann ech also elo déi dräi Erhéijungen huelen - d'TVA, déi 0,5% an d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun -, da kréie mer duerch dräi Moossnamen am Budget vun 2016 368 Millioune weider eran. A wann ech déi dann derbäischloe bei déi 630 Milliounen, déi mer previsibel als Defizit hunn, da si mer genau erëm bei der Milliard, déi mer virdrun haten. Dat heescht, datt, wa mer vun där Milliard erofkommen op déi 630 Milliounen, dann ass dat eleng duerch d'Steiererhéijungen, déi dës Regierung gemaach huet. An déi aner Erhéijungen, déi gemaach gi sinn, oder déi sougenannten „Erspuernisser", déi mer gemaach hunn, déi sinn am Fong erëm iwwert de Wee vun den Dépensen erausgaang, reng rechneresch gesinn. Dee Montant, wou mer erofginn, ass genau dee Montant, wou mer Steiererhéijunge maachen.

An duerfir, wa mer iwwer Steiererhéijunge schwätzen an iwwer eng Steierreform, ass dat wichteg. Mir hu jo nach net vill vun der Regierung héieren. Mä virun dräi Woche war den Här Berger, Här President, moies um zéng op aacht - ech hu gekuckt, ob et den Här President oder d'Madamm Presidentin wier...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Bis op Weideres.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Bis op Weideres hu mer den Här President hannerun eis sëtzen. Moies um Véierel op aacht war den Här Berger um Radio, Här President, an ech war am Fong frou, datt mer deen Dag keng Kommissiounssëtzung hei an der Chamber haten, well dat huet fir mech de Virdeel, datt ech kann e bësse méi laang am Bett leie bleiwen. An duerfir hunn ech dat, wat den Här Berger gesot huet, am Leie kënnen héieren.

(Hilarité)

Well wann ech et am Stoen héieren hätt, da wier ech wahrscheinlech ëmgefall. Duerfir, wéi gesot, war dat scho gutt, datt mer dee Moie keng Kommissiounssëtzung hei an der Chamber haten. Well wat huet den Här Berger gesot? En huet éischtens gesot: D'Statsfinanze sinn an der Rei. Domadder hätt een nach kënne liewen. Mä du sot en, d'DP wier d'Partei vun de Steiererliichterungen. An do wier ech gefall, wann ech net geleeën hätt!

(Hilarité)

Well wat hunn d'DP an hir Regierung gemaach, vun un datt se an der Regierung sinn? Steiererhéijungen, an zwar soss näischt wéi Steiererhéijungen! Déi éischt Steiererliichterung, déi mer kréien, dat ass elo muer. Mä dat ass awer net fir d'Leit. Dat ass fir déi mat deene ganz ville Suen. Fir do hinzegoen an ze soen, d'DP wier d'Partei vun de Steiererliichterungen, also wierklech, dee Culot muss een hunn, fir dat ze maachen!

M. Roy Reding *(ADR).-* Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* A well mer vu Steierreform schwätzen: De Vizepremier, den Här Etienne Schneider, huet an enger Table ronde, déi mer um Radio hate virun der Summervakanz, gesot: „Jiddweree kritt Steiererliichterungen! Jiddwereen!" Dat ass e formidabelt Versprieche, well an där Table ronde hunn ech nach eng Kéier nogefrot. Ech sot: „Hunn ech richteg héieren: jiddwereen?" - „Jo", sot en, „jiddwereen" - den Här Wiseler war derbäi - „jiddweree kritt Steiererliichterungen."

Do hunn ech bei mir geduecht: Hei kuck emol, d'Sozialisten hunn erëm ëmgeduecht, well déi ware jo awer der Meenung, se géifen eng Räichesteier an eng Verméigenssteier aféieren. Ma wa jiddweree Steiererliichterunge kritt, da kritt jo och deen, deen e puer Honnertdausend Euro d'Joer verdéngt, eng Steiererliichterung, well jiddweree kritt eng Steiererliichterung vun dem Vizepremier vun dëser Regierung aus der LSAP zougesot.

Den Här Bodry war de Mëtten, muss ech soen, vill méi virsiichteg. Den Här Bodry war de Mëtte vill méi virsiichteg an en huet gesot: „Mir kënnen net eng Steiererhéijung maachen, wou mer Sue léine ginn, fir eng Steierreform ze finanzéieren." Mir sinn och där Meenung! An duerfir, mengen ech, wier d'Regierung besser beroden, se géif emol eng Kéier seriö diskutéieren hei am Parlament, wat iwwerhaapt vu finanziellem Sputt dran ass, ier mer iwwer Steiererliichterunge schwätzen. Well am Ableck - loosse mer dach emol éierlech sinn! - ass jo eng gewësse Surenchère hei amgaangen.

De Kolleeg Gilles Roth - dee kuckt elo grad op mech -, deen hat eng lineär Steierupassung vu 15% verlaangt. Deen hat net nëmmen déi Upassungen, déi dës Regierung net un d'Inflatioun gemaach huet, agerechent, mä deen hat all déi Upassungen, déi d'CSV an all deene Joren net gemaach huet, och elo nach mat agerechent.

Also 15% lineär Upassung, dat muss een dann awer emol ausrechnen, wat dat kascht!

Mir musse wëssen, datt mer dëst Joer, wéi gesot, nach 600 Milliounen Defizit an eisem Budget hunn. A mir musse wëssen, datt bis 2019 laut dem Pluriannuel den Defizit am Statsbudget bestoe bleift. All eventuell Steiererliichterunge sinn an där Perspektiv net berücksichtegt! All familljepolitesch zousätzlech Dépensen, déi jo awer versprach si ginn, sinn an deem Pluriannuel net berücksichtegt! Déi manner Recetten, déi ech virdru gesot hunn, iwwer 400 Milliounen TVA, déi manner erakommen, wéi mer estiméiert hunn, sinn an deem Pluriannuel net berücksichtegt!

Dee Plus, wou mer elo haut dovun ausginn, wou ech awer och kee Virworf maachen der Regierung, well wéi dat mat der Flüchtlingskris ugaangen ass, wousst ee jo net genau, wat dat géif kaschten, mä haut wësse mer awer, datt dat, wat virgesi war, net duergeet, och dat ass net berücksichtegt!

Mä op där anerer Säit, op der Recettësäit, déi 0,5%, déi agefouert goufen, fir zum Deel déi familljepolitesch Moossnamen ze finanzéieren, déi sinn awer schonns dran! D'Recettë sinn dran, awer d'Dépensë sinn net dran. Also, ier mer iwwer eng Steierreform diskutéieren, misste mer fir d'Éischt eis eens ginn, wat steierpolitesch dran ass.

A wa mer dat vergläichen - ech mengen, et war de Rapporteur, deen dat och gëschter gemaach huet - mat der Steierreform vun 2002, dat war jo eng komplett aner Viraussetzung! Där ass virausgaangen, datt mer déi Jore virdrun am Statsbudget Rekordiwwerschëss haten. An déi Steierreform vun 2002, déi ass jo am Fong gemaach ginn, well de Stat et net méi hätt kënnen erklären, déi Regierung deemools, e Budget ze presentéieren, dee scho Milliarden u Frangen Iwwerschëss hat!

An duerfir ass dann du séier gesot ginn: „Kommt, mir maachen eng Steierreform, mer mussen d'Steieren erofsetzen!" Also, do war eng Viraussetzung, datt, well de Stat praktesch laut der Meenung vun der Politik zu deem Zäitpunkt ze vill Suen erakritt huet, gesot ginn ass: „Kommt, mir maachen eng Steierreform, fir manner Suen eranzekréien!" Quitte datt vun deem Joer duerno u mer bis haut praktesch ëmmer am Defizit waren, bis op 2007.

An et ass och richteg, datt déi gréng deemools virun där Entwécklung gewarnt hunn. Dat kann ee fairerweis hei soen. An duerfir musse mer wëssen, datt mer haut virun enger ganz anerer Situatioun stinn, datt mer haut virun engem Budget stinn, deen defizitär ass, a mer duerfir net kënnen higoen a grouss Steierkaddoe verschenken.

Duerfir, mir als ADR hunn och eis Prioritéite scho gréisstendeels definéiert bei enger Steierreform. Mä mir soen net e Prozentsaz oder e Montant, well mer einfach soen: Mir mussen dat am Gesamtkontext vum Budget kucken, wat dran ass. A wann eppes dran ass, dee Montant, da solle mer mat deem, laut de Prioritéiten, do, wou e gebraucht gëtt, eppes maachen.

Mir hunn haut de Mëtteg esou vill vun der Aarmutsgrenz hei zu Lëtzebuerg geschwat. Ech kommen nach dorop ze schwätzen. Mä mir wëssen awer alleguer, datt mer wahrscheinlech déi Leit iwwer eng Steierreform net treffen. Et sief, mer géifen eng Negativsteier aféieren, wou mer deenen dann eppes géifen ausbezuelen, woufir mir als ADR scho viru Jore plädéiert hunn, datt een eng Rei vun Abattementer sollt als Crédit d'impôts ëmwandelen an da jiddwerengem, deen eben déi Dépensen huet, dee Kredit do ginn a keng Abattementer, well vun Abattementer kënnen alleguer déi Leit, déi keng Steiere bezuelen, net profitéieren.

Virun allem déi dote Kategorie, wou eng Fra eleng ass mat engem oder zwee Kanner, a wa se ënnert d'Aarmutsgrenz falen, déi duerch de Seuil gesat ass, bezuele se an der Regel keng Steieren, soudatt een also och muss wëssen, wa mer Sputt hunn, datt mer och musse wëssen, wéi mer deen asetzen, fir datt mer deen och dohinner kréien, wou e gebraucht gëtt.

Mir wëssen och, datt mer e Mëttelstandsbockel hunn. Mä dee Mëttelstandsbockel ass a priori entstanen, well mer d'Steiertabell iwwer eng ganz Rei vu Jore meeschtens net un d'Inflatioun ugepasst hunn! Misst een net vläicht - net retroaktiv, well mer wëssen, datt dat net ze finanzéieren ass -, mä misst een net vläicht an Zukunft, fir eben déi Progressioun do ze bremse vun deem Mëttelstandsbockel, an Zukunft zumindest soen: „Kommt, mer passen d'Steiertabell erëm un d'Inflatioun un!"? Da wier dat keen direkte massiven Déchet an de Steieren, mä et géife vläicht an Zukunft eben net grad méi esou d'Steieren direkt wuessen an erabréngen, wéi et ass. Vun 1% Inflatioun gëtt geschat, datt dat ongeféier 35, 40 Millioune méi Steierrecettë fir de Stat ass, wann d'Tabell net un d'Inflatioun ugepasst gëtt.

Mir hunn also déi elengerzéiend Fraen. Mir wëssen och, datt mer de Mëttelstandsbockel

hunn, a mir wëssen och, datt mer e Problem hu bei de Wittfraen, well mer wëssen, datt déi no dräi Joer erëm an den 1A reklasséiert ginn. Wa mer haut kucken, datt eng Pensioun an der Moyenne 75% ass, eng Witwepensioun ass dann eppes 60, iwwer 60% vun deene 75%, a mer reklasséieren déi an den 1A, dann hunn déi Leit am Prinzip manner wéi d'Halschent vun deem, wat se virdrun zu zwee haten. An och dat ass e Problem, well een och als eng Persoun eleng jo awer eng ganz Rei vun Dépensen huet, déi een och zu zwee huet. Et huet een awer säin Haus, et huet een awer en Auto. Dat sinn Dépensen, ob een zu zwee do wunnt oder eleng, soudatt een och do muss kucken.

A wa mer hei zu Lëtzebuerg keng Altersaarmut hunn - déi war 1985 bei 20%, déi ass elo op 12% 2010 zréckgaangen -, dann ass dat virun allem duerch déi Pensiounsreformen, déi mer an den 90er Jore gemaach hunn, wou mer d'Pensiounen am Privatsecteur jo awer massiv geheicht hunn. Duerfir hu mer net esou vill Altersaarmut, mä mir mussen awer oppassen, datt mer net eng Politik maachen, duerch déi mer lues a lues erëm an déi Altersaarmut zréckfalen.

Mä och bei de Betriber soe mer, datt ee muss virsiichteg sinn. Mir sinn als ADR derfir, datt mer sollen eng Vereinfachung maache vun de Steieren. Et kann een och driwwer schwätzen, ob een net déi eng oder déi aner Steier fir d'Betriber kann ofschafen. Mä mir soen: Global gesi muss se awer käschtenneutral fir de Statsbudget bleiwen. Et ass auslännesche Betriber, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, schwéier ze vermëttelen, eise Steiersystem, wéi mir e bei de Betriber hunn, mat esou vill Steieren: Kierperschaftssteier, Verméigenssteier, Grondsteier, Gewerbesteier, d'Ofschreiwen, d'Assiette. Do kann ee vläicht eng Vereinfachung drabréngen. Et ass net einfach, well déi jo och verschidde Kategorië betreffe vu Steieren.

Mä mir sinn awer der Meenung, datt, wa mer higinn, wéi dat och vun der Regierung zum Beispill proposéiert ass, datt ee seet, datt ee kann eng Rei vun Abattementer ofschafen, si mir domat averstanen, datt ee soll an eng Richtung goen, fir ze vereinfachen, awer mer soe käschtenneutral.

Här President, d'Familljepolitik ass och haut de Mëtteg, virun allem vum Kolleeg Wiseler, ganz am Detail hei beschwat ginn, duerfir kann ech vläicht e bësse méi séier driwwergoen. Mä ech mengen, ech wëll awer de Prinzip festhalen, wat déi grouss politesch Differenzen hei an dësem Haus sinn. An déi sinn am Fong ganz am Ufank, wéi déi heite Regierung ugetratt ass, vun der Familljeministesch an enger Kommissioun kloer preziséiert ginn, wéi se gesot hunn: „Mir maache keng pronatalistesch Kannerpolitik."

Dat ass natierlech eng Familljepolitik, déi d'Gambia mécht, esou zum Bespill d'Ofschafe vun der Allocation de maternité den 1. Januar ´15 oder der Allocation d'éducation, wou ee kann noliesen, wat d'Argumentatioun vun der Gambia-Regierung do war: «Le Gouvernement justifie son choix par le fait que le maintien d'allocations qui reviennent essentiellement à des femmes sans activité professionnelle ne semble aujourd'hui guère justifiable.»

Dat heescht, do ass ganz kloer definéiert, wat dës Regierung mécht. Dat ass eng lénksideologesch Familljepolitik, wou mir bis elo ëmmer der Meenung waren, datt een hei am Land sollt eng Politik maachen, wou een der Famill de Choix léisst, wou ee souwuel eppes fir déi mécht, déi wëllen doheem bleiwen an d'Kannererzéiung selwer maachen, wéi wou een eppes mécht fir déi, déi wëllen de Beruff mat der Famill verbannen.

Awer déi heite Politik, déi ziilt drop eraus, fir nëmmen déi Famill ze ënnerstëtzen, déi sech décidéiert, datt zwee Elterendeeler schaffe ginn an datt d'Kanner an de Strukturen an d'Betreiung ginn. An dat ass dat, wat mir hei veruerteelen, datt hei eben eng reng lénksideologesch Familljepolitik gemaach gëtt an datt déi eenzel Famill net méi de Choix huet!

A wann ech da soen, et géif an d'Famill investéiert ginn, a mir schwätze virdrun hei vun der Aarmut, wou mer da gesinn, datt dat virun allem Elengerzéiend sinn a virun allem Famillje mat Kanner sinn, da gesinn ech, datt da grad beim Kannergeld gespuert gëtt. An de Claude Wiseler huet de Mëtteg Zuelen hei genannt, wat déi eenzel Familljen op d'Joer verléieren.

Ech hunn et op de Mount geholl. Et ass am Fong just deen, deen ee Kand huet, dee wënnt 2,52 Euro de Mount. Mä deen, deen zwee Kanner huet, dee verléiert 64 Euro de Mount, bei dräi Kanner 238 Euro de Mount, bei véier Kanner 412 Euro de Mount a fënnef Kanner 585 Euro de Mount; selbstverständlech déi, déi nom Akraafttrieden, wann dat Gesetz eng Kéier a Kraaft trëtt, d'Demande maachen. Et ass net fir déi, déi elo schonn am Genoss sinn.

Et ass also kloer, datt um Niveau vun der Famill gespuert gëtt, wärend mer hei driwwer diskutéieren, wéi mer d'Famill ënnerstëtze kënnen! D'Desindexatioun vum Kannergeld, wat schonn op déi viregt Regierung zréckgeet, op 2006 - zënter 2006 sinn d'Familljenzoulagen net méi indexéiert ginn -, dat huet mat sech bruecht, datt haut eng Famill duerfir mat zwee Kanner ronn 19% Verloscht um Kannergeld huet, also ee Fënneftel vum Kannergeld verluer huet, well et zënter 2006 net méi indexéiert ass. Also, successiv ass d'Familljepolitik do gestrooft ginn.

An duerfir hu mir als ADR och eng Propositioun gemaach, wou mer gesot hunn: Mir si fir de Choix vun der Famill, datt se selwer kann décidéieren. Et ass net um Stat. Et ass net um Stat, enger Famill virzeschreiwen, wéi se sech organiséiert. Dat ass eleng d'Recht vun der Famill, an de Stat huet sech do erauszehalen!

An dat, wat hei gemaach gëtt, wat de Stat mécht, e seet: „Mir halen eis eraus.", mä e seet awer gläichzäiteg: „Et kritt nëmmen déi Famill eppes, déi schaffe geet." Also zwéngt se déi aner, och schaffen ze goen, well se ouni Ënnerstëtzung doheem dat net ka maachen.

Mir sinn also fir de Choix. Mir sinn derfir, datt flächendeckend duerch d'Land déi Strukturen opgeriicht ginn, fir datt d'Leit, déi hiert Kand an eng Struktur wëlle ginn, wierklech och de Choix hunn. Virun zéng Joer, wa mer zréckkucken, hate mer dee Choix net. Du konnt eng Famill net décidéieren: „Mir gi schaffen oder bleiwen doheem.", well se keng Strukturen hat. Do ass vill investéiert ginn an deene leschte Joren. A mir mussen dee Choix flächendeckend umoossen, fir datt d'Famill kann décidéieren, ob se ganz doheem bleift oder hallef doheem bleift, een doheem bleift. Si muss hiert Familljeliewe selwer kënnen décidéieren.

Duerfir hu mir och proposéiert, datt ee soll déi Staffelung beim Kannergeld loossen, well mat méi Kanner eng Famill och méi Dépensen huet. Wann een e puer Kanner huet, brauch ee méi e groussen Auto zum Beispill, wéi wann een nëmmen ee Kand huet. An duerfir soe mer och, wann de Stat an d'Infrastrukture vun der Betreiung bezilt, eng Plaz an enger Crèche kascht de Stat 1.700 Euro de Mount. A mir hunn duerfir proposéiert: Ma da kommt, mir ginn der Famill 1.000 Euro de Mount fir d'Kannerbetreiung! Da brauch de Stat déi Plazen, wann déi Famill sech décidéiert, doheem ze bleiwen, net ze finanzéieren. En huet am Fong nach Geld gespuert!

Mir hunn awer gläichzäiteg gesot, datt déi Persoun, déi doheem bleift, vun deem Geld, wat se kritt, eng Cotisatioun an d'Pensiounskeess muss bezuelen, fir datt se sozial ofgeséchert ass, well dat ass jo dee gréisste Problem, dee Fraen hunn, wa se doheem bleiwen, datt se net méi sozial ofgeséchert sinn. A mir hunn dat an eng degressiv Staffelung gemaach, wou mer gesot hunn: Beim zweete Kand gi mer op 1.700 Euro, 1.750 Euro, bei dräi Kanner op 2.250, bei véier Kanner op 2.500 plus d'Kannergeld. Dës Propositioun wier gerecht a géif all Famill de wierkleche Choix loossen. De Stat hätt manner Dépensen, wéi wann e muss a Strukturen investéieren.

En anere Punkt, Här President, dee mer finanzpolitesch diskutéieren, dat sinn d'Scholden. D'Scholden, déi klammen! Si klammen net prozentual. Mir leien elo bei 23, 24%. Am Budget sinn 1,5 Milliarden neien Emprunt virgesinn. Am Pluriannuel si fir 2017 700 Millioune virgesinn, ´18 500 Milliounen an ´19 nach eng Kéier 500 Milliounen, plus gréisstendeels fir de Refinanzement och vun Emprunten, déi an deem Zäitraum erfalen. De Conseil national des finances publiques geet dervun aus, datt déi Zommen do net duerginn, mä datt ee misst mat enger Milliard pro Joer Neiverschëldung rechnen.

Et ass och de Mëtteg hei vun der Kolleegin Loschetter ugeschnidde ginn, datt dat nun emol eben esou gerechent gëtt vis-à-vis vum Räichtum, an datt een duerfir sollt d'Prozenter kucken. Mä mir wëssen alleguer, an ech hunn et schonn e puermol hei gesot, datt mir Scholde maachen, déi mer net zréckbezuelen, an datt dat am Fong déi gréissten Hypothéik ass op déi kommend Generatiounen.

A wann de Kolleeg Kox gëschter vun Nohaltegkeet geschwat huet an e stëmmt engem Budget zou, wou 1,5 Milliarden nei Schold gemaach ginn, déi net zréckbezuelt ginn, da kann een net vun „Nohaltegkeet" schwätzen, well dat ass déi gréisste Belaaschtung, déi mer deene kommende Generatiounen hannerloossen. An déi kommend Generatiounen, déi bezuele keng Prozenter zréck, mat deenen hei esou gär gespillt gëtt, wou gesot gëtt, déi bléiwe stabill, neen, déi mussen all Euro zréckbezuelen! Déi bezuele keng Prozenter zréck, mä déi bezuelen déi Milliarde Scholden zréck, déi mer hei musse maachen!

A mer wëssen elo schonn, datt mer 2016 400 Milliounen zréckbezuelen. Mer wëssen, 2017 sinn et 132 Milliounen, 2018 700 Milliounen, 2019 200 Milliounen, 2020 2 Milliarden. A wa mer d'nächst Joer 1,5 Milliarden ophuelen, da wësse mer, datt mer 2026, déi, déi dann do sinn, 1,5 Milliarde mussen zréckbezuelen!

Et ass also hei déi gréisste Belaaschtung, déi mer de kommende Generatiounen zoukomme loossen, well dat cumuléiert sech vu Joer zu Joer, datt mer ëmmer erëm neier refinanzéieren an nei Emprunten derbäihuelen, an all zéng Joer verduebele sech déi Emprunten, no zéng Joer gi se verdräifacht. An esou virun.

A wa mer dann och higinn a soen, mer maachen e Fonds souverain, dee mer mat 50 Millioune späicheren, am Pluriannuel ass dat bis 2019 zumindest virgesinn, mä d'Iddi ass jo am Fong, fir dat duerno lafen ze loossen. Wa mer et 20 Joer lafe loossen, jo, dann hu mer eng Milliard op deem Fong stoen. Da kënne mer an 20 Joer zu där Generatioun soen: „Hei, mir hunn lech eng Milliard op d'Säit gesat. A fir déi Milliard op d'Säit ze setzen, hu mer an deene leschten 20 Joer eng Milliard Schold gemaach. An elo hutt Der do eng Schold an hutt Der hei eng Milliard. Da kënnt Der Är Schold erëm zréckbezuelen."

Méi maache mer net domadder! Dat ass dee gréisste finanzpolitesche Wahnsinn, deen ech bis haut gesinn hunn, datt ee Sue léine geet, fir se op d'Säit ze setzen, fir an 20 Joer zu deenen ze soen: „Hei, mir hunn lech eng Milliard op d'Säit gesat, déi mer geléint hunn, mä Dir hutt awer och elo eng Milliard Schold, mä da kënnt Dir jo elo mat där heiter Milliard déi Milliard Scholden erëm zréckbezuelen."

(Hilarité)

Dat ass am Fong dat, wat hei mat deem Fong gemaach gëtt. Dat gëtt et néierens, mä mir bréngen dat hei fäerdeg, just fir no baussen ze soen: „Mir denken nohalteg, mir denken un déi kommend Generatiounen." Mir vergiessen awer just ze soen, datt mer déi Suen alleguer musse léine goen.

Une voix.- Mir hätte se 2002 op d'Säit solle leeën.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo!

La même voix.- Do hutt Der dergéint gestëmmt.

Une autre voix.- Majo!

La même voix.- Dat ass se, Är Nohaltegkeet.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hunn d'Situatioun vun 2002 hei ganz gutt erkläert.

La même voix.- Mir hätten op d'Säit leeë missen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, majo, ech war net an der Regierung!

Une voix.- Dir waart net an der Regierung. Dir hutt awer derfir gestëmmt!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech war net an der Regierung.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dir waart awer an der Chamber.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ma sécher hunn ech… Majo, ech hu jo gesot, ech hu jo virdru gesot, fairerweis: déi gréng waren déi Eenzeg, déi deemools op déi Entwécklung higewisen hunn.

(Interruptions)

Mir hunn déi Steierreform net matgestëmmt, wëll ech lech awer soen. Mir hunn déi Steierreform net matgestëmmt!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Déi vun deemools!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech weess dat näämlech genau, well et hat ee vun eis se matgestëmmt, an deen huet duerfir aus der Partei misse goen. Duerfir weess ech genau…

(Brouhaha général)

Duerfir weess ech genau... Jo, dowéinst! Duerfir weess ech genau, dat sinn esou Momenter,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, Kolleegen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat sinn esou Momenter, déi verhält een.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Just den Här Gibéryen huet elo nach d'Wuert.

(Interruption)

Wann ech gelift!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Duerfir verhält een déi Momenter. An duerfir weess ech, datt mer deemools géint déi Steierreform gestëmmt hunn.

Duerfir, wéi gesot, mir sollten higoen an all Kéiers, wa mer en Emprunt ophuelen, mir musse jo net op zéng Joer ophuelen, mä wa mer zum Beispill eng Milliard léine ginn, mir huele se op 20 Joer, da kéinte mer och 50 Milliounen op d'Schold direkt ufänken zréckzebezuelen. Dat heescht, dann hätte mer e Geste gemaach a mir hätte gesot: Hei, mir huele Schold op a mir fänken zumindest elo un, déi Schold, déi mer ophuelen, zréckzebezuelen!

D'Verkéierspolitik. Här President, et ass jo normal, datt e grénge Rapporteur iwwert den Tram schwätzt. Ech wollt dëst Joer net driwwer schwätzen, mä elo sinn ech forcéiert, fir driwwer ze schwätzen,…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- …well eben hei den Tram als Allheilmëttel duergestallt ginn ass. Ech soen: Jo, den Tram ass en Allheelmëttel, well déi puer Plazen am Land, wou een haut nach ka mam Auto fueren, dat ass hei am Zentrum. A wann den Tram bis fiert, kann ech lech garantéieren, da fiert guer näischt méi am Land! Dann hu mer méi Stauen, wéi mer jeemools haten.

Dorunner ännert och näischt, datt d'Leit sech am Land opreegen, datt wéinst deem Tram…, wou Der jo net de Courage hat, fir d'Leit ze froen! Dir hutt souwuel an der Gemeng Lëtzebuerg der ADR hir Propositioun zum Referendum refuséiert, Dir hutt hei an der Chamber der ADR hir Proposition de loi, fir e Referendum ze maachen, refuséiert!

Dir schwätzt vu méi Participatioun vun de Bierger, awer Dir wäert esou bal kee Referendum méi maachen. Dir hat eng Kéier gemengt, et géif gutt ausgoen. Dat war komplett an d'Box gaangen. Dir wäert esou bal kee Referendum méi maachen! An hei wousst Der am Viraus, datt d'Leit géife mat Nee stëmmen, duerfir hutt Der direkt gesot: „Do froe mer se net."

(Hilarité)

Do waart Der direkt dergéint, fir se ze froen.

An da gitt Der och nach fir esou eng Maquette do nach e puer Honnertdausend Euro aus. Also do rëselt awer mat Recht all Mënsch am Land de Kapp! Datt mir och elo nach Geld hunn, e puer Honnertdausend Euro, fir do eng Maquette an en Zelt ze stellen! Um Internet kann all Mënsch sech esou vill Trammen ukucken, wéi e wëllt! Mä mir hei zu Lëtzebuerg, mir ginn nach e puer Honnertdausend Euro aus, fir de Leit ze soen, déi nach keen Tram gesinn hätten: „Gitt op de Kierchbierg, do steet een aus Kartong an Holz fir e puer Honnertdausend Euro, da kënnt Der lech en do ukucken."

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Méi verréckt geet et net!

déi gréng mengen also, datt se mat dem Tram géifen de Problem léisen. Wann ech da kucken: Fir datt se iwwerhaapt Leit op hiren Tram kréien - well et wëllt jo keen dermat fueren -, maache se Parkinge ronderëm d'Stad! Luxexpo: 1.500 Parkplazen an d'Grénges, Kockelscheier: 2.000 Parkplazen an de Grüngürtel vun der Stad Lëtzebuerg, Findel: 4.000 Parkplazen an d'Grénges, et gëtt deelweis Bësch ëmgemaach. 7.500 Parkplaze baut dee grëngen Nohaltegkeetsminister ronderëm d'Stad an d'Grénges! A wann een elo mengt, et wier e grëngen Nohaltegkeetsminister, da mengt bestëmmt all Mënsch, déi wiere fir d'Vëloen!

(Interruption)

Neen, déi si fir d'Autoen! 7.500 Parkplaze gi bei d'Stad gebaut.

(Interruption)

Woubäi all Mënsch seet: „Baut d'Parkplaze méi wäit vun der Stad ewech, dezentraliséiert", wat och gemaach gëtt, „op d'Grenzen, an d'Grenzregioun an iwwert d'Grenzen!" Awer ronderëm d'Stad nach 7.500 Parkplaze bedeiten, dat bedeit: 7.500 Autoe weider am Stau!

(Brouhaha)

Well déi Leit, déi haut wëllen an d'Stad kommen, déi sti scho moies eng Stonn elo am Stau! A wann Der elo sot: „Et kënnen der nach 7.500 weider kommen", 7.500 Autoe sinn all Dag 45 Kilometer Stau verdeelt duerch d'Land weider!

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Moies eran an owes eraus. Dat sinn...

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- ...déi Der 2002 matgestëmmt hutt!

(Interruptions par Mme Viviane Loschetter et Mme Josée Lorsché)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Nun héiert emol, Här President, elo seet dach net de

grénge Rapporteur, mat deene 7.500 Parkplaze géif meng Pensioun bezuelt ginn!

(Hilarité générale)

Also dat muss een awer och elo nach fäerdegbréngen! Dat heescht, mir mussen esou vill Autoen an d'Stad kréie wéinst de Pensiounen! Also déi gréng,...

Une voix.- Et ass wéi an engem Theatersteck.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...ech versti se geschwë guer net méi! Ech versti se, ech versti se...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also ech mengen, Kolleegen, den Här Gibéryen huet ganz gären, wann een hien ënnerbrécht.

(Hilarité générale)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Duerfir...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...e President soll sech méi neutral ginn an d'Parlament net esou beaflossen, wann ech gelift.

(Hilarité générale)

Also hei ginn, mat där doter Politik gi 45 Kilometer Stau den Dag weider produzéiert. Et kann een also soen: Gambia investéiert massiv an d'Stauen. Well dat ass hei d'Resultat, wat kënnt!

Wann ech da bedenken, wat alles vun engem grénge Nohaltegkeetsminister kënnt: Elo gëtt jo keen normale Rond-point méi hei am Land gebaut, mä en „Turbo"-Rond-point gëtt gebaut!

(Hilarité)

A soss hunn déi gréng jo fir alles, wat gebaut ginn ass - all Strooss, all Opfaart, all Offaart, all Tankstell, all Parkplaz -, eng Pressekonferenz gemaach, meeschtens an der Wiss,...

(Hilarité)

...fir de Leit ze soen: „Heihinner kënnt elo eng Strooss."

(Hilarité)

Elo ass alles ëmgedréit. Elo maache se schonn eng Pressekonferenz, wann de Minister nëmmen eng Iddi huet! Well et ass jo nach kee Projet do vun deem Turbo-Rond-point. En huet eng Iddi - elo gëtt schonn eng Pressekonferenz gemaach! Wann elo de Projet fäerdeg ass, kënnt déi zweet Pressekonferenz: datt de Projet fäerdeg ass. An da kënnt déi drëtt Pressekonferenz, wann de Grond..., wann de Bagger déi éischte Kéier kënnt. An da kënnt nach eng, en cours de route gëtt nach eng Kéier eng Pressekonferenz gemaach! An déi lescht ass dann, wann ageweit ginn ass. Dat heescht, haut mécht e grénge Minister fënnef Pressekonferenzen, fir de Leit ze soen: „Hei, ech bauen erëm eppes zou, ech leeë Beem ëm."! En hat just keng gemaach, wéi en d'Luuchten ëmgeluecht hat.

(Hilarité générale)

Mä bei dem Rescht huet en iwwerall Pressekonferenze gemaach.

Si bauen haut Autobunnen aus, déi gréng! Här President, ech hat viru 14 Deeg hei gesot, datt...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- An dat ass Politik?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass Politik, dat heiten!

(Hilarité)

Wann een Iech de Spigel virhält! Wann een Iech de Spigel virhält, well Der alles vergiess hutt, wat Der déi lescht 30 Joer heibanne gezielt hutt. Dir hutt géint alles gestëmmt an déi dote Richtung an haut baut Der et!

Virun dräi Wochen hunn ech heibanne gesot, datt de Minister Bausch de 17. Mäerz, wéi mer hei iwwert den Terminal tëschent Beetebuerg an Diddeleng geschwat hunn, datt en du gesot huet, hie géif d'Autobunn elo op dräi Spuren ausbauen an e géif kee kennen, deen do dergéint wier.

(Interruption)

Gelift? Ah!

(Hilarité générale)

Dunn hu Leit mech kontaktéiert an déi hu gesot: „Dat do, do ass deng Fantasie mat der duerchgaangen."; déi konnte sech net virstellen, datt de François Bausch esou eppes heibanne gesot hätt! An ech hu méi wéi eng Bemierkung gemaach kritt, datt Leit gesot hunn: „Also lauschter emol, esou eppes kanns de awer net an der Chamber soen, well et ass einfach onvirstellbar, datt e grénge Bauteminister esou eppes géif soen."

Ech sinn deene Leit natierlech eng Erklärung schëlleg. An duerfir sinn ech dann nosiche gaangen an d'Chambersblietche vum 17. Mäerz 2015, wou den Här Bausch gesot huet: „(...) duerch zum Beispill och den Ausbau vun der A3, also der Autobunn vun Diddeleng, esou wéi et elo virgesinn ass vu mir", also vu mir!, „datt vun Diddeleng bis op d'Helfenterbréck d'Autobunn op sechs Spuren ausgebaut gëtt. (...) Ech hunn nach deen Éischten ze fannen, dee mir beweist, datt et ouni deen Ausbau geet. (...) Also mir mussen onbedéngt ganz kloer dat doten ausbauen! (...) Do ass déi absolutt Urgence. A mir wëllen elo duerfir Gas ginn, datt mer do weiderkommen, fir do den Ausbau ze maachen."

Kënnt Der Iech dat virstellen? Mir hunn och nogesicht - ech wëll elo net all déi Zitater bréngen -, bei all Autobunn, déi mer virdru gebaut hunn: Wat déi gréng hei eng opgefouert hunn! Wat se do Gas ginn hunn, fir dergéint ze sinn!

(Interruption)

An elo soe se: „Ech hunn nach deen Éischten ze fannen, dee mir beweist, datt et ouni deen Ausbau geet."

(Interruption)

Si kennen emol kee méi, deen dergéint ass!

(Hilarité)

An de Mouvement écologique, deen ass och anscheinend derfir, well soss géif..., den Här Bausch kennt déi jo!

(Hilarité)

Also alleguer déi sinn elo derfir, datt d'Autobunn...

(Interruptions)

Jo, et ass leider d'Realitéit.

Une voix.- De Jemp Schuster gëtt jalous, et ass dat neist Theatersteck!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, wann ee mat engem Steen an en Trapp Hënn geheit, da billt ëmmer nëmmen deen, deen ee getraff huet.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An dës Kéier hunn déi gréng gebillt.

(Hilarité)

Duerfir, Här President, muss ee ganz kloer soen...

Une voix.- Oh Mamm, oh Mamm, oh Mamm!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...datt hei, wann de Rapporteur...

(Interruptions)

Jo, dat verstinn ech, datt dat dote fir Iech ganz schwéier ass! Et ass fir Iech ganz schwéier...

(Brouhaha)

Et ass fir Iech ganz schwéier nozelauschteren, wann een Iech de Spigel virun d'Gesiicht hält.

(Brouhaha)

Här President, ech wollt mech virun allem dermat beschäftegen, wat déi gréng hei an dëse Projet vum Budget mat erabruecht hunn, an hire Rapport, well si jo dat Wuert „Nohaltegkeet" esou staark hei an de Vierdergrond gestallt hunn. Wann ech allerdéngs hir Budgetsrieden héieren, wat se hei soen a wat se schreiwen, an ech kucken op där anerer Säit, wat se maachen, da leien do Welten dertëschent! A wann déi gréng sech eens wieren iwwert dat, wat se ëmmer gezielt hunn!

Et kann een net vun Nohaltegkeet schwätzen, wann ee gläichzäiteg seet: „Mir musse Scholde maachen, déi mer net zréckbezuelen." Et kann een net vun Nohaltegkeet schwätzen, wann ee seet: „Mir musse 4% Wuesstum hunn." Et kann een net vun Nohaltegkeet schwätzen, wann ee seet: „Ech hu kee Problem dermat, datt mer an 30, 40 Joer 1,1 Millioun Awunner hunn."

Wann ee kee Problem dermat huet, wann esou vill Dausende vun Autoe gebaut ginn (veuillez lire: wann d'Autobunnen esou vill ausgebaut ginn), wann ee kee Problem huet, fir 7.500 Parkplazen an de Grénggiertel vun der Stad Lëtzebuerg ze bauen, da kann een net vun Nohaltegkeet schwätzen!

An duerfir, wann déi gréng sech am Fong konsequent wieren a se géifen dat maachen, wat se hei priedegen, da misste se konsequenterweis géint dëse Budget stëmmen! Mir hunn déi Konsequenz a mir stëmmen duerfir dergéint!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- D'Wuert huet elo dee leschte Riedner fir den Owend, den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci.

(Brouhaha)

Merci, Här President. Et gëtt schwéier, den Här Gibéryen ze toppen no deem Sketch do,...

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- ...mä ech wäert mäi Bescht ginn. Awer ech wollt och nach seriö ufänken. Da versiche mer dat!

(Interruptions)

Da fuere mer schnell.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Loosst Iech net oflenken, Här Wagner!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Neen. Här President, no den Attentater vu Paräis am November goufe grouss Riede gehalen an et gouf mat vill Pathos vun „eise Wäerter" geschwat. De Premierminister selwer huet d'Gerechtegkeet als ee vun eise Wäerter betitelt.

Wier et esou! Wann ee kuckt, wat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä a ganz Europa sech zesummebraut, da muss ee leider feststellen, datt Gerechtegkeet nach just eng Floskel ass a kenger Realitéit entsprécht. Wie vu Gerechtegkeet schwätzt an awer eng Steierpolitik bedreift, déi d'Fortunnen ëmmer méi vun der Steierflicht befreit, mä dofir d'Salariat ëmmer méi oprifft, fir d'Allgemengheet ze finanzéieren, deen huet eng ganz aner Opfaassung vu Gerechtegkeet wéi mir op jidde Fall.

An ech wëll do virdru warnen, fir d'Fro vun der Gerechtegkeet op déi liicht Schëller ze huelen. Steierongerechtegkeet féiert zu Ongerechtegkeet en général. An Ongerechtegkeet féiert zu méi Aarmut a manner Demokratie, well d'Muecht sech doduerch ëmmer méi an d'Hänn vun deene verlagert, déi e finanzielle Poids hunn. An aneren Termen: Ëmmer méi Leit kréien dat justifiéiert Gefill, datt hir Stëmm net méi gehéiert gëtt.

Dofir soll ee sech och net wonneren, datt, fir an der Aktualitéit ze bleiwen an a Frankräich ze bleiwen, et esou Phenomeener ginn, wou d'Halschent vun de Leit net méi wiele ginn, an datt e groussen Deel vun de Wieler enger Partei wéi dem Front National eng Stëmm ginn. Wann all Dag déi reell erliefte Solidaritéit op der Aarbecht oder am Alldag verschwënnt, wann een all Dag vun der politescher Klass erkläert kritt, et wier ee selwer schold u sengem Misär an et misst een eng Kämpfermentalitéit hunn, an der permanenter Kompetitivitéit géint deen aneren, da soll ee sech net wonneren, datt déi faschistesch Iddi hire Wee mécht, well dee Wee, dee gouf da scho virgezeechent.

2015 war souzesoen e Krisejoer. An der éischter Halschent vum Joer huet déi griichesch Fro déi ëffentlech Debatt an Europa dominéiert, an och hei zu Lëtzebuerg. Ech soen „déi griichesch Fro", mä ech misst a Wierklechkeet vun der Ofhängegkeet schwätzen, an déi d'EU vis-à-vis vun de Finanzmäert geroden ass. Griichenland ass just dat Land, wat et fir d'Éischt gewot huet, op Regierungsniveau déi Dominatioun a Fro ze stellen, a gouf dofir och strengstens duerch en ekonomesche Putsch ofgestrooft.

A Portugal - dat gouf manner thematiséiert hei, et interesséiere sech och wéineg Leit fir Portugal, hunn ech den Androck heiansdo - huet sech dat viru Kuerzem konkretiséiert, andeems de President vun der Republik mat alle Mëttele versicht huet, eng Majoritéit tëschent dem PS, dem Bloco de Esquerda an dem PCP ze verhënneren.

Et soll keen hei mengen, datt all déi antidemokratesch Akten a Gestikulatiounen d'Bewosstsäin vun de Bevëlkerungen an Europa net präge géifen! Wien antidemokratesch handelt, soll sech net wonneren, wann antidemokratesch Kräften Zoulaf kréien. Dat sinn déi zwou Säite vun därselwechter Medail.

Här President, d'Ausschaffe vum Budget ass eng eminent demokratesch Saach, mä Demokratie beschränkt sech net nëmmen op d'Fräiheet, fir dergéint ze sinn oder derfir ze sinn. Et brauch een och Kloerheet. De Rapporteur, dee geet och op dës Fro an am Kader vum Semestre européen a mengt, et misst een d'Prozedur änneren an an der Zäit étaléieren an och méi debattéieren. Dat ass bestëmmt net falsch. Wat d'Form ugeet, gëtt et awer ëmmer méi komplizéiert, e Budget opzestellen. Et gëtt ëmmer méi komplizéiert, obwuel deemools - de Serge huet mech nach drun erënnert -, deemools gouf eng Woch laang iwwer e Budget debattéiert.

Hautzudaags muss dat ganz schnell goen. A Wierklechkeet sinn et keng Budgetsdebatten, et ass eng Aart État de la nation a Wierklechkeet, well mir kommen net méi dozou, fir wierklech iwwert de Budget ze schwätzen. Soit, dat ass eng nei Moud vun Demokratie! Et ass wierklech eng komplizéiert Aart a Weis, fir doriwwer ze diskutéieren. An et ass scho schwéier fir d'Parlamentarier, alles ëmmer nozevollzéien, net ze schwätze fir normal Bierger; mir ginn ëmmerhin nach derfir bezuelt, fir eis domadder auserneenzesetzen.

Bon, ech ginn elo net op den Detail an, Dir kennt déi am Prinzip jo all vun der Prozedur, déi e reellen Hin an Hier duerstellt tëschent der Kommissioun, der EU-Kommissioun, dem EU-Rot, dem EU-Parlament an och nach de Memberstaten. Dat ass e ganzen Hin an Hier. De Problem ass awer och deen, datt en plus vun deem Hin an Hier d'politesch Choixen als technesch Nécessitéiten duergestallt ginn. Well et kann een iwwert d'Prozedur debattéieren, mä et mécht wéineg Sënn, wann een net iwwert de politeschen Inhalt debattéiert!

De Problem ass awer deen, datt deen européesche Kader, an deem sech och déi national Budgetspolitiken entwéckelen, éischtens en Agrëff an déi demokratesch Gestaltungsméiglechkeet vun de Memberstaten duerstellt. An zweetens ass deen Agrëff souwisou politesch net neutral. Et ass en Agrëff an d'demokratesch Gestaltungsméiglechkeet, andeems den Artikel 3 vum Stabilitéitstraité de Memberstaten imposéiert: e strukturellen Defizit vun 0,5% respektiv 1% fir déi Staten, wou d'Schold ënner 60% vum PIB ass, an dat gëllt dann och fir Lëtzebuerg, oder eng Limitt vun 3% Defizit par rapport zum PIB oder och nach déi Limitt vu 60%, wat d'Schold ugeet par rapport zum PIB.

An dës Regele sinn natierlech politesch net neutral, well se d'Memberstaten dozou leeden, hir Dépensen, och wa se legitim sinn, anzeschränken a reell antizyklesch Mesuren ze huelen, déi souwisou schonn agëengt sinn duerch den ageschränkten Interventiounsradius vun de Staten.

Mä et bleift jo och net dobäi, well et gëtt eng ganz Rei vu Mechanismen, déi derfir suerge sollen, datt d'Moossnamen, déi d'Staten huelen ënnert dem Bléckwénkel vun der Austeritéit, noutgedrongen, och ëmgesat ginn, soss gëtt et „de Bengel" an der Form vum „Six-pack" oder „Twopack", dat heescht Mesuren, déi géint d'State kënnen och ausgeléist ginn, déi sech net der „bugetärer Disziplinn", wéi et esou schéin heescht, beugen. An dat soen ech jo net, also, den Här Finanzminister huet dat jo haut de Moie jo och erëm eng Kéier gesot, an et war och net déi éischte Kéier, wou en dat gesot huet, wann e sech referéiert un den Avise vun den zwou Beruffskammeren.

Jo, déi hunn absolutt recht, déi Kritären a Fro ze stellen! Dat menge mir och. Si ginn d'ailleurs a Wierklechkeet jo vu bal jiddwerengem a Fro gestallt! Natierlech net aus deeneselwechte Grënn, mä si gi permanent a Fro gestallt, wat schonn en Zeechen ass vun deem arbiträre Charakter vun dëse Kritären. A si gi jo och am Prinzip net richteg respektéiert, ënner anerem vu Frankräich! D'EU, dat ass e bëssen esou wéi d'Farm vum Orwell. Do ass et net: „All Länner si gläich", mä verschidde Länner sinn e bësse méi gläich wéi déi aner.

A wa mer scho beim Orwell sinn, fir zréckzekommen op dat, wat den Här Finanzminister sot haut de Moien: D'EU ass, an der Theorie, en demokratescht Gebilde. Mä gewësse Saachen däerfen net a Fro gestallt ginn! Den Här Gramegna huet et scho richteg verstanen: Wann d'Beruffskummeren dës Kritären a Fro stellen, dann ass et, well si se fundamental a Fro stellen! An dat ass an der EU verbueden. Demokratie jo, awer net de Kader sprengen, wann ech gelift, soss kënnt d'Strof! An dat war jo och de Fall fir Griichenland. Dat Land, dat ass du vum Bréisseler Olymp bestrooft ginn, wéi de Prometheus. De Prometheus ass bestrooft ginn, dat wësst Der, mä dat hellegt Feier, dat brennt weider, dat däerf een och net vergiessen!

Ech soen Iech just eng Saach: Wann d'EU esou wäit kënnt, datt hir ekonomesch Ausriichtung nach just mat Menacen a Strofen duerchzesetzen ass, wann hei gemengt gëtt, et kéint een d'Leit an der EU op éiweg intimidéieren, dann ass dat e ganz schlecht Omen fir d'Zukunft vun der EU; wann et nach eng gëtt, op laang Dauer! An dës Afrostellung kënnt zwar „nëmmen" - tëschent Gänseféisercher - vun zwou Kummeren, mä dat sinn déi Kummeren, déi dat ganzt Salariat representéieren, ëffentlech a privat! Dat sinn déi representatiivst Kummeren iwwerhaapt hei am Land.

Da stellt sech och d'Fro: Jo, d'Zivillgesellschaft soll méi agebonne ginn an d'Budgetsaarbechten. Mä mir kommen net derlaanscht, wa mer wierklech vun Demokratie wëlle schwätzen, datt mer déi onsënneg Regelen, déi dem Stat seng Gestaltungsméiglechkeet aschränken, wierklech mussen a Fro stellen.

Natierlech, wéi de Rapporteur dat och zu Recht sot, de Riichter, dee sëtzt zu Bréissel an e vertei-

degt seng Regelen, mä d'Memberstaten, jo, déi hunn un der Ausschaffung vun dëse Regele matgewiirkt. Natierlech, mä mir mussen awer och éierlech sinn: Ass jiddweree sech wierklech sécher, datt déi Regelen, déi tëschent de Regierunge vun de Memberstaten ausgehandelt goufen, wierklech vun de Bevëlkerunge wouergeholl ginn? Sinn d'Leit wierklech matagebonne ginn? Sinn d'Leit wierklech gewuer ginn, wat fir eng Konsequenzen dës Regele mat sech bréngen?

Et ginn elo awer schonn eng Hällewull vun Avisen, wou ech net den Androck hunn, datt d'Koalitioun se wierklech seriö hëlt, zum Beispill justement den Avis vun der representatiivster Kummer vum Land, der d'Chambre des Salariés, déi eng ganz Partie Warnsignaler schéckt. A si si ganz kloer a kënnen dat och beweisen: Zënter 2011 wiisst d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg wéi nach ni! An aus der Kris si mer bäi Wäitem net.

Dat hänkt natierlech dovunner of, wéi een d'Zuelen interpretéiert. Wéi de Budget vum Här Minister presentéiert gouf, huet d'Regierung sech nach félicitéiert, datt de Chômagetaux liicht erofgaange wier. Et huet sech och erëm e bësse geännert. Mä de Problem ass, de Chômagetaux, dat seet u sech net esou vill aus, well dee berücksichtegt jo déi Leit, déi ageschriwwe sinn op der ADEM. Am Rapport steet dat och. An dat gëtt vum Rapporteur zu Recht notéiert, datt, wann een och nach all déi Leit derzourechent, déi an enger Mesure sinn, da kann ee schonn op eng Zuel komme vun 9%. Mä souguer dat, dat seet jo och nach net alles aus! Well, wann een zum Beispill och vu Schafung vun Aarbechtsplaze schwätzt, da muss een awer och kucken, wat fir eng Zort vun Aarbechtsplazen dat sinn!

An do stellt ee fest, mir erliewen hei zu Lëtzebuerg eng Explosioun zum Beispill vum Interim, also där neier Form vun Dagléineraarbecht. An dat seet de Statec och an aneren Etüden, also aneren Etüden, déi u sech elo näischt direkt mam Budget ze dinn hunn, mä déi ganz interessant sinn. An déi misst ee vläicht d'nächste Kéier méi en profondeur analyséieren, an dat hat den Här Alegrezza jo och nach proposéiert an enger Kommissiounssëtzung.

Mä mir erliewen natierlech och nach eng Explosioun vun de Contrats à durée déterminée, déi haaptsächlech och nach déi Jonk treffen an déi amgaange sinn, oder, wann et net schonn de Fall ass, d'Regel ze gi bei de Jonken ënner 25. An dann däerf een och net aus den Ae verléieren, datt d'Deelzäitaarbecht ëmmer méi zouhëlt, déi elo bei 19% läit an haaptsächlech Frae betrëfft. A bäi Wäitem ass dat keng gewollten Deelzäitaarbecht, well, laut der Salariatskummer, ass déi onfräiwëlleg Deelzäitaarbecht och geklomme vu 5 op 12%.

An et kann ee just en Test maachen. Maacht zum Beispill eng Annonce, fir eng Tagesmutter ze fannen! Ech kenne e jonke Mann, deen huet dat virun e puer Woche misse maachen, well och net genuch Plazen an de Maison-relaise sinn - mä dat ass nach en anere Problem. Deen ass regelrecht mat Proposen iwwerschwemmt ginn, natierlech meeschtens vu Fraen, et si jo quasi nëmme Fraen, déi dat och nach proposéieren, deen Job, an déi Proposen, déi hunn net opgehalen, souguer nodeems hie schonn eng fonnt hat. Dat ass awer eng Realitéit. Dat seet eppes aus iwwer eng gewëssen Urgence.

Dat sinn alles Realitéiten, déi natierlech déi offiziell Chômagezuelen, déi souwisou scho relativ héich sinn, staark relativéieren, well et geet jo wierklech net nëmmen drëms, iergendeen Aarbechtsvertrag ze hunn. Dat Zil vun der Aarbechtspolitik soll dat sinn, fir de Leit et ze erlaben, vun hirer Aarbecht ze liewen, a fir eng Planungssécherheet ze bidden. Well kee Mënsch ass wierklech fräi, wann e sech materiell net ofséchere kann, wann en all Dag ëm seng Aarbecht baangt, wann en um Schluss vum Mount, wann e säin iwwerdeierte Loyer oder Prêt, wann en iwwerhaapt nach ee kritt, bezuele muss an da vu berechtegtem Luxus natierlech net méi ze schwätzen ass.

Jo, well d'Mënschen hunn natierlech och nach Recht op e Minimum vu Luxus. Jiddwereen, net just eng Minoritéit. Mä wéi sot schonn de Generalsekretär vun der UEL, vun der Union des Entreprises? „Et kann eben net jiddwereen an d'Schivakanz an op Mauritius an engem Joer."

Bon, wann een eng Kéier versicht, e Rechebeispill ze huelen, et ass ganz einfach, mat engem Mindestloun, netto, allez, da leie mer bei 17.000 Euro d'Joer, da kann een och nach e Loyer huelen, deen emol net iwwerdriwwen deier ass, mat de Chargen dran, dat wieren dann 900 Euro de Mount, mol zwielef, dat ginn 10.800 Euro. 17.000 minus 10.800 Euro dat mécht 6.200 Euro d'Joer. Déi Fra oder dee Mann ass nach net agekleet, huet nach keng Assurancë bezuelt an aner Käschten net iwwerholl an en huet och nach net giess. Natierlech kann ee soen: „Ah, ma da ginn et awer nach Aiden, wéi d'Aide au Logement zum Beispill, déi, déi mer viru Kuerzem gestëmmt hunn." Mir net, mir hunn eis enthalen.

(Interruption)

Maja, da kritt en déi jo emol net selwer finanzéiert. Dat ass jo de Problem! Well et ass jo einfach, Almosepolitik ze maachen an als Politiker dohinner an d'Bevëlkerung ze goen an ze soen: „Hei kuckt, mir maachen eng Aide mat Äre Steiergelder." Neen, politesche Courage, dat ass och vläicht bei d'Propriétairen a bei d'Promoteuren ze goen, déi muss ee vläicht bekämpfen, oder vläicht och nach d'Loyere limitéieren. Dat ass e bësse méi komplizéiert, dat ginn ech zou. Mä et ass méiglech!

An de Problem ass jo just deen, datt hautzudaags, an dat wëlle mer vläicht net onbedéngt realiséieren, et ëmmer méi schaffend Leit ginn, déi, wéi d'Amerikaner soen, „working poor" sinn hei zu Lëtzebuerg. Abee, d'Wourecht ass souguer déi, datt Lëtzebuerg u sech bal e Rekord brécht, wat d'„working poor" ubelaangt. Mir sinn an der EU op der véierter Plaz. Et ass natierlech alles relativ. Ech weess dat ze beurteelen, mä trotzdeem, an den offizielle Statistike si mer op der véierter Plaz hanner Rumänien, Griichenland a Spuenien.

An dat gëllt och fir de Risque de pauvreté. Also, d'Chance oder besser gesot d'Ongléck, fir an d'Aarmut ze rutschen, déi louch 2014 bei 11,11% vun de Leit, déi am Aarbechtsalter sinn. Wat all Résidenten ugeet, ass déi Zuel nach méi héich. Do ass all sechste vum Risque de pauvreté betraff. An dat nodeems sozial Transferte stattfonnt hunn! All zweete Chômeur ass vum Aarmutsrisque betraff.

Ech verstinn net, wéi een hei iwwerhaapt vun engem Triple-A social ka schwätzen, oder dach, iergendwéi verstinn ech et, well mir si jo elo hei am Jargon vun de Ratingsagenturen. An déi Ratingsagenturen, déi jo deeneselwechte gehéieren, déi d'Finanzmäert kontrolléieren, déi deelen hir bonne Notten deene Staten aus, déi sech am beschte fügen, hir sozial Ausgaben drosselen, d'Kapital esou mann wéi méiglech besteieren an d'Aarbechtskonditiounen a -regelen, doriwwer gëtt net esou oft geschwat, och nach am onsécherste maachen. Dann hu mer natierlech en Triple-A social, mä awer no de Kritäre vun de Finanzmäert. An dat ass net onbedéngt deeselwechten, deen dem Besoin vun der Bevëlkerung entsprécht.

Mir als Lénk hate virun e puer Joer gefuerdert, datt de Mindestloun ëm 300 Euro misst erhéicht ginn. Ech mengen, an der Tëschenzäit misste mir eis eege Fuerderung e bësse revidéieren an u sech éischter eng Fuerderung stellen, déi a Richtung vu 400 Euro Erhéijung géif goen, well et ass einfach nëmmen irresponsabel, de Mindestloun net ze erhéijen, wann ee weess, datt e Bierger mat deem Salaire einfach net iwwert d'Ronne komme kann, isoléiert an ouni Hëllef.

Mä a Wierklechkeet geet de Mindestloun jo och, an dat ass jo e Problem, e geet jo och nach zréck. Doduerch, datt d'Steiertabell net méi un d'Deierecht gebonnen ass, hunn déi Leit natierlech mat wéineg Akommes, déi dann natierlech och nach e Mindestloun kréien, deen nach weider geschmolt ass. Dat heescht, datt e Mindestlounempfänger am Joer 2015 nach nëmme 84,9% vu sengem Bruttoloun kritt. An dat waren der nach 86,4 % am Joer 2010.

An dat Ewechschmëlze vum Loun betrëfft natierlech och de Mëttelverdénger. An dat ass och scho berechent ginn. Do ass et nach eng aner Zuel: 71,6% sinn ewechgeschmolt 2015, am Verglach mat 2010, wou et 75,5% waren. Dat heescht, dofir geet et natierlech net duer, fir nëmmen de Mindestloun ze erhéijen - dat misst kommen, dat muss kommen -, mä iwwerhaapt d'Steiertabell muss och un d'Deierecht gebonne ginn.

Mir hunn all Intérêt drun, erëm an e Cercle vertueux ze kommen, deen d'Kafkraaft erëm eropsetzt, engersäits fir d'Aarmut ze bekämpfen, net duerch Almosen, mä duerch eng Gerechtegkeetspolitik, anersäits grad fir eng gewësse Croissance ze sécheren an domadder weider Steiereinnamen a Cotisatiounen.

An dat geet och net iwwert de Spuerpak, deen nach net vollstänneg ëmgesat ginn ass. Eis wonnert et net, mä souguer de Statec huet jo berechent, datt dee Spuerpak natierlech vläicht an enger kontabler Vue e positiven Impakt huet op déi ëffentlech Verwaltung. Mä, an dat ass e groussen „Mä", den Impakt op de Wuesstum a souguer op de Chômage ass en negativen.

Well, wat ass bis elo am Kader vum Spuerpak geschitt? Natierlech, d'TVA gouf erhéicht an déi spezial sougenannte Solidaritéitssteier vun 0,5% gouf agefouert. Mä dann huet een nach eng ganz Ribambelle vu méi oder wéineger klengen Aschnëtter, wéi d'Tax vun der Unerkennung vun Unisdiplomer, wat d'Leit aus de Pays tiers wierklech treffe kann, well déi hu relativ wéineg, mä net nëmmen déi natierlech. Da gouf natierlech och bei der Formation continue agespuert. Am Kader vun der Fleegeversécherung koum et zu Aschnëtter, net ze schwätze vun der Allocation de maternité an der Allocation d'éducation. Dovunner gouf geschwat. An och souguer d'Kilometergeld gouf och erofgesat vu 40 op 30 Cent.

Wann een dat alles e bësse cumuléiert a wann ee wierklech net gutt drun ass, da kann dat relativ vill ausmaachen. Et ass natierlech och dem Asaz vun de Gewerkschaften ze verdanken an och nach enger Hällewull vun Organisatiounen aus der Zivillgesellschaft, quasi all, datt eng Rei vu Mesuren, déi ongerecht an oniwwerluecht waren, zréckgedrängt gi sinn. Ongerecht an oniwwerluecht waren!

Ech ka mech nach just erënneren, et ass jo e Milieu, aus deem ech kommen, de Journalismus. Also, wa wéinstens e bësse mat de betraffene Leit diskutéiert gi wier am Virfeld, ier déi 258 Mesuren dekretéiert goufen, ech weess net, wéi dat gaangen ass, dann hätt ee vläicht eppes aneschters erausgehaen. Wann déi Mesuren einfach esou, wat d'Pressehëllef zum Beispill ugeet, wann een déi einfach esou applizéiert hätt, dann hätt een zwou bis dräi Zeitungen, déi verschwonne wieren, an aner Zeitungen hätte sech awer missen zesummeleeën a vläicht just engem oder zwee Propriétairë gehéieren. An ech weess net, ob dat fir d'Pressevillfalt wierklech eppes ganz Positives ass.

Dat ass e Beispill, dat ech gutt kennen. Et gëtt nach vill Beispiller, wou vill Leit nach just nëmmen de Kapp gerëselt hunn, well einfach just souguer, net nëmmen am Inhalt, egal wat geschitt ass, mä souguer handwierklech egal wat gemaach ginn ass.

Mä natierlech, domat net genuch, de Sozialofbau soll weidergoe mat deem Spuerpak. An dat schreift jo och d'Salariatskummer: «L'année

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

2016 sera elle aussi marquée par la mise en place de mesures à l'impact social et économique délétère.» Well d'nächst Joer, elo gläich also, solle jo nach eng Partie Spuermesuren ergraff ginn, déi sech ënner anerem op dem Aarbechtsmarché bemierkbar wäerte maachen. Ech ginn och dovun aus, datt se applizéiert ginn. Mat dëser Regierung weess een net ëmmer esou richteg, wat applizéiert gëtt a wat net applizéiert gëtt!

Mä et kann een natierlech e puer Mesuren opzielen, déi awer a gewësse Milieuen, an de Reie vun de Gewerkschaften och fir Suerge suergen, wéi zum Beispill d'Hëllef fir déi geografesch Mobilitéit, déi kéint ofgeschaaft ginn, grad an Zäiten, wou Salariéë jo e bësse méi flexibel sech musse weisen. D'Aide temporaire au réemploi soll natierlech och verschwannen, oder d'Aide à l'embauche de chômeurs de longue durée.

Här President, wat mécht d'Regierung, amplaz de Kuch méi gerecht ëmzeverdeelen? Mir krute gëschter e puer Grafike gewisen. Dobäi war och déi Grafik vum Déchet fiscal iwwert den E-Commerce, deen, wéi mer wëssen, iwwer eng TVA-Erhéijung kompenséiert gouf. Ech schwätze vun engem Déchet fiscal vun iwwer 400 Milliounen d'Joer, deen och nach wuesse kann!

War d'TVA-Erhéijung awer déi eenzeg Mesure, déi huet misse geholl ginn, fir dat ze kompenséieren? Stoung soss keng aner Méiglechkeet, fir dat ze kompenséieren, zur Verfügung?

Well et geet emol net drëm, fir un d'Kapital ze goen, mä et hätt een och kënnen eng einfach Mesure huelen, zum Beispill ëm 1% de Spëtzesteiersaz erhéijen. Deemno wéi een dat berechent, kann een op eng hallef Milliard kommen. An dann hätt een dat esou kënne kompenséieren. Mir hunn dat op jidde Fall esou ageschat. An et hätt natierlech kengem extra wéigedoen, just déi héich Revenue wiere liicht méi besteiert ginn.

Et gëtt awer nach aner Méiglechkeeten, den Defizit ze fëllen. Et kann een zum Beispill Nische fir Spekulatiounsfongen ofschafen. An do kéint ee 75 Milliounen erakréien. Et kéint een natierlech d'Franchise vu 50% op den Dividenden och e bëssen ënnert d'Lupp huelen. An natierlech kéint ee sech och iwwerleeën, den Impôt sur la fortune fir physesch Leit erëm anzeféieren, op eng nuancéiert Aart a Weis natierlech, fir net onbedéngt déi Falsch ze treffen.

Firwat ass et hei onméiglech zu Lëtzebuerg, all déi Steiergeschenker a Fro ze stellen, déi dozou bäidroen, datt den Defizit vun der ganzer Bevëlkerung gedeckt muss ginn?

2007 huet déi grouss Finanzkris ugefaangen an et ass och vun deem Zäitpunkt un, datt den Defizit sech staark verdéift huet. Dat huet, wéi mer all wëssen, domadder ze dinn, datt de Stat, also d'Allgemengheet huet missen d'Banke retten, asprangen, well déi Jorzéngte vum Laisser-faire de Finanzmäert et erlaabt hunn, Kasino ze spillen. Et hätt ee sech kënnen erwaarden, datt emol géif ëmgeduecht ginn. Ma neen, och net hei zu Lëtzebuerg!

Wann een elo kuckt: Wie kënnt op fir d'Recetten? De Steierzueler zu iwwer zwee Drëttel. Et kéint ee scho bal souguer soen, de Steierzueler, deemno wéi, scho bal fir dräi Veirel. D'TVA eleng mécht 39% aus. D'Besteierung op d'Lounmass, zesumme kombinéiert mat der Spezialsteier, maache 36% aus. An dann ass natierlech d'Schlussliicht, dat ass den IRC, d'Betribssteier, zesumme mat der Gemengegewerbesteier natierlech an och d'Spezialsteier, déi si jo och bezuelen, do si mer op 23% vun de Recetten. Dat ass eng Grafik, déi ech e bësse vermëssen. Déi war natierlech och an dem Bericht ze fannen, deen d'Leit net esou interesséiert, dat war de Bericht vun der Salariatskummer. Dofir kompenséieren ech e bëssen an ech schwätzen e bësse méi dovunner.

Dofir ass et och kee Wonner, wann esou Entreprisen, Sociétéite wéi PwC, PricewaterhouseCoopers soen, Lëtzebuerg wier u sech a Wierklechkeet ganz kompetitiv, well net nëmmen d'Steierlaascht vun de Betriber ass hei zu Lëtzebuerg a Realitéit niddreg, mä d'Cotisatiounen och. An da soll am Kader vun der ominéiser Steierreform, wou en Deel scho muer vottéiert gëtt, nach weiderhin d'Steierlaascht fir d'Betriber ofgesenkt ginn op den Taux nominal vu 15%. A mir si gespaant, ze gesinn, wéi den nächsten Taux effectif wäert ausgesinn.

An iwwerhaapt, ech hätt och gäre ganz einfach eng Grafik gesinn, déi den Defizit vum Stat opweist, op verschidde Joren étaléiert, d'Steierlaascht vun de Betriber an och d'Profitter, d'Profitmargen. Dat wier eng interessant Grafik, wou een déi Saache kéint matenee kombinéieren. Déi gëtt et wahrscheinlech och. Vläicht net fir Lëtzebuerg, mä da kann ee se vläicht maachen.

Et steet och eng Saach fest: Lëtzebuerg steet a Wierklechkeet, wat d'Produktivitéit ugeet, ganz gutt do. Siwent Plaz op EU-Niveau, nach virun eisen Noperstaten. Dat ass awer net de Fall vum Wuesse vun de Salairen! Do si mer hanner Frankräich an Däitschland. An da soll nach behaapt ginn, mir géifen iwwer eis Verhältnisser liewen! Neen, bäi Wäitem net, net jiddwereen!

Ech kommen net derlaanscht, fir eppes unzeschwätzen, zum Beispill déi bal 9.000 Fraen am Botzsecteur, déi jorelaang hu misse streiden a weiderhi streiden, fir ënner anerem de qualifizéierte Mindestloun - ce n'est pas le Pérou! - zougestanen ze kréien, dee se no zéng Joer Beruffserfahrung zegutt hunn. Dat wëllt d'Patronat natierlech net bezuelen, dat wëllen déi grouss Botzfirmen net bezuelen.

Vläicht krut och iergendeng Botzfirma e Ruling? Ech weess et jo net. A vläicht kéint een och d'Steierinspektioun froen, wou de Problem do läit, fir eng Kéier ze kucken. Vläicht hunn déi Entreprisë jo e klenge Problem, fir iergendwéi normal Salairen hire Salariéen ze bezuelen? Do kéint vläicht e Beamte sech derfir interesséieren, fir ze kucken, wat do schifleeft. Vläicht gi mer eppes gewuer. A vläicht kënne mer et och verstoen.

Et kéint een nach laang driwwer diskutéieren, wéi mat deene Fraen ëmgespronge gouf, wéi haart d'Patronat ass, wann déi Fraen zum Beispill no 25 Joer Beruffserfahrung en hallwen Dag Congé méi froen. Bon, dat sinn 9.000 Leit. Mä natierlech sinn dat quasi alles Fraen, aarm Fraen, déi natierlech och kee Sëtz an engem Verwaltungsrot kënne kréien, och trotz Paritéit.

Fraen, déi meeschtens och kee Wahlrecht hunn, dat ass natierlech evident, entweder well se Frontalière sinn oder well se Netlëtzebuergerinne sinn. A fir Lëtzebuergesch ze léieren, ech mengen, do musse sech e puer Leit jo och e puer Gedanke maachen, wéi dat géif goen.

Well d'Realitéit ass jo esou, datt, wann ee vun Esch op Miersch muss hin- an hierfueren, vu sechs bis zéng Auer, an duerno eng Paus maachen an duerno ëm 15:00 Auer erëm ufänke bis 19:00 Auer - wann iwwerhaapt net Iwwerstonnen, déi meeschtens och nach net bezuelt ginn, musse geleescht ginn, well dat gëtt jo och net esou richteg kontrolléiert -, dann ass et och nach schwéier, fir sech ze integréieren, wéi gewësse Leit ëmmer esou mengen, an dann hu se vläicht och nach Kanner. D'Realitéite sinn e bësse méi batter, wéi sech gewësse Leit dat einfach esou molen!

Ech kann lech awer op jidde Fall soen, also, wann déi Lénk an der Regierung wier, dann hätte mer wéinstens eng Aarbechtsinspektioun, déi géif funktionéieren. An ech kann lech soen, dat géife mer och finanzéiere mat iwwerflëssege Luxusdépensen, déi an ons Arméi erafléissen, a Fligeren, a Schëffer. Well wa mer eng Arméi hei zu Lëtzebuerg brauchen, eng richteg Arméi brauchen, dann ass et d'Aarbechtsinspektioun! Ech mengen, dat ass batter néideg hei.

An da kommen ech och zur Arméi, well mir si wierklech der Meenung, datt déi Dépensen iwwerflësseg sinn. Dat ass leider e Posten, dee klëmmt vun 0,4% op 0,6%. Dat ass natierlech am Kader vun der NATO-Memberschaft. An a Wierklechkeet geet de Militärfong erop ëm 114% an duerno, fir déi nächst Joren, laut Pluriannuel, wäert en och nach eropgoen, manner staark natierlech, mä e wäert weiderhi wuessen.

Ech ka mech nach erënneren, d'lescht Joer, wou iwwert d'Rulinge geschwat gouf, do war natierlech eng nei Ligne de défense och vun de Verteideger vun de Rulingen, ze soen: Okay, jo, et ass vläicht eng kleng Sauerei, wat mir hei maachen, mä aner Länner wéi Frankräich oder Däitschland oder d'Belsch, déi maachen och Sauereien, déi hunn eng Waffenindustrie a mir hunn natierlech keng.

Mä ech weess net méi, ob mir eis et elo kënnen erlaben, esou eppes ze behaapten. Well, dat stoung och nach d'lescht Woch zur Diskussioun, duerch d'SES an duerch LuxGovSat, duerch déi Dronen, déi mir natierlech doduerch steieren, mengen ech, kënne mer schwéier behaapten, datt Lëtzebuerg guer keng Waffenindustrie hätt.

Natierlech baue mer keng Panzeren an och keng Waffen, mat deenen ee schéisse kann. Mä et ass kloer, datt de Lëtzebuerger Effort de guerre eng Nisch fonnt huet, an dat ass déi vun der Kommunikatioun a vum Repérage. A fir Krich ze féieren, den Offizéier Kartheiser ass elo net do, fir dat ze bestätegen, mä ech mengen, e géif dat maachen, do ass Kommunikatioun a Repérage eppes Fundamentales!

Une voix.- Et ass keen do vun der ADR.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Et gi keng Bomme gepucht, ouni virdrun ze wëssen, wou d'Ziler sinn. An dat Zyneschst dorunner ass, datt mer och nach en ekonomescht Standbeen dorauser maache wëllen! Dat ass net déi wirtschaftlech Diversifikatioun, wéi mir eis se virstellen. Dat beweist och erëm eng Kéier, datt d'Krichsgeschäft eng eminent wirtschaftlech Roll spillt, datt mat Krich Geld sech maache léisst.

An ech contestéieren, datt dëse renforcéierte militäreschen Engagement vu Lëtzebuerg, am Kader vun der NATO, zur Sécherheit vum Land bäidréit. Ech contestéieren dat an ech menge souguer, datt dat de Géigendeel kéint sinn! Well iergendwéi gi mer jo, militäresch gesinn, eng vill méi evident Zilscheif, op eng gewëssen Aart a Weis. Mir spillen eng Roll. Mir si keng friddfäerteg Natioun méi, mä mir spillen eng aktiv Roll.

An e Militärbündnis, wat vergiess huet, sech opzeléisen, trotz Verspriechen, a wat sech och nach no Osten ausgedeent huet a wat total hasardéis a katastrofal Militäraktiounen duerchféiert, déi verluer sinn a keen Enn kréien, wéi zum Beispill an Afghanistan, domadder hu mir kee Geld ze maachen, a keng Ausgab ass justifiéiert!

An ech mengen och, wa mer vun Nation Branding schwätzen, mir hu jo virdru gesinn, wa mer eis bretzen, wéi d'Welt iwwer eis laacht, deemno wéi. Iergendwéi musse mer awer och éierlech mat eis selwer sinn: Mir si kee Mikrostat, mir sinn net Monaco, mir sinn net Liechtenstein. Dat ass richteg. Mir sinn awer och keng grouss Natioun. Mir sinn eng kleng Natioun, dat ass eben esou, déi e gewësse Rôle spillt an och spille soll, do, wou se kann.

Mä mir sollen net maachen, wéi wa mer Frankräich wieren oder d'Belsch wiere souguer. A mir kënnen och d'Virbild da weisen, wat eng kleng Natioun kéint maachen, an net onbedéngt esou spillen, esou maachen, wéi wa mer kéinte mat eiser Multiplikatioun vun den Zaldoten am Mali - wou duerno d'Leit wierklech de Geck e bësse mat eis maachen, an dat kann een och verstoen -, an duerno kann ee Suen ausgi fir en Nation Branding.

Also ech hu souguer, ech kann lech soen, ech hunn un esou enger Geschicht deelgeholl. Am Ufank wousst ech guer net, datt dat esou eppes wier, deen Nation Branding. Dat war esou eng Sëtzung - de Serge hätt missen drun deelhuelen, mä e konnt net, en hat keng Zäit, dunn hunn ech en ersat -, an da geet een dohinner an dat war ganz witzeg. An duerno, um Enn, souze mer do um Dësch...

Wie war do? Ech mengen, den Hofmarschall war do. Mä deem ass et ze bont ginn, deen ass duerno fortgelaf. De Mann hat och recht. Mä do waren nach aner Leit derbäi...

(Interruption)

...aner Leit derbäi, ehemoleg Journalisten an esou weider. A mir souzen duerno do, op Kartongskëschte mat Pritt ze pechen an esou weider. Also ech hat dat scho laang net méi gemaach an ech muss soen, ech hat...

(Interruption)

Voilà! ...eng gewësse Cure de jouvence. An ech mengen, de Josy Lorent war och derbäi, deen hat och eng Cure de jouvence.

(Hilarité)

Voilà! Jo, Dir laacht! Et ass mat Äre Steiergelder, wou dat finanzéiert gëtt! Mä et war eng speziell Experienz.

Et war eng speziell Experienz an da versteet ee souguer, firwat den...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Jo, jo. Mä da versteet een awer vläicht och, firwat souguer den Etienne Schneider déi Saach vum Nation Branding net esou richteg eescht hëlt an och eng Kéier mat Humor getwittert huet. Humor ass ëmmer en Zeeche vun Intelligenz.

Wou et awer justifiéiert ass, Geld auszeginn, dat ass an der Bildung. An do hu mer et mat enger Regierung ze dinn, déi an deem Domän gäizt, all Cent ëmdréit an och nach mat falschen Duerstellunge kënnt vum heitege Student, dee mat senger Bourse en Auto keeft.

Mir sinn net méi an den 80er! Nach an der leschter Kommissioun vum Enseignement supérieur ass erëm eng Kéier mat deem Argument hantéiert ginn. Dat koum net vu grénger Säit, dat koum vun der Ressortsäit. Mä et ass erëm eng Kéier mat deem Argument hantéiert ginn. Ech wéilt just soen, mir sinn net méi an den 80er oder 90er Joren, wou der vill, déi hei sëtzen, deemools studéiert hunn, inklusiv ech, an déi och aus plus ou moins gutt situéierte Mëttelschichte kommen.

Mir sinn am Joer 2015 ukomm an d'Welt huet sech verännert. Eis Jugend, déi weess elo haut, wat de Chômage ass. Ee Véirels vun hinne kennen deen. Mir wëssen et, mir kenne jo déi Zuelen. An hautzudaags ass emol e Bac + 4 keng Garantie méi, fir eng uerdentlech Aarbecht ze kréien!

Mir sinn net méi an den 80er Joren, wou ee mat enger Cinquième relativ schnell eng Aarbecht op der Gemeng oder beim Stat konnt fannen. Well jo do och gemengt gëtt, et misst u sech agespuert ginn, obwuel mat der rasanter demografescher Entwécklung méi ëffentlech Déngschtleeschtunge gebraucht ginn. Dat ass nach eng aner Saach.

An et hu missen Dausende vu Studenten op d'Strooss goen, et huet missen nogebessert ginn. An ech mengen, mir wäerten nach Diskussiounen hunn iwwer weider Nobesserungen. Well iergendwéi ginn ech dat Gefill net lass, datt net alles esou richteg berechent gouf bei der Bourse sociale. Mä mir wäerten, mengen ech, nach dorobber zréckkommen.

Här President, gëschter hu mer nach gestridden iwwer eng véier Gesetzesprojeten, déi mer duerch de Plenum jumme sollen. Wéi ech dat schonn ugedeit hunn, ass fir eis de Problem à la limite - à la limite! - net onbedéngt deen, datt dat ganz schnell muss duerchgepeitscht ginn, quitte datt et e Problem duerstellt. De Problem ass den Inhalt selwer vun dëse Gesetzesprojeten, déi nei Nische schafen.

Haut de Moien hat ech och nach d'Geleeënheet, um 100,7 mat der Madamm Elvinger doriwwer e bëssen ze streiden. Et war relativ zivilisiéiert, et war och ganz fréi moies, mir waren nach e bësse midd, ech op jidde Fall. An eng Fro kënnt ëmmer erëm zréck: Wat bréngen déi Nischen dem Land?

Ech wéilt hei net op de problemateschen Impakt zréckkommen, op d'Statsfinanzen, global gesinn op der Welt an esou weider, an op déi Steierkonkurrenz, déi sech d'State géintenee liwweren, well ech maachen dat jo oft genuch hei an dësem Plenum an ech mengen, Dir hutt et oft genuch héieren.

Mä ech wéilt d'Fro opwerfen, ob dës Nischen iwwerhaapt esou positiv si fir Lëtzebuerg, wéi se ëmmer duergestallt ginn. An dofir brauch een objektiv Zuelen. Zum Beispill bräicht een och eng kloer Lëscht vun den Nischen, wéi och mäi Virgänger, de Justin Turpel, d'lescht Joer zur selwechter Debatt dat och gefuerdert huet.

Wie lieft dovunner? Wat bréngt et der Allgemengheet? Wat fir eng potenziell kollateral Dé-

chete provozéiere se? Mir wëllen emol net behaapten, datt se guer näischt erabréngen. Esou zynesch si mer net, ze mengen, datt mer mat enger Regierung konfrontéiert sinn, déi extra schlecht Saache wéilt maachen. Ech mengen, mir hu politesch Differenzen a mir analyséieren ekonomesch aneschters. Mä ech mengen, déi Diskussioun misst een awer och kënne féieren.

Zur degressiver Steier op Betriber mat enger Fortune vun iwwer 500 Milliounen: Et gëtt monéiert, datt dës Betriber op Lëtzebuerg mussen ugezu ginn, well déi bréngen hir Substanz mat. Mä ass dat och ëmmer esou? Ech weess et net. Mir wëssen dat a Wierklechkeet och net onbedéngt als Parlamentarier. Dat gëtt emol esou behaapt.

Mä wat ass d'Substanz zum Beispill vu Walmart? Wat ass d'Substanz vun Disney? A mir wëssen, datt et net ëmmer esou evident ass, wat fir eng Substanz sech derhannert verstoppt. An doriwwer muss ee kënnen awer diskutéieren. Wat ass déi reell Substanz och, wann d'Reedereie fiskal Avantagë kréien? Wat ass déi reell Plus-value derhannert? Et gëtt gesot: Jo, do sinn natierlech Affekotsetüden, déi dovunner liewen. Je veux bien! Do si wahrscheinlech Affekotsetüden, déi dovunner liewen. Mä ech wéilt eng global Approche hu vun dëser Substanz a vun der Plus-value, déi wierklech erakënnt.

D'Regierung verteidegt dat. Mä wann ech aner Saache liesen, Artikelen an diversen Zeitunge liesen - ech si jo och keen Expert an der Matière, mä ech versiche mech anzeschaffen, an ech weess, datt et nach aner Leit gëtt, déi Experte sinn oder eng gewëssen Expertise hunn -, dann ass dat net ëmmer esou kloer, wéi dat hei och ëmmer esou monéiert gëtt.

Ech stellen awer just nach eng Saach fest: Et gëtt, innerhalb vun dëser Regierung, zwee Tabuen. Deen éischten Tabu sinn dann eben d'Steiernischen, déi een net soll a Fro stellen. Den zweeten Tabu ass a Wierklechkeet an eisen Aen eng gerecht Steierpolitik.

Firwat fält et der Regierung esou einfach, am Virfeld vun der Debatt vun der Steierreform eng Erofsetzung vun der Betribssteier ze annoncéieren, awer am Géigesaz vun enger Eropsetzung vum Spëtzesteiersaz ze schwätzen? Doriwwer kann een net schwätzen.

A wéi kann et sinn, datt kee Mënsch schéngt ze wëssen, wéi laang déi temporaire sougenannte Solidaritéitssteier vun 0,5% soll bestoe bleiwen? Well déi ass jo nach weiderhi virgesinn. Den Här Schneider seet eppes, deen aneren Dag seet den Här Gramegna eppes aneschters. Ech mengen, iergendeng Kéier an der Koalitioun, et geet ëm d'Steierreform d'nächst Joer, Dir musst lech iergendeng Kéier eens ginn!

Steieren, souwisou, wéi den Här Statsminister e puermol gesot huet, si Gëft fir d'Wirtschaft. Wann et awer drëms geet, d'Bevëlkerung ze besteieren, da schéngt dat net méi de Fall ze sinn! Dat stelle mer fest.

An aus all deenen Ursaachen, wéi Dir lech et kënnt virstellen, wäerte mir als déi Lénk natierlech dee Budget net matstëmmen.

Une voix.- Très bien!

3. Ordre du jour

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wagner. Ech wollt lech just nach consultéieren zu engem Punkt fir den Ordre du jour vu muer.

Op Ufro vun der juristescher Kommissioun ass proposéiert ginn, fir de Projet de loi 6718, eng Direktiv iwwert d'Kontabilitéit an deene klengen Entreprisen, dee mer den 9. Dezember 2015 ugeholl hunn, muer de Mëtteg op den Ordre du jour ze setzen, well wéinst enger Rei vun Erreurs matérielles d'Kommissioun unanime e Rapport complémentaire ugeholl huet, soudatt mer nach eng Kéier iwwert dee Projet de loi 6718 missten ofstëmmen.

Et gëtt also proposéiert, de Projet de loi als éischte Punkt vun der Sëtzung vu muer de Mëtteg op den Ordre du jour ze huelen an dat ouni Débat, wann d'Chamber domadder d'accord ass.

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn. Da soen ech lech en häerzleche Merci.

An domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Villmools Merci. Kommt gutt heem a bis muer de Moien um néng Auer!

(Fin de la séance publique à 18.56 heures)

Sommaire des séances publiques nos 11, 12 et 13

11e séance

Ouverture de la séance publique p. 159

Communications p. 159

Ordre du jour p. 159-161

6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);

3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;

6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;

9) le Code de la sécurité sociale;

10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget p. 161-165

12e séance

Ouverture de la séance publique p. 166

6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);

3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;

6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;

9) le Code de la sécurité sociale;

10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019

- Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances p. 166-167

6715 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques p. 167-169

6761 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code d'instruction criminelle aux fins de mettre en œuvre certaines dispositions de la Résolution 2178 (2014) du Conseil de Sécurité des Nations Unies p. 169-174

6886 - Projet de loi portant modification de l'article 77 alinéa 2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire p. 174

6922 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques (sans rapport et sans débats) p. 174

6878 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux p. 174-175

6905 - Projet de loi modifiant l'article 72 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau p. 175

6907 - Projet de loi modifiant l'article 3 de la loi du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles p. 175

13e séance

Ouverture de la séance publique p. 176

6900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (Abgabenordnung);

3) la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

4) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002;

5) la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'investissements de la Cité Syrdall»;

6) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation des ressources naturelles;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014;

9) le Code de la sécurité sociale;

10) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

et

6901 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2015-2019

- Débats p. 176-192

Ordre du jour p. 192